



# INFO BLAT

'08 24

**Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng**

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 29. NOVEMBER 2024




L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

# INFO BLAT 08 24


COMPTE-RENDU DU 29 NOVEMBRE 2024

4-64

MÉRITE SCOLAIRE

65

SMARTCAFÉ

66



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Joanna Hudyka Photography

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 08/2024,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU VENDREDI 29 NOVEMBRE 2024

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenia Charlé, échevine (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Eric Cillien (DP)
Elisabeth Da Silva (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)
Morgan Engel (LSAP)
Huberty Caroline (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège échevinal.**
2. **Finances communales : présentation du budget rectifié 2024 et du budget initial 2025 par le collège échevinal.**
3. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : modification ponctuelle du PAG portant sur la restructuration des parties écrite et graphique, et modification de l'article 10 concernant les emplacements de stationnement — saisine du conseil communal suivant l'article 10 de la loi du 19 juillet 20214 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.**
4. **Office social de Differdange : budget rectifié 2024 et budget initial 2025.**
5. **École de musique : organisation scolaire définitive 2024-2025 — deuxième validation.**
6. **Actes et conventions :**
   a. Acte notarié de constatation et acte de vente en état futur d'achèvement avec la société Voi SÀRL concernant le projet immobilier de logements dédiés et abordables au 98 de l'avenue du Parc-des-Sports à Oberkorn (ancien Maxim's) ;
   b. Acte notarié visant l'acquisition d'une maison unifamiliale sise à Niederkorn, 38, rue des Ligures, ainsi que d'un terrain de 6,55 a sis à Niederkorn au lieudit Auf dem Kirchenpaerchen ;
   c. Convention signée avec l'État du grand-duché de Luxembourg relative aux participations financières concernant la vente de 24 logements dans la Gravity Tower ;
   d. Contrat de vente de Lent'zen Chalet portant sur l'acquisition d'un chalet modulaire en bois ;
   e. Convention entre les communes de Differdange, Käerjeng, Pétange et Sanem au sujet de l'enseignement musical ;
   f. Contrat de prestation de service de transport de nuit Night Card ;
   g. Avenant à la convention bipartite 2024 du service d'éducation et d'accueil signé avec l'État du grand-duché de Luxembourg pour le foyer de jour Kornascht et la Bëschcrèche ;
   h. Deuxième avenant au contrat de location d'un terrain de 46,30 a situé aux abords de la rue Woiwer à Oberkorn ;
   i. Contrat de bail d'un atelier d'artiste au 58, Grand-rue, à Differdange.
7. **Règlements communaux :**
   a. Relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2025 ;
   b. Introduction de tarifs des cours de sport-loisirs pour les enfants et les personnes à besoins spécifiques au chapitre F-1 — Piscines et sport pour tous et adaptation des tarifs au chapitre E-5 — Vente de bois du Règlement des taxes, tarifs et prix ;
   c. Modification du Règlement de circulation.
   d. Règlements temporaires de circulation.
8. **Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.**

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ouvre la séance publique du conseil communal du 29 novembre à 8 h. Il annonce directement une bonne nouvelle pour les habitants de Niederkorn concernant un commerce alimentaire. Il explique qu'une entreprise alimentaire qui était active depuis deux ans à Niederkorn a quitté le Luxembourg, ce qui a suscité des inquiétudes tant pour les employés que pour les résidents, qui comptaient sur ce service.*

*Face à cette situation, le collège échevinal n'est pas resté passif. Grâce à l'engagement spontané du collège échevinal, une solution a été trouvée qui satisfait toutes les parties. Après une discussion intensive avec le propriétaire de l'immeuble, un accord a été conclu et un nouveau partenaire a rapidement été trouvé pour reprendre l'adresse. Une chaine alimentaire réputée ouvrira ses portes, permettant ainsi aux employés de conserver leur emploi et aux résidents du quartier de continuer à bénéficier d'un commerce de proximité.*

**TOM ULVELING (CSV)** *n'a pas de communication à faire lorsque le bourgmestre lui donne la parole.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *prend ensuite la parole pour évoquer la campagne nationale Orange Week, qui vise à sensibiliser à la violence contre les femmes. Il précise que cette campagne informe sur les démarches à suivre en tant que victime ou témoin de violence, et sur la gestion des émotions tant pour les victimes que pour les auteurs. La commune de Differdange participe à cette campagne avec son service à l'égalité des chances.*

*Symboliquement, les lumières devant l'Aalt Stadhaus brillent en orange pour attirer l'attention sur la campagne.*

*Concrètement, la commune organise diverses initiatives, partage des informations et met en place des ateliers de prévention dans les écoles. Un atelier d'écriture a été organisé, où les femmes concernées peuvent partager et traiter leurs expériences en les écrivant dans un cadre sécurisé.*

*Il annonce que demain, de 14 h à 17 h, la commission sera présente*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, ech si frou Iech, haut um 29. November um aacht Auer hei am Gemengesall begréissen ze dierfen an eiser Séance publique vum Gemengerot.

Den Ordre du jour hutt Der alleguer virleien. D'Diffcloud ass gutt gefëllt. Mir si voller Begeeschterung, fir déi nei Zuelen ze héieren, déi neisten Zuele vum Budget rectifié, dem Budget 2025. Loosst eis net ze vill Zäit ze verléieren an direkt op den Ordre du jour iwwergoen. Virdru wëll ech awer nach wëssen, ob Froen unzemelle sinn.

Den Här Diderich, den Här Cillien, d'Madamm Pregno. Ech soen Iech Merci.

Mir géifen dann zu deene Froen kommen tëschent der Séance publique an der Séance non-publique.

Punkt 1, d'Kommunikatioune vum Schäfferot. Ech géif vun der Geleeënheet profitéieren, fir deenen Nidderkuerer Leit eng gutt Neiegkeet matzedeelen. Mir wëssen, ee Liewensmëttelkonzern, deen zënter zwee Joer zu Nidderkuer aktiv war, huet Lëtzebuerg verlooss. Dës Entwécklung huet vill Froen opgeworf, net nëmme fir d'Mataarbechter, mee och fir d'Awunner, déi op dëse Service gezielt hunn. Eng eidel Epicerie ass ëmmer e bedréckend Zeechen, net nëmme fir d'Wirtschaft, mee och fir de soziale Stoff vun engem Quartier.

Ech si frou, Iech haut matzedeelen, dass mir net passiv nogekuckt hunn. Mat dem spontanen an engagéierten Asaz vum Schäfferot ass et eis gelongen, eng Léisung ze fannen, déi alle Parteie gerecht gëtt. An enger intensiver Diskussioun mam Proprietär vun der Immobilie hu mer een Accord fonnt an et ass eis séier gelongen, een neie Partner ze fannen, deen déi Adress iwwerhëlt.

E renomméierte Liewensmëttelkonzern wäert hei seng Dieren opmaachen. Dëst bedeit, dass déi beschäftegt Leit um Site hir Aarbechtsplaz behale wäerten. Mee net nëmmen dat, d'Awunner aus dem Quartier wäerten net op hire Selfservice verzichte mussen.

Ech wëll dës Geleeënheet notzen, fir dem Schäfferot fir seng séier an effektiv Aarbecht Merci ze soen. Zesummen hu mer bewisen, dass mir och a schwieregen Zäiten zolidd a solidaresch handelen. Mir bleiwen zouversiichtlech, dass Nidderkuer och an Zukunft weider wuessen a sech entwéckele wäert.

Ech soen Iech Merci.

Dann hätte mer nach eng Kommunikatioun vum Här Hartung.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbierger, Vertrieder vun der Press, gudde Moien. Aktuell leeft jo déi national Campagne vun der Orange Week, d'Campagne, fir op d'Gewalt géint Fraen opmierksam ze maachen. Notamment duerch Sensibiliséierung, wat ee soll maachen, wann een Affer oder Zeie vu Gewalt ass, oder wéi ee mat senge Gefiller ëmgoe kann als Affer, awer och als Täter am Sënn vun der Preventioun.

All Joer participéiere mir mat eisem Chancëgläichheetsservice vun der Déifferdenger Gemeng. Symbolesch, zum Beispill, andeems d'Luuchte virum Ale Stadhaus orange schéngen, fir d'Leit op d'Campagne opmierksam ze maachen. Konkreet: mat verschidden Initiativen, Matdeele vun Informatiounen oder Preventiounsatelieren an eise Schoulen. Et gouf een Atelier d'écriture vum Service organiséiert, wou betraffe Fraen hiert Erlieftes matdeelen a verschaffen, andeem si et an engem gebuergene Kader néierschreiwe kënnen.

Muer ass d'Kommissioun mat der Associatioun Femmes en détresse an der Galerie Opkorn vu 14 bis 17 Auer, fir zu dësem Theema d'Leit ze sensibiliséieren a Gadgeten ze verkafen, fir dës Cause ze ënnerstëtzen.

D'Kommissioun luet Iech häerzlech an, Iech deem unzeschléissen. Um 15:30 Auer ass ee Verre de l'amitié virgesinn.

Weider hu mer un enger klenger Unitéit vu véier Logements d'urgence fir jonk Frae vun Déifferdeng, eleng oder monoparental, geschafft, fir hinnen een zäitweilegen Ënnerdaach mat engem soziale Suivi respektiv Projet unzebidden.

An dësem Kader muss ee wëssen, datt besonnesch Meedercher a Fraen an enger Situation de détresse riskéieren, Abus ausgesat ze sinn, an datt d'Chambres meublées sech éischter u Männer riichten a wann et eng Situation mixte ass, dëst keng glécklech Léisung duerstellt.

D'Aarbechten un der Logementsstruktur sinn ofgeschloss, de CGDIS huet et kontrolléiert. Lescht Finitioune punkto Miwwléierung gi gemaach, an dann ass et fir an engem Mount prett. Hei schaffe mer natierlech och enk mat eisem Office social zesummen.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. D'Madamm Pregno hat d'Wuert gefrot.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Altmeisch. Dir hat mech net gekuckt, Dir waart esou houfreg, iwwer dee Commerce ze schwätzen. Doriwwer eraus och eis Felicitatiounen, well mir Nidderkuerer ware scho ganz a Suerg, wéi a wou mer dann elo schnell nach kéinten ee Liter Mëllech kafe goen, wann eis dee feelt.

Ech froen d'Wuert, well déi gréng Fraktioun wollt froen, fir de Punkt 6a vum Ordre du jour huelen ze loossen. Do geet et ëm den Acte notarié mat VOI fir den Ancien Maxim's. Et ass net d'Finalitéit, déi mer a Fro stelle vun de Studentewunnengen. Mir sinn nach ëmmer absolutt iwwerzeegt, dass Déifferdeng dat brauch. Mee bei enger déifgräifender Analys an eiser Fraktioun hu mir Bedenken, wat déi finanziell Transaktioun hei ugeet, a wollten de Schäfferot froen, fir dee Punkt erofzehuelen a mat e bëssi Recul och déi Analys vläicht nozevollzéien, déi mir gemaach haten. Villmools merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Mee mer kënne beim Punkt 6a jo iwwer deen Detail do schwätzen. Ech sinn der Meenung, dass mer dee Punkt awer kënnen um Ordre du jour stoe loossen, well mer hunn Argumenter genuch a Beweiser genuch, fir dat um Ordre du jour stoen ze loossen. Ech gesinn net an, dass mer dat elo mussen erofhuelen. Mir wäerten am Punkt 6a méi am Detail op déi aner Säit dann agoen an eis do déi néideg Erklärunge liwweren.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Okay. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Da kéime mer zum Punkt 2, de Gemengefinanzen, der Presentatioun vum Budget rectifié.

Pardon, den Här Cillien nach. Normal ass et zwar esou, datt mer d'Froen duerno maachen.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Ma da loossen ech d'Fro fir herno. Dat ass okay. Ech wollt Iech dat verkierzen. Mee da maache mer dat herno.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Okay. Wann elo eng weider Fro nach kënnt, dann huelen ech déi nach gär mat op, fir virun der Non-publique opzehuelen. Soss hale mer eis net un den Ordre du jour. Merci fir Äert Verständnis, Här Cillien.

Da kéime mer zum Punkt 2, de Gemengefinanzen, der Presentatioun vum Budget säitens dem Schäfferot. Ech géif mat der Presentatioun ufänken. Ier ech méi genee op d'Zuele vum Budget rectifié 2024 an dem Budget initial 2025 aginn, erlaabt mer, op e puer Punkten anzegoen, déi verantwortlech si fir déi global finanziell Situatioun an eisem Land an deemno och an eiser Gemeng.

*avec l'association Femmes en détresse à la galerie Opkorn pour sensibiliser le public et vendre des gadgets au profit de cette cause.*
*Il évoque également la création d'une petite unité de quatre logements d'urgence pour jeunes femmes de Differdange, seules ou monoparentales, offrant un hébergement temporaire avec un suivi social. Les travaux sont terminés et la structure sera prête dans un mois.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *félicite le collège échevinal pour la solution trouvée concernant le commerce à Niederkorn.*
*Elle demande ensuite de retirer le point 6a) de l'ordre du jour concernant une transaction immobilière pour l'ancien « Maxim's ». Elle précise que son groupe ne remet pas en question la finalité du projet de logements étudiants, mais exprime des préoccupations concernant la transaction financière après une analyse approfondie au sein de sa fraction.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *refuse de retirer ce point, estimant avoir suffisamment d'arguments et de preuves pour le maintenir, et propose d'en discuter plus en détail lors de l'examen du point 6a).*

**ERIC CILLIEN (DP)** *demande la parole.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *commence sa présentation du budget en exposant le contexte économique global, qui influence la situation financière de la commune. Il évoque les conflits mondiaux, les crises humanitaires et les catastrophes environnementales, qui ont entraîné une année économique difficile en 2023, avec une inflation élevée et un effondrement de la croissance du commerce mondial.*

*Le bourgmestre identifie trois tendances observées en 2023: les crises géopolitiques provoquant une nervosité économique mondiale, une baisse tendancielle du taux d'inflation, notamment sur les prix des matières premières, et un renforcement de la croissance commerciale. Il précise que le taux d'inflation devrait se stabiliser autour de 2,1 % pour 2024, avec une croissance réelle du PIB luxembourgeois estimée à 1,5 %, selon le Statec.*
*Malgré cette légère amélioration, Guy Altmeisch souligne que des risques macroéconomiques persistent et influencent le développement des dotations communales. L'indice de consommation reste faible, et certains secteurs économiques luxembourgeois connaissent des difficultés. Il note particulièrement les problèmes dans les secteurs de la construction et de l'Horeca. La construction d'immeubles a connu une chute de 16 % de sa valeur ajoutée brute depuis 2022, contre seulement 1 % dans la zone euro. Ce secteur représente 44 % des pertes d'emplois dues aux faillites.*
*Le taux de chômage s'établit actuellement à 5,8 % avec une tendance à la hausse. Le bourgmestre signale des hausses de 10 % à 20 % dans le secteur de la construction et une augmentation annoncée de près de 30 % pour l'électricité en 2025. Concernant les prix du pétrole, après une légère hausse de 1 % entre janvier et juillet, ils ont fortement baissé d'environ 12 % jusqu'en novembre, ce qui a légèrement apaisé le marché.*
*Le bourgmestre explique que ces évolutions économiques influencent les budgets nationaux et communaux. L'inflation, qui était de 5,8 % en janvier 2023, devrait terminer 2024 à 2,1 %, avec une prévision de 2,5 % pour 2025, selon le Statec. La baisse du taux d'inflation depuis juillet 2024 a entrainé une réduction des taux directeurs, qui, après avoir atteint un pic de 4,5 % en septembre 2023, sont désormais à 3,4 %.*
*En ce qui concerne les finances communales, les dépenses de personnel représentent 51,8 % des couts opérationnels, avec 800 sala-*

Iwwerall op der Welt gëtt et Kricher, Konflikter, humanitär Krisen, Ëmwelt- a Klimakatastrophen. Dës schrecklech Situatioun huet fir ee schwaacht Wirtschaftsjoer 2023 mat héijer Inflatioun gesuergt. Mat der Folleg, dass de globalen Handelswuesstum zesummegebrach ass. 2023 sinn dräi Tendenzen opgefall: Geopolitesch Krisen an nei Risike fir Liwwerkette suerge fir eng enorm Nervositéit vun der Weltwirtschaftslag.

Déi tendenziell Baisse vun der Inflatiounsrat, virun allem bei de Rohstoffpräisser, huet de Wuesstum vum Handel nei gestäerkt an eis zu neiem Liewe verhollef. D'Inflatiounsrat wäert sech fir 2024 bei ronn 2,1 % apendelen. Mat der Folleg fir d'Ekonomie, dass dee reelle PIB-Wuesstum fir Lëtzebuerg dierft 2024 mat 1,5 % ofschléissen, no de leschten Estimatioune vum Statec.

Nichtstdestotrotz bleiwen d'makroekonomesch Risiken op der Dagesuerdnung, déi och en Impakt op d'Entwécklung vun eise Gemengendotatiounen hunn.

De Konsumentenindex bleift weiderhin niddreg mat Vue op d'geopolitesch Situatioun. Och a Relatioun mat dem Bausecteur, mee och aner Secteure vun der lëtzebuergescher Ekonomie hu Probleemer.

Beim Bauindex kucke mir op Präisser vum Material an de Präis vun der Aarbecht a stelle fest, dass de Baupräis haut manner schnell wéi 2023 klëmmt.

Trotz dësen dach liicht verbesserte Virgaben, komme verschidde Secteuren, wéi zum Beispill d'Konstruktioun an d'HoReCa, un d'Struewelen.

Bei der Konstruktioun hu mir ee reegelrechten Abroch vun der Valeure ajoutée brute bei der Konstruktioun vun den Immeublen: minus 16 % säit 2022 par rapport zu minus 1 % an der Eurozon.

44 % vun de Gesamtpertë vun den Aarbechtsplaze bedéngt duerch Faillitten aus dem Constructeurssecteur. De Chômage gëtt also beaflosst duerch dës Schwächt vun engem vun eise Secteurs clés.

Aktuell läit de Chômagetaux bei 5,8 %, mat steigender Tendenz bedéngt doduerch, dass den HoReCa-Secteur staark volatil ass.

Fir Privatleit a Gemenge sinn Haussë vun 10 % bis 20 % beim Verrechne vun der Bausubstanz leider Alldag. Fir d'Elektresch huet sech eng Hausse vun no bei 30 % fir 2025 ugekënnegt. Nei Tariffer vum Reseau an eng Hausse vum Stolpräis sinn dofir responsabel.

Waren d'Präisser vum Pëtrol vu Januar bis Juli nach mat 1 % liicht an der Hausse, gounge se awer vu Juli bis November staark zréck, mat ronn minus 12 % fir Abrëll. Soudass de Maart vun haut sech liicht berouegt huet.

D'Liewensmëttelen hunn an hirer Präisdeierecht eng liicht Tendenz no uewen, mat 1,3 %, mee den Impakt op d'Gesamtinflatioun ass minimal.

National, a logescherweis och kommunal, ginn d'Budgeten duerch dës Entwécklung beaflosst. Am Joer 2023 hate mir eng Inflatioun am Januar vu 5,8 % a mir wäerten dëst Joer mat 2,1 % ofschléissen. D'Previsioun fir 2025, laut dem Statec, läit haut bei 2,5 %.

Säit Juli 2024 huet dëse Réckgang vun der Inflatiounsrat eng Baisse vun de Leetzënsen als Folleg. Am September 2023 war den Héchststand vun de Leetzënse bei 4,5 %. D'Baisse vun de Leetzënse bis Oktober 2024 huet sech elo bei 3,4 % agependelt. Den 12. Dezember 2024 ginn d'Ekonome vun enger weiderer Baisse vu 25 Basispunkten aus, mat enger Tendenz, dass de Leetzëns Enn 2025 bei 2,5 % bis 2,25 % leie wäert.

D'Personalausgaben hei an eiser Gemeng maachen 51,8 % vun eise Betribskäschten aus. Mir zielen haut 800 Salariéen, déi fir eis Gemeng schaffen. D'Personalkäschten, mat de Charges patronales, maachen am Rectifié 2024 70,42 Milliounen Euro aus, bei 135,7 Millioune gesamtoperationellen Ausgaben.

Fir 2025 si mer bei 76,7 Millioune Personalkäschte bei 141,5 Milliounen Euro gesamtoperationellen Ausgaben. Woumat eise Personalkäschteratio zu de gesamt lafende Käschten op 54,2 % klamme wäert.

Déi virdru genannten Ëmstänn sinn eng enorm Belaaschtung fir eis national Ekonomie. Eisen Aarbechtsmaart steet viru groussen Erausfuerderungen.

Firwat dësen Ausfluch an d'Makroekonomie? Mir sinn der Meenung, dass dës Erklärunge vun de wirtschaftlechen Zesummenhäng an d'Verhale vu verschiddene Secteure musse kloer sinn, ier mer kënnen eng fair an offen Diskussioun iwwer eise Budget féieren. Virsiicht a Virausdenken ass bei der Opstellung vum Budget onbedéngt erfuerdert, fir eng ausgeglachen Zukunft ze garantéieren. Dëse Schäfferot ass sech deem zu 100 % bewosst.

Et géif ze wäit féieren, an den Detail vum Budget anzegoen. Erlaabt mer, bei deene grousse Linnen ze bleiwen an d'Tendenzen ze erklären.

D'Schéier tëschent de Recetten an den Depensen am ordinären Exercice geet zou. Mir gesinn, dass eis Recetten, lafend Einname vun 2021 op haut dem Budget 2025 iwwer 42,7 % zouhuelen. Dat entspréicht enger duerchschnëttlecher Wachstumsrat vu 7,38 %.

Eis Depensen, d'lafend Ausgaben, klammen an där selwechter Zäitperiod ëm 51,0 %, wat enger duerchschnëttlecher Wuesstumsrat vun 8,58 % entspréicht.

Dowéinst klëmmt eisen ordinären Iwwerschoss manner schnell a pendelt sech bei duerchschnëttlech 4,47 % an iwwer dësem Zäitintervall vun 2021 op 2025.

Hate mer 2022 nach mat engem ordinären Iwwerschoss vun 48,05 Milliounen ofgeschloss, sou ass deen, duerch déi genannten Ursaachen, 2023 op 41,48 Millioune gefall.

Duerch déi genannte Berouegung op de Marchéen, virun allem bei der Energiepräisinflatioun, kënne mir den Iwwerschoss awer erëm stabiliséieren a kommen, souzesoen, op den Niveau vun 2022 zréck, mat engem estiméierten Iwwerschoss vu 46,57 Milliounen Euro.

Duerch konsequent Retarde bei de Liquidatioune vun zougestane Subside säitens dem Staat, awer och bedéngt duerch en héije Bruttoinvest mat héije Präisopschléi um Bau, bedéngt duerch d'Energiekris clôturéiere mer den Exercice 2023 mat engem Mali vu knapp 24 Milliounen Euro.

Dës Ëmstänn drécken natierlech eis eege Mëttelen no ënnen. An trotz enger gudder Erhuelung vum operationelle Boni 2024, falen eis eege Mëttelen op en historeschen Déif vun 21,6 Milliounen Euro.

Dës eege Capacitéit stéisst op e Bruttoinvest vun 100 Milliounen, minus Préfinancements vun der EIDE an dem Polizeigebai.

Déi berengegt extraordinär Recetten, Subsiden, Police an EIDE vun 41 Milliounen Euro erginn en Nettoimpakt vu 60 Milliounen Euro, déi musse finanzéiert ginn. Mat eisen 21,6 Milliounen Euro eege Mëttelen bleiwen nach ëmmerhin 39 Milliounen Investissementer, déi musse gedeckt ginn.

Dofir huet de Budget rectifié 2024 haut och nach ëmmer een Emprunt compensatoire vu 26 Milliounen Euro astoen, vun deenen der op haut 13 Millioune gezu goufen. Deemno huet de Rectifié 2024 haut ee Gesamtmali vun 13,3 Milliounen nach astoen.

Den Emprunt vun 13 Milliounen, déi mir 2023 gezunn hunn, kascht eis ronn 1,4 Milliounen Euro d'Joer. Den Emprunt vu 26 Milliounen, déi mer 2024 astoen hunn a vun deene mer 13 Millioune gezunn hunn, bezuele mer eng Annuitéit vun 849.000 Euro am Exercice 2025. Dëst opgrond vun engem besseren Euribord an eiser Offer fir den Emprunt.

Am Fréijoer 2025 gi follgend grouss Projeten ofgeschloss: d'Sportshal zu Uewerkuer, d'Schoul um Bock, de CID Nidderkuer an d'Renovatioun vun der Schoul zu Nidderkuer

Nei Projete sti fir 2025 op eiser To-Do-Lëscht, bedéngt duerch eise Wuesstum, sinn:
Eng nei Schoul Déifferdeng-Zentrum.
Eist Gemengenhaus muss un déi haiteg Awunnerzuel ugepasst ginn, eng Deel-Renovéierung respektiv Neibau starte mer 2025.

D'Schwämm zu Uewerkuer gëtt ausgebaut an deelweis renovéiert.

*riés. Ces couts s'élèvent à 70,42 millions d'euros en 2024 et sont prévus à 76,7 millions pour 2025, faisant grimper le ratio des couts de personnel à 54,2 % des dépenses opérationnelles totales.*
*Guy Altmeisch observe que l'écart entre recettes et dépenses ordinaires se réduit, avec des recettes augmentant de 42,7 % depuis 2021 (croissance moyenne de 7,38 %), alors que les dépenses progressent de 51 % (croissance moyenne de 8,58 %). L'excédent ordinaire se stabilise autour de 46,57 millions d'euros pour 2024, après être tombé à 41,48 millions en 2023.*
*Le bourgmestre continue en mentionnant que les moyens propres de la commune ont atteint un niveau historiquement bas de 21,6 millions d'euros, face à des investissements bruts de 100 millions, créant un besoin de financement de 39 millions d'euros.*
*Guy Altmeisch explique que le budget rectifié 2024 comprend un emprunt compensatoire de 26 millions d'euros, dont 13 millions ont déjà été utilisés, laissant un déficit total de 13,3 millions d'euros. L'emprunt de 13 millions contracté en 2023 coute environ 1,4 million d'euros par an, tandis que celui de 26 millions prévu pour 2024 génère une annuité de 849 000 € pour l'exercice 2025, grâce à un meilleur taux Euribor.*
*Il annonce l'achèvement au printemps 2025 de plusieurs grands projets : la salle de sport à Oberkorn, l'école Bock, le CID à Niederkorn et la rénovation de l'école de Niederkorn. De nouveaux projets sont prévus pour 2025 en raison de la croissance démographique, notamment une nouvelle école au centre de Differdange, l'adaptation de l'hôtel de ville, l'agrandissement de la piscine d'Oberkorn et des rénovations de routes et de stades de football.*

*L'excédent du budget ordinaire rectifié 2024 s'élève à 46,5 millions d'euros. Avec le déficit du compte annuel 2023 de 29,9 millions, cela donne un report d'environ 21,6 millions à investir dans le budget extraordinaire, réduisant les fonds propres à un niveau historiquement bas en 2024. L'investissement brut s'élève à 101,9 millions d'euros, tandis que les 154,8 millions budgétisés incluent 52,9 millions pour rembourser les préfinancements de l'EIDE et du bâtiment de police.*
*Face à ces dépenses, les recettes atteignent 40,9 millions d'euros, les 93,8 millions budgétisés comprenant les avances de l'État pour la cession de l'EIDE et du bâtiment de police. La commune supporte ainsi un effet net d'investissements d'environ 61 millions d'euros en 2024. Avec un emprunt de 26 millions prévu au budget initial, un déficit de 13,4 millions subsiste pour 2024.*
*Pour le budget initial 2025, les recettes ordinaires s'élèvent à 193,8 millions d'euros, en hausse de 6,3 % par rapport à 2024, dont 68 % proviennent d'une dotation étatique de 132,43 millions, soit une augmentation de 3,8 % par rapport à 2024 et de 17,2 % par rapport à 2023. Les dépenses ordinaires atteignent 141,5 millions (incluant 7 millions d'annuités d'emprunts), en hausse de 4,2 %. Pour la première fois depuis 2022, les revenus courants augmentent plus vite que les dépenses.*
*Cela génère un excédent opérationnel d'environ 52,4 millions d'euros pour l'extraordinaire, permettant aux fonds propres de se rétablir à 38,68 millions malgré les déficits antérieurs. L'investissement brut prévu pour 2025 atteint 100,2 millions, avec notamment des acquisitions de logements abordables (22,6 millions), la modernisation de l'hôtel de ville (8 millions), des factures restantes pour l'EIDE (6 millions), ainsi que des investissements pour le CID, l'école Bock et l'Aquasud.*

Renovatiounen am Stroossebau an un eise Fussballstadione sinn dréngend néideg.

Dës sinn nëmmen e puer Opzielungen. Déi jeeweileg Schäffe wäerten Iech déi finanziell Detailer vun hirer Ressorte liwweren.

Als Iwwerschoss am ordinäre Budget rectifié 2024 sti 46,5 Milliounen Euro. Dobäi kënnt ee Mali aus dem Compte annuel vun 2023 vun 29,9 Milliounen Euro. Wat insgesamt e Report vu ronn 21,6 Milliounen Euro ausmécht, déi mir an de Budget extraordinaire kënnen investéieren. Domat falen eis eege Mëttelen op en historeschen Déif 2024.

De Bruttoinvest bedréit 101,9 Milliounen Euro. Déi 154,8 Milliounen Euro, déi budgetiséiert sinn, beinhalten déi 52,9 Milliounen Euro, déi genotzt ginn, fir d'Lignes de préfinancement fir d'EIDE an d'Polizeigebai zréckzebezuelen.

Deem sti 40,9 Milliounen Euro als Recettë géigeniwwer. Déi 93,8 Milliounen Euro, déi budgetiséiert goufen, beinhalten d'Einnamen als Akkont vum Staat fir d'Cessatioun vun der EIDE, 34,4 Milliounen, a vum Polizeigebai, 18,5 Milliounen Euro. Soudass mir, Stand haut, 2024, en Nettoimpakt vun eisen Investissementer vu ronn 61 Milliounen Euro droe mussen.

Mir hunn deementspriechend 2024, Stand vun haut, déi Finanzéierungslag vun 39,3 Milliounen Euro ze droen. Nettoimpakt vun 61 Millioune minus eege Mëttele vun 21,6 Milliounen. Wéi schonns am Budget initial 2024 virgesinn, hu mir jo och an deem Sënn en Emprunt vu 26 Milliounen agedroen. Soudass mer 2024 ee Mali vun 13,4 Milliounen am Buch stoen hunn.

2024 gëtt de Bruttoinvest dominéiert vun engem CID mat 25 Milliounen Euro, dem Centre sportif John Scheuren, d'Phas 2 vun 11 Milliounen Euro, an dem Campus scolaire Bock, iwwer 9 Milliounen Euro.

An de Recetten am Extraordinär stinn, nieft den Akkonte vum Staat fir d'EIDE an dem Polizeigebai an Héicht vun engem Gesamtmontant vun 52,9 Milliounen Euro, virun allem d'Subsiden am Kader vun Acquisitioun a Renovatioune vun Immeuble mat 5,5 Milliounen Euro am Buch.

Zum Budget initial 2025.

Am Budget initial 2025 hu mir an de Recettes ordinaires e Gesamtvolume vun 193,8 Milliounen Euro, wat u sech eng Augmentatioun vu 6,3 % par rapport zum Budget rectifié vun 2024 ass.

Et muss een awer ënnersträichen, dass vun deenen 193,8 Milliounen ordinär eng ronn 68 % vun enger Dotatioun vum Staat kënnt. Dat sinn 132,43 Milliounen Euro fir d'Stad Déifferdeng, laut Circulaire ministérielle ee Plus vun 3,8 % par rapport zum Joer 2024 an eng massiv Augmentatioun vu 17,2 %, am Verglach zu 2023.

Domat kënnen eis lafend Fonctionnementskäschten an eis legal Missioune gedeckt ginn an deementspriechend garantéiert ginn.

D'Dépenses ordinaires belafe sech op 134,5 Milliounen Euro, ouni eis Finanzausgaben duerch gesamt Annuitéiten an enger Héicht vu siwe Milliounen Euro fir eise lafenden Emprunt, y inclus déi 13 Milliounen, déi mer 2024 gezunn hunn. An ouni déi zwou Prefinanzement-Linne klammen eis Gesamtausgaben op 141,5 Milliounen Euro. Eng Augmentatioun vu 4,2 % par rapport zum Budget rectifié 2024.

Domat klammen eng éischte Kéier säit 2022 eis lafend Einnamen erëm méi schnell wéi d'lafend Ausgaben.

Dat ergëtt een operationellen Iwwerschoss vu ronn 52,4 Milliounen Euro, déi mir kënnen op den Extraordinär iwwerdroen. Domat erhuele sech eis Eegemëttelen erëm, trotz dem Mali vun 2023 an deem erwaarte Mali 2024, vun 13,3 Milliounen haut op staark 38,68 Milliounen Euro. Dës wär ee Plus vu 17,4 Milliounen Euro oder 80,5 % par rapport zu 2024.

Am Exercice 2025 hu mir e geplangte Bruttoinvest vun 100,2 Milliounen Euro. Zu deene grousse Bruttoinvestissementer 2025 gehéieren:

D'Acquisitiounen am Kader vum Logement abordable vun 22,6 Milliounen Euro.

D'Modernisatioun vum Hôtel de Ville an Héicht vun aacht Milliounen Euro.

D'EIDE mat weiderhi Facturen an Héicht vu ronn sechs Milliounen Euro. Lescht Tranchë fir deen neie CID mat ronn fënnef Milliounen Euro.

Véier Milliounen Euro fir d'Bockschoul.

Eng éischt Tranche vun dräi Milliounen Euro fir de geplangten Ausbau an d'Moderniséierung vum Aquasud.

Bei den 69,2 Milliounen Euro fir Subsiden, Ventes etc. sti virun allem déi néng Milliounen als verbleiwenden Dekont vum Staat fir d'EIDE a ronn 6,5 Millioune fir d'Polizeigebai.

Eng 14,7 Millioune si budgetiséiert Subside vum Staat fir d'Acquisitioun an d'Renovéierung vun Immeublen. Ech schwätzen do vum ale Gebai vum Monopol an der Rue de la Liberté an dem Ancien Maxim's an der Rue Parc des Sports. An do sinn nach aner Gebaier, déi opgelëscht sinn.

Et stinn awer och endlech déi 12,5 Milliounen Euro Subsid am Kader vum Gravity zu Buch. Den Nettoimpakt vun 32,77 Milliounen Euro fir Investissementer stéisst op aktuell Eegemëttelen 2025 an der Héicht vun 38,98 Milliounen Euro. Dëst erkläert dann och de Gesamtiwwerschoss vum Exercice 2025 an Héicht vu 6,21 Milliounen Euro.

Ech wéilt kuerz op meng weider Ressorten agoen.

Fir eis Sécherheet gëtt eise Service informatique mat neien Ufuerderunge konfrontéiert. Iwwerwaachung vun eise Gebaier, Parken a Schoule gëtt weider staark geférdert. Am ëffentleche Raum ginn Iwwerwaachungskameraen agesat – ee mega Schratt no vir a Relatioun mam Sécherheetsgefill fir eis Bierger.

A Relatioun zum Budget CGDIS an TICE bleift mir Follgendes ze soen:

Am Budget 2025 si 463.000 Euro fir eis Rettungsdéngschter virgesinn, als Verglach zum Budget 2024, wou nach 1.650.000 virgesi war. Dës positiv Entwécklung ass op der Säit 12 vum Budget detailléiert erkläert.

Punkto TICE komme mir vu 5,5 Milliounen op 4,03 Milliounen, also ronn 1,47 Millioune manner. Dozou muss ech Follgendes erklären: Den TICE huet eng nei provisoresch Konventioun mam Staat ausgehandelt. An dësem Schreiwes ass genau festgeluecht wéi vill Geld vum Ministère investéiert gëtt, fir den Transport public am Süden ze garantéieren.

Dës Konventioun ass gëlteg bis Dezember 2025. Duerno gëtt dëse Provisorium duerch eng definitiv Versioun ersat. D'Detailer vun dëser Konventioun, déi nach a Verhandlunge mat deene verschiddene Ministèren, Ministère de Transport, Ministère des Finances stécht, kann ech leider nach net public maachen, ier se ënnerschriwwen ass.

D'Zuele fänken un ze beweisen, dass déi Zäit, déi de Schäfferot investéiert, fir nei Aarbechtsplazen op Déifferdeng ze kréien, ganz wichteg ass. Den Nidderkuerer Mall ass an der Bauphas. D'Notzungsfläch huet e Potenzial vun ëmmerhi ronn 500 Aarbechtsplazen. Den Essentiel huet säi Kontrakt mam 1535° verlängert, ronn 70 Aarbechtsplaze goufe geséchert.

D'Lunex baut bäi a verduebelt d'Zuel vun de Studenten. Dat sinn der elo ronn 1.100 am Wantersemester, an d'Tendenz soll bis zu 2.000 Schüler opweisen.

D'Phas zwee vum Institut Emile Metz ass ofgeschloss, an d'Phas dräi ass schonn an der Planung. Hei schwätze mer vun 1.200 Schüler an 200 Proffen.

Och eis international Schoul an der Entrée de la ville plangt eng Erweiderung vun der Infrastruktur, a mir leeden nees dëse Projet mat.

Ech kommen zum Schluss vu menger Budgetsried. All meng genannten Zuele fannt Dir am Libellé vun eisem Budgetsdokument zréck. Dës Zuele sinn haut gëlteg. Mir wëssen awer net, wat méiglecherweis a sechs Méint vun eis gefuerdert wäert ginn.

Den Iwwerschoss vu 6,2 Milliounen Euro fir 2025 gëtt eis wichteg Loft, no engem héijen Investmentniveau an zwou grousse Krisen: COVID, Energiepräis-Kris, déi fir abriechend Eegemët-

*Les 69,2 millions de recettes extraordinaires comprennent le solde de l'État pour l'EIDE et le bâtiment de police, et 14,7 millions de subventions pour l'acquisition et la rénovation d'immeubles. L'impact net de 32,77 millions pour les investissements, face aux ressources propres de 38,98 millions, explique l'excédent global de 6,21 millions prévu pour 2025.*
*Concernant ses autres attributions, il mentionne le renforcement de la sécurité à travers la surveillance des bâtiments publics et l'installation de caméras. Le budget du CGDIS passe de 1,65 million en 2024 à 463 000 € en 2025, tandis que celui du TICE diminue de 5,5 à 4,03 millions grâce à une nouvelle convention provisoire avec l'État, valable jusqu'en décembre 2025.*
*Guy Altmeisch souligne que les efforts du collège échevinal pour attirer des emplois à Differdange portent leurs fruits. Il évoque le Niederkorn Mall en phase de construction, qui représente un potentiel de 500 emplois. Il mentionne que « L'Essentiel » a prolongé son contrat avec le 1535°, sécurisant 70 emplois. LU:NEX développe ses activités et double le nombre d'étudiants, atteignant 1100 au semestre d'hiver avec une tendance vers 2000 étudiants. La phase 2 de l'institut Émile-Metz est achevée et la phase 3 est en planification, concernant 1200 élèves et 200 professeurs. L'école internationale prévoit également une extension de ses infrastructures.*
*Guy Altmeisch annonce un excédent budgétaire de 6,2 millions d'euros pour 2025, offrant une marge de manœuvre importante après deux grandes crises : la COVID et la crise énergétique.*

*La dette totale de Differdange s'élève à 68,65 millions d'euros fin 2024, soit environ 2232 € par habitant, plaçant la ville dans la moyenne inférieure par rapport aux autres communes. Ce budget prudent permet de poursuivre les investissements au service des habitants.*
*Altmeisch insiste sur la nécessité d'investir dans le logement abordable, incluant les logements étudiants. Il rappelle que 54 logements étudiants sont en création pour LU:NEX et 120 logements universitaires sont prévus avenue de la Liberté. Il souligne l'importance de créer des emplois locaux, de réhabiliter progressivement le centre-ville et d'investir dans la santé et les loisirs. L'extension d'Aquasud avec un centre de thérapie par le mouvement, en partenariat avec le CHEM et LU:NEX, constitue une étape importante.*
*Concernant la politique climatique, il mentionne que Differdange est le seul ambassadeur luxembourgeois du programme européen NetZeroCities. Le projet de géothermie au parc des Sports a été retenu comme projet subventionnable par Bruxelles, permettant à Aquasud de devenir climatiquement neutre.*
*Il se réjouit du projet de loi permettant à la ville de financer des installations photovoltaïques dans les logements sociaux.*
*Malgré la situation économique nationale, la commune maintient le montant actuel de l'allocation de solidarité.*

tele gesuergt hunn. Déi weider ugespaante Situatioun um Cashflow, mee och déi am Ufank genannte makroekonomesch Risiken, sollen eis awer weiderhin zur Virsiicht an der Wäitsiicht opruffen. An dat weist dëse Budgetsprojet kloer och aus.

De Gesamtscholdestand vun der Stad Déifferdeng beleeft sech Enn 2024 op 68,65 Milliounen Euro. Wat eng Pro-Kapp-Verschëldung vu ronn 2.232 Euro ausmécht. Domat leie mir weiderhin am ënneschte Mëttelfeld am Verglach zu anere Gemengen.

Dëse virsiichtege Budget erlaabt eis awer och weider Investitiounen zum Wuel vun all eisen Awunner. Nei Investitioune musse mir virop awer méi kritesch ugoen, eis selwer strikt Finanzenveloppe setzen a gegeebenefalls och Verhandlungsverfare bei gréissere Projeten ustriewen. Well Déifferdeng brauch als Regionalzentrum hei am Kordall och weider innovativ a couragéiert Visiounen.

Mir sollen net, mir musse permanent an de Logement abordable investéieren. Dozou gehéieren och Studentewunnengen. D'Lunex zielt, zum Beispill, op haut, wéi schonns gesot, iwwer 1.100 Studenten op hirem Site. An der Noperschaft entsti ronn 54 Studentewunnenge fir de Besoin vun dëser Schoul. An der Rue de la Liberté ginn 120 Studentewunnenge geschafe fir eis Universitéiten.

Weider musse mir zousätzlech lokal Aarbechtsplaze schafen. Do besteet nach wie vor een akuten Nohuelbedarf.

Eise Stadkär muss progressiv sanéiert ginn an nees zur gewënschter Openthaltsqualitéit fannen. D'Dagesaktivitéite musse progressiv klammen, fir esou eise lokale Kreeslaf nees ze stäerken. Heizou droen, ënner anerem, och eis Lycéeën an eis Uni-Sitte mat bäi.

Och gëllt et weider, fir Jonk an Al a Gesondheet, Beweegung Sport a Fräizäit ze investéieren. D'Erweiderung vum Aquasud mat engem ugeduechte Beweegungstherapiezenter a Partnerschaft mam CHEM a mat der Lunex ass hei ee wichtege Meilesteen, virun allem an enger Phas, wou den Equiliber vun eiser Gesondheetskeess a Gefor ass.

Ofschléissend nach e puer Wuert zu eiser sozialer Klimapolitik. Als eenzege Lëtzebuerger Ambassadeur am europäeschen NetZeroCities-Programm schafft eisen Aarbechtsgrupp behäerzt un neie klimaneutrale Konzepter. Woubäi beispillsweis eise Geothermie-Projet am Parc des Sports schonn als subventionabele Projet vu Bréissel zréckbehale gouf. Dëst bedeit am Endeffekt, dass eise groussen hauseegene Consommateur, den Aquasud, herno klimaneutral wäert sinn.

Am Joer 2025 wäerte mir progressiv weider konkreet Projeten opdëschen.

Mat grousser Freed hëlt eise Schäfferot Kenntnis vum Projet de loi, fir Photovoltaik a GLS-Wunnengen als Stad ze finanzéieren. Mee doriwwer eraus och e méigleche Préfinancement vun alle PV-Anlage vum Staat. Een éischte gudde Schrëtt, deen nach weider op Famillje mat geréngem Akommes ausdehnbar wäert sinn. D'Stad Déifferdeng wäert do an éischter Linn mat derbäi wëlle sinn an hirer Roll als AISK-Initiator gerecht ginn.

Och hale mir, trotz wirtschaftlecher an nationaler Schiflag, um jëtzege Montant a punkto Allocation de solidarité weider kloer fest. Adoptéieren dëse parallèlement zum Staat a setzen eis definitiv fir nei Aarbechtsplazen am Raum Déifferdeng an.

Fir nach eemol op de Klimawandel zréckzekommen. Den Diagnostik vum Haaptofwaasserkollekter duerch de Site vun der Schmelz misst nach bis Enn dëses Joers ofgeschloss sinn. Uschléissend ginn an aller Prioritéit all noutwendeg Moossnamen ënnerholl, am Interessi vun eiser Bevëlkerung, an Zesummenhang mat deem Probleem do, dass mer dee geléist kréien. An Zesummenaarbecht natierlech mam Waasserwirtschaftsamt.

Als Ofschloss wëll ech ee grousse Merci un alleguer déi Responsabel vun de Gemengeservicer riichten. Ee spezielle Merci un alleguer déi Leit, déi gehollef hunn, dëse Budget opzestellen. Kënnt mer fräi gleewen, déi lescht dräi, véier Woche waren déi Leit staark beschäftegt an hu misse gutt Nerve weisen. Dofir soen ech hinnen ee grousse Merci.

D'Damme fir d'éischt: Dem Carole Friedrich, dem Romaine Regenwetter, dem Här Max Felten, dem Henri Krecké an dem Jean-François Leblond, dee bei dëser schwéierer Aufgab vill Gedold a Fachkenntnis bewisen huet an dat ëmmer zugonschten an zum Wuel vun eiser Stad.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Dat gesot, géif ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wäert versichen, Iech manner mat Zifferen ze erschloen, wéi dat eise Buergermeeschter elo gemaach huet. Mee ech mengen, dat muss jo awer sinn.

Wéi mer gesinn, sti mer guer net esou schlecht do de Moment, Dank weiderer Zouwendung vum Staat, déi iwwer zwee Joer ëm 20 Milliounen zougeholl huet. An duerch eng eemoleg Zouwendung iwwer de Fonds de péréquation vu 4,3 Milliounen Euro sti mer elo net schlecht do.

Et ass och nach eng Écriture comptable vun der Dotation vum Staat, déi mer zegutt hunn, am Kader vun der Schafung vun neie Logementer. Do kënne mer mat e puer Millioune rechnen. Déi ass also nach net am Budget virgesinn. An dat wäert eng zousätzlech Reserv oder ee Puffer bedeiten.

Och muss ee wëssen, de Buergermeeschter huet et scho gesot, dass mer beim CGDIS dëst Joer eng Millioun a beim TICE 1,5 Milliounen als Ausgabe spueren. Dëst, well do gutt verhandelt ginn ass.

Eis Recettë vu Locatioune ginn all Joer erop. Och dat ass ee Puffer fir d'Zukunft. Eis Capacité d'autofinancement geet erop vun 21 Milliounen 2024 op 39 Milliounen 2025.

Eng Hellewull u Subside vum Staat hu mer nach ze kréien, grad wéi Remboursementer vu Projeten, déi mer fir de Staat gemaach hunn. Dofir ass d'Resultat vum Rectifié 2024 net esou gutt a mer schléisse mat engem Mali vun 13,5 Milliounen Euro of. Dat mat engem Emprunt vu 26 Milliounen Euro, déi mer bis dato nëmmen zur Hallschent gezunn hunn, wat dëse Mali natierlech relativéiert.

An de Jore virdrun hu mer extreem vill Bauprojete gemaach an investéiert. 2025 ginn déi zum grousse Deel a Betrib geholl. Dofir hu mer eemoleg am Extraordinären 154 Milliounen Euro ausginn, wat engem berengegte Bruttoinvest vun 101 Milliounen duerstellt. Do stinn nämlech déi Recetten an de Solde vun dem Bauprojet vun der EIDE an dem Polizeigebai mat 52,9 Milliounе Recetten dogéint.

2025 gesäit et besser aus, a mer kënne viraussiichtlech dat Joer mat engem Boni définitif vu 6,1 Milliounen ofschléissen, och wa mer 102 Milliounen am Extraordinär wäerten investéieren.

Mer kënnen och de Boni am Ordinär vun engem Joer zum aneren ëm sechs Millioune steigeren, wat eisen Investissementer zegutt kënnt.

Mer hunn, à ce stade, 76,8 Millioune Personalkäschte par rapport zu 141,5 Millioune Gesamtausgaben. Wat 54 % vum ordinäre Budget 2024 ausmécht. Déi klammen natierlech vu Joer zu Joer, well mer méi Leit beschäftegen a wéinst den Indextranchen, déi ufalen.

Wat d'Eegeverschëldung ugeet, leie mer gutt. De Buergermeeschter huet et scho gesot, mer sinn do bei deenen, déi am mannste Verschëldung am Land hunn. Do leie mer bei 76 Milliounen Enn 2025, well mer déi reschtlech 13 Milliounen Euro vum Emprunt 2024, déi mer elo nach net gezunn hunn, dann nach mussen zéien.

Wéi gesot, dëst Joer gesäit et gutt aus. Mee dat ass awer ganz volatil. Mir wëssen net, wéi et an Zukunft wirtschaftlech hei am Land wäert weidergoen. Dofir ass och an dësem Budget keng Euphorie geplangt.

Elo zu menge Ressorten.

Ech wëll, wéi gesot, net vill Zuelen opzielen, mee ech wëll a menger Presentatioun d'Visioun an d'Strategie duerstellen, déi mer verfollegen, fir eise Bierger an eise Mataarbechter eng bes-

*Le diagnostic du collecteur principal d'eaux usées traversant le site de l'usine devrait être finalisé d'ici la fin de l'année.*
*Il conclut en remerciant les responsables des services communaux pour leur travail sur le budget.*

**TOM ULVELING (CSV)** *prend ensuite la parole et indique que la situation financière de la commune est plutôt bonne grâce aux allocations de l'État, qui ont augmenté de 20 millions sur deux ans et à une dotation exceptionnelle de 4,3 millions d'euros du Fonds de péréquation. Une écriture comptable concernant la dotation de l'État pour la création de nouveaux logements, représentant plusieurs millions, n'est pas encore incluse dans le budget et constituera une réserve supplémentaire.*
*Tom Ulveling souligne que la ville économise cette année 1 million d'euros au CGDIS et 1,5 million au TICE grâce à de bonnes négociations.*
*Les recettes de location augmentent chaque année, constituant un tampon pour l'avenir.*
*La capacité d'autofinancement passe de 21 millions en 2024 à 39 millions en 2025. De nombreuses subventions de l'État et remboursements de projets sont encore attendus, ce qui explique que le résultat rectifié 2024 n'est pas optimal, avec un déficit de 13,5 millions d'euros. Un emprunt de 26 millions d'euros n'a été utilisé qu'à moitié, ce qui relativise ce déficit. Après d'importants projets de construction ces dernières années, 2025 verra leur mise en service.*
*Les dépenses extraordinaires s'élèvent à 154 millions d'euros, représentant un investissement brut de 101 millions, compte tenu des recettes de 52,9 millions pour les projets de l'EIDE et du bâtiment de police.*
*Tom Ulveling estime que les perspectives financières pour 2025 sont favorables, avec un bonus définitif prévisible de 6,1 millions, malgré des investissements de 102 millions dans l'extraordinaire. Le bonus ordinaire augmente de six-millions d'une année à l'autre, ce qui bénéficie aux investissements. Les frais*

*de personnel s'élèvent à 76,8 millions, soit 54 % du budget ordinaire 2024, et continuent d'augmenter en raison des nouvelles embauches et des tranches d'indexation.*

*Concernant l'endettement, la commune est parmi les moins endettées du pays, avec une dette prévue de 76 millions fin 2025. Bien que la situation soit bonne, la volatilité économique impose une certaine prudence.*

*Dans sa présentation, Tom Ulveling souhaite exposer la vision et la stratégie pour améliorer la qualité de vie des citoyens et des collaborateurs. Le comité d'accompagnement économique, en partenariat avec le city management, a lancé des actions et recherche activement des investisseurs. La commune privilégie de nouvelles approches, comme la réalisation de projets par des investisseurs privés (parkings, éoliennes, installations PVC, Lommelshaff), sans toutefois envisager l'externalisation des services communaux.*

*Dans le domaine culturel, l'objectif est de rapprocher la culture des citoyens et de préserver le patrimoine. Les projets pour 2025 incluent la poursuite de l'Urban Art, le retour de Live am Park, l'organisation d'une foire d'art au H2O, l'attribution du Mérite culturel, l'amélioration de l'acoustique de l'église rénovée de Lasauvage, la continuation du Blues Express avec un budget revu à la hausse, et l'organisation d'un festival de sculptures.*

*Un projet particulier concerne la halle classée dans la forêt à Lasauvage, que la commune souhaite revitaliser.*

*La numérisation de la mine Renkert est également prévue, avec l'intention de rendre ces enregistrements tridimensionnels accessibles au public.*

*Des discussions sont en cours avec l'INPA et les CFL pour créer un petit musée de la photographie dans l'ancienne gare.*

*Concernant le tourisme, les gites d'étapes rénovés à Lasauvage et le Red Rock Minett Trail offrent de nouvelles possibilités. La commune vise un « tourisme léger » destiné aux cyclistes et randonneurs, avec*

ser Liewens- respektiv Aarbechtsqualitéit ze assuréieren.

An dësem Budget fënnt ee kloer Usazpunkten, déi de Schäfferot ëmsetze wëllt. Eise Comité pour la diversification économique, deen zesumme mam City-Management schafft, huet schonn éischt flott Aktioune gestart an ass aktiv op der Sich no Investoren, déi sech hei sollen nidderloossen. Do geschitt eppes.

Dir hutt matkritt, dass mer ëmmer gewëllt sinn, op nei Weeër ze goe fir Projeten, déi mer brauchen, déi mer da vu privaten Investisseure realiséiere loossen. Si hunn den Knowhow an eis Bierger kënnen dervu profitéieren, ouni dass eis Keess belaascht gëtt. Ech schwätzen do vu Projete vu Parkhaiser, Wandmillen, PVC-Anlagen, och de Lommelshaff zum Beispill ass esou ee Projet. Et ass awer och kloer, dass mer net un Outsourcing vu Gemengeservicer dobäi denken.

An der Kultur ass d'Zil, de Leit d'Kultur méi no ze bréngen, d'Kultur an de Quartier ze bréngen, mee awer och eise Patrimoine ze preservéieren.

Den Urban Art Projet soll weidergefouert ginn. De Live am Park, dee mer d'lescht Joer wéinst engem Mëssverständnes ewechgelooss haten, ass erëm am Budget. Déi markantsten Erneierunge fir 2025 sinn: d'Konschtfoire, déi mer am H2O wäerten organiséieren, de Mérite culturel, dee mer erëm verginn, zu Lasauvage an der renovéierter Kierch musse mer d'Akustik verbesseren. An dofir sinn och Kreditter virgesinn.

De Blues Express gëtt weidergeféiert. D'Depensë sinn do e bëssen eropgesat ginn, well mer nach net eens si mam Transporteur, wat deem säi Sponsoring ubelaangt.

Och hu mer e Skulpture-Festival mat sechs Sculpteuren dëst Joer, déi mer jo all zweet Joer ofhalen. Fir och eis Skulpturesammlung kënnen ze erweideren en vue vun eisen neie ville Gebaier, wou mer jo och Konscht wëllen erabréngen.

Een anere Projet, dee mer besonnesch um Häerz läit, ass dee vun der klasséierter Hal am Bësch zu Lasauvage, déi mer wëlle mat neiem Liewe fëllen. Do musse mer eis mat e puer potenzielle Bedreiwer treffen, fir ee Rahmeprogramm opzestellen, fir déi Renovatioun kënnen ze plangen.

En net ganz neie Projet ass dee vun der Digitalisatioun vun der Minn Renkert. Dat hate mer jo schonns, mee do waren d'Dieren op eemol zougaangen. ArcelorMittal huet déi Dieren erëm opgemaach a muss déi Minnen no 100 Joer dem Staat erëm oftrieden. An da muss d'Gemeng duerno kucken.

Eis schwieft vir, wann een déi Digitalisatioune mécht, dass een zesumme mam Kulturministère kuckt, dës dräidimensional Opnamen dem Public ënner iergendenger Form zougänglech ze maachen. Do lafe scho Gespréicher mam INPA, déi dat wëllen am neie Musée ferroviaire zu Péiteng ënnerbréngen. Déi si ganz interesséiert.

Och si mer a Gespréicher mat der CFL a mam Fotoclub, fir eventuell an där aler Gare ee klenge Fotomusée ze maache mat der Kollektioun, déi mer vum Här Glauden zur Verfügung gestallt kruten. Dofir si Kreditter virgesinn.

Zum Tourismus. Mat eisen neie renovéierte Gites d'étapes zu Lasauvage hu mer een Outil, fir den Tourismus ze aktivéieren an ze promouvéieren. Och de Red Rock Minett Trail gëtt eis nei Méiglechkeeten. Bref, mer wëllen den Tourismus an eiser Stad developpéieren: mat enger klenger Broschür, mat Informatiounen, fir ee Weekend beispillsweis an eiser Stad ze verbréngen.

Mer wëllen een „Tourism light", dee sech un d'Vëlosfuerer, Wanderer an esou weider riicht an och eis Auberge soll an Zukunft méi benotzt ginn. Och hu mer mam Minett Park een Outil fir an Zukunft, wann deen neien Zuchmusée zu Péiteng gebaut gëtt, an dat schéngt jo elo awer festzestoen. Do hu mer am Fond-de-Gras e Potenzial, dat mer mussen ausbauen.

Och schaffe mer mat der ANF zesummen, fir ze kucken, wéi et méiglech wäert sinn, an Zukunft keng Autoe méi op de Site vum Minett Park ze loossen, an d'Leit uewe missten am Feld parken a mat enger Navette erofgefouert ginn. Hei geet et ëm d'Sécherheet vun de Leit a vun de Rettungsdéngschter, déi mus-

sen am Noutfall kënnen Accès op de Site hunn. Wat net ëmmer an der Lescht gewärleescht war.

Am Jumelage ass et wichteg ze soen – an do wäert warscheinlech de Sportschäffen och drop zréckkommen –, dass mer zesumme wäerten en neit Subsidereglement ausschaffen, wat soll déi Veräiner, déi Aktioune mat eise Partnerstied maachen, fir déi ze belounen.

Am Kader vum Jumelage wäert d'nächst Joer eng Rees mat der HMD, zesumme mat interesséierte Bierger, op Penzberg organiséiert ginn, wou mer en Austausch wäerten hunn.

An och am Kader vum Jumelage si Kreditter gestallt, fir eng Visitt ze maache mat Vertrieder vun der Miami an eiser Partnerstad Oxford, Ohio.

Elo zu NetZeroCities. Ech hu virdru vu Visiounen a Strategië geschwat. Eise Plang vun NetZeroCities ass exemplaresch. Zeg Millioune si virgesinn, fir dat nächst Joer ze investéieren.

Dir wësst, mir hunn eis éiergäizeg Ziler gesat, fir bis 2030 CO2-neutral ze sinn. Mer plangen dat zesumme mat eise Bierger a Workshoppen. Si ginn also matagebonnen.

Mir sinn eis bewosst, dass mer dat eleng net packen. D'Bierger musse matmaache bei den energeetesche Renovatiounen. Respektiv solle se manner Kilometere fuere mam Auto an hiren Offall verklengeren. Mee och d'Industrie ass gefuerdert. An do fänke mer 2025 un, vill méi aktiv mat hinnen an den Dialog ze kommen.

Natierlech musse mer am Kader vun NetZeroCities verstäerkt Récksprooch huele mat deenen zoustännege Ministèren, fir do Subsiden ze kréien. Well mir jo am Fong Pilotprojete maachen, déi fir aner Stied respektiv dem ganze Land eng Plus-value bréngen.

Ech ginn net an den Detail. NetZeroCities ass ee passionant Theema, mer sinn do politesch mat engem Tandem ënnerwee. Mäi Coequipier d'Madamm Charlé wäert sécher och nach dorop agoen. Ech schwätzen dann nëmmen iwwer déi Projeten, déi déi Leit vum zweete Stack wäerte betreien. Dat heescht haaptsächlech Energie an Urbanismus. A wou ech muss soen, dass mer ganz gutt virukommen.

Dir wësst, dass mer e 520-säitegen Dossier op Bréissel geschéckt hunn, mam Zil, eis Aktioune virzebereeden, fir Klimaneutralitéit ze erreechen. Den Dossier ass vu Bréissel erëmkomm mat enger gudder Bewäertung. Allerdéngs musse mer de finanzielle Volet e bëssen iwwerschaffen. Dat hätte si gär anescht duergestallt. An dann hate mer jo gesot, wa mer alles hunn, da wäerte mer deen eng Kéier hei diskutéieren.

Dir hutt matkritt, dass mer dëst Joer am Kader vun NetZeroCities fënnef City Trees op Plazen opgestallt hunn, wou et schwéier ass, Beem ze planzen. Dës City Trees schafen ee Mikroklima op deene Plazen, wou se opgestallt sinn, an hëllefen do, d'Loft ze depolluéieren. Éischt Konklusioune vun dësem Projet wäerte mer Mëtt Juni kënnen zéien.

Bref, mir wäerten eng reegelrecht Offensiv starte mat PVC-Anlagen, Agrovoltaik-Anlagen, Elektrobornen a Wandmillen.

Mir hunn elo d'Zouso vum Ministère vun engem Investisseur, fir zousätzlech 19 Schnellladebornen an eiser Gemeng opzeriichten. Domat versiwefache mer dat aktuellt Angebot op 1900 Kilowattstonn. Do komme mer elo endlech op d'Landkaart vun den Elektrobornen.

Och wäerte mer éischt Buerunge fir d'Geothermie lancéieren. Heifir hu mer vun der EU eng Hëllef vun 1,9 Milliounen Euro versprach kritt, fir dann de BHKW esou vun Uewerkuer mat Energie ze beliwweren.

Mir hunn, à ce stade, alles ausgereizt a reservéiert, fir déi Energie, déi hei deels vu privaten Investisseuren op eisem Stadgebitt produzéiert gëtt, och kënnen anzespeisen. Et ass vill geschafft ginn. Dat Ganzt gëtt mat ville privaten Investisseure gemaach. Mer hunn och net vill drastiechen. E puer vun eisen Traffoe mussen opgerüst ginn, an dann iwwerhuele mir no 20 Joer dës Anlagen. Et ass natierlech dru geduecht ginn, dass eng Biergerparticipatioun soll méiglech sinn.

Mir hunn eis zum Zil gesat, fir déi nächsten dräi Joer all eis ëffentlech

*une brochure d'information pour des séjours de weekend.*
*Le Minett Park représente un potentiel à développer, notamment avec la construction du nouveau musée ferroviaire à Pétange. Un partenariat avec l'ANF est en cours pour interdire l'accès des voitures au site du Minett Park et mettre en place un système de navette.*
*Pour le jumelage, un nouveau règlement de subvention sera élaboré pour récompenser les associations qui mènent des actions avec les villes partenaires. Un voyage à Penzberg est prévu l'année prochaine, ainsi qu'une visite avec des représentants de la Miami University à Oxford dans l'Ohio.*
*Enfin, concernant le projet NetZeroCities, des millions sont prévus pour atteindre la neutralité carbone d'ici 2030. Cette initiative implique les citoyens à travers des ateliers et nécessite leur participation pour les rénovations énergétiques, la réduction des déplacements en voiture et des déchets. Un dialogue renforcé avec l'industrie est prévu pour 2025, ainsi qu'une consultation accrue avec les ministères concernés pour obtenir des subventions. Un dossier de 520 pages a été envoyé à Bruxelles. Il est revenu avec une bonne évaluation, mais seulement le volet financier devait être ajusté.*
*Tom Ulveling explique que, dans le cadre de NetZeroCities, cinq City-Trees ont été installés sur des sites, où il est difficile de planter des arbres. Ces structures créent un microclimat et aident à dépolluer l'air.*
*Une offensive énergétique est lancée avec des installations PVC, des installations agrivoltaïques, des bornes électriques et des éoliennes.*
*Le ministère a approuvé l'installation de 19 bornes de recharge rapide supplémentaires, multipliant par sept l'offre actuelle à 1900 kW/h.*
*Des forages pour la géothermie vont commencer avec une aide de 1,9 million d'euros de l'UE pour alimenter en énergie la centrale de cogénération d'Oberkorn. La commune a réservé toute la capacité disponible pour l'énergie produite sur son territoire par des investisseurs privés. Après vingt ans, les installations reviendront à la com-*

*mune, avec possibilité de participation citoyenne.*
*La commune s'est fixé l'objectif de convertir tout l'éclairage public en DEL dans les 3 prochaines années, un investissement de quatre-millions d'euros qui sera amorti en 12 ans. Avec 3100 points lumineux, 600 000 € sont prévus cette année pour ce projet qui réduira aussi la pollution lumineuse.*
*Dans le cadre de la numérisation, un système de monitorage mesurera la qualité de l'air, la température, le bruit et le trafic dans toute la ville. Des crédits sont alloués pour la rénovation énergétique de deux maisons communales.*
*Concernant l'eau, l'une des stations d'épuration les plus performantes du pays sera inaugurée en 2025, avec un quatrième niveau de traitement pour filtrer médicaments, hormones et drogues. Au Fond-de-Gras, un système de canalisation des eaux usées est prévu pour soutenir le développement du site lorsque le musée ferroviaire de Pétange sera opérationnel.*
*En urbanisme, la commune planifie l'avenir de la ville avec des modèles numérisés, DiffMap et GIS, permettant une meilleure planification des couloirs de vent et des couloirs verts.*
*Des modifications du règlement des bâtisses encourageront les façades et toits verts.*
*Une étude sur les fortes pluies est presque terminée, révélant des problèmes dans le réseau de canalisations. Un système Watergate sera installé aux points bas de la ville pour retenir l'eau en cas de fortes pluies.*
*Pour lutter contre la chaleur urbaine, moins de surfaces imperméabilisées et plus d'espaces verts sont prévus, avec des fontaines à eau installées dans différents quartiers. Des couloirs d'échange d'air sont envisagés pour améliorer la ventilation de la ville.*
*Concernant les constructions, plusieurs grands projets seront opérationnels en 2025 : le CID, l'école Bock, le centre sportif John-Scheuren, la trame verte et la maison Moderne.*
*L'école des filles de Niederkorn a été rénovée.*

Beliichtungen op LED ëmzesetzen. En Investissement iwwer véier Milliounen Euro, déi mer awer duerch d'Aspuerung, déi déi LED-Luuchte mat sech bréngen, an zwielef Joer wäerten erëmhunn, wann d'Energiepräisser weider esou héich bleiwen.

Et muss ee wëssen, dass mer iwwer 3.100 Liichtpunkten hunn an dass mer dëst Joer 600.000 Euro virgesinn hunn. Mer hoffen, dat an engem Dräi-Jores-Plang kënnen ze finaliséieren. An et geet natierlech och drëms, fir d'Liichtverschmotzung ze reduzéieren.

Eppes anescht ass, dass mer am Kader vun der Digitalisatioun verstäerkt iwwer d'ganz Fläch verdeelt ee Monitoring maache wëllen, wat eis Loftparameter respektiv Temperatur, Geräischer a Verkéier ugeet.dDat heescht d'Unzuel vun den Autoe respektiv d'Vitess ze moossen. Alles dat kascht natierlech eppes. Mee et sinn essenziell Donnéeën, déi mer brauchen, fir duerno kënnen ze plangen. Ech wäert nach dorop zréckkommen.

Kreditter stinn dran, fir zwee Haiser, déi eis gehéieren, energeetesch ze sanéieren. Et handelt sech ëm d'Haiser an der Rue St. Paul, dat ass dat aalt Paschtoueschhaus, an hei 33, Avenue Charlotte.

Wann ech schonn en Exkurs an d'Ëmwelt maachen, da wëll ech als President vum SIACH awer soen, dass niewent der Loft och d'Waasser wichteg ass. An do si mer dran, wéi gesot, fir vun den Investissementer, déi mer an der Vergaangenheet gemaach hunn, elo kënnen ze profitéieren. Well 2025 wäerte mer eng vun deene performantste Kläranlagen hei am Land aweien.

An do si mer elo schonn amgaangen, duerch déi véiert Klärstuf, déi also Medikamenter, Hormoner, Drogen an esou weider wäert aus dem Waasser kënnen eraussiften, fir dat kënnen dann och ze maachen. Dat wäert haaptsächlech iwwer Amortissementer bezuelt ginn.

Am Fond-de-Gras muss ee Kanalsystem fir d'Ofwaasser geluecht ginn, fir dat a Richtung Rodange ze féieren. Dat ass wichteg fir den Ausbau vum Site, wann den Zuchmusée zu Péiteng bis operationell ass. Mer ginn dervun aus, dass dat an deenen nächste fënnef bis sechs Joer wäert sinn.

Wat den Urbanismus ugeet, plange mer d'Zukunft vun eiser Stad, ewéi se sech soll a kann entwéckelen: Do gi Modeller erstallt, et gëtt digitaliséiert. D'Diff-Map oder de GIS, den Geographic Information System, dee mer do hunn, gëtt eis nei Tools, fir an Zukunft besser plangen ze kënnen, sief et fir Wandschneisen oder Travée-verten, déi d'Staddeeler solle verbannen.

Hei schaffen am Moment zwou Persounen drun, fir all déi Daten, déi mer brauchen, eranzeginn. Soudass mer eng grouss Kaart mat verschiddene Layeren hunn, wou een da mat engem Klick spezifesch Recherchë maache kann. Och all déi Date vun de Sensoren, vun deenen ech Iech virdru geschwat hunn, wären dann do an Zukunft ofruffbar.

Mir schaffen un eisem Bautereglement, fir gréng Fassaden a gréng Diech ze promouvéieren.

Mer wäerte Kaarten hunn, déi eis soen, wou et am wäermsten ass an eiser Stad. Well och dat ass ee Probleem, do muss ee kënnen dogéint steieren am Urbanismus.

D'Staarkreen-Etüd ass bal fäerdeg. An deene leschten Deeg hu Leit mat enger Dron de Kanalsystem befuer. Et schéngt esou ze sinn, dass sech awer verschidde Probleemer an deem Kanalsystem opweisen. Mir hunn en dynameschen Hydraulikmodell erstallt, wou verschidde Situatioune bei Staarkreen kënne simuléiert ginn.

Och wäerte mer am Kader vun NetZeroCities un dräi Theeme schaffen: éischtens d'Hëtzt an eiser Stad, d'Duerchlëftung vun eiser Stad an déi Staarkreen-Etüd.

Da kréie mer elo eng Watergate-Affär hei zu Déifferdeng. Dat ass eng Zort Schlauch, dee sech opriicht, wa Waasser kënnt, an deen da praktesch eng Staumauer bilt, fir dat Waasser zréckzehalen. Dëst soll um déifste Punkt, wou mer bei Staarkreen déi meeschte Probleemer hunn, kënnen opgeriicht ginn, also ënnen an der Rue du Gaz respektiv an der Rue Emile Mark, fir weider Schied ze vermeiden.

Wat d'Bekämpfung vun der Hëtzt ugeet, wëlle mer manner Versigelung, méi gréng a fräi Flächen. Mer hunn dëst Joer Waasserspender a verschiddene Quartieren opgeriicht.

Wat d'Duerchlëftung vun eiser Stad ugeet, musse mer Loftaustauschbunnen oder -schneise virgesinn.

Endlech gouf decidéiert, an eisem Service Urbanismus e Service domaine op der Gemeng ze institutionaliséieren.

Wat mäi Ressort vun de Bauten ugeet, hu mer jo scho vum Här Buergermeeschter héieren, do ass an de leschte Jore ganz vill geschitt. Eis Megaprojeten, déi sinn esouwäit fäerdeg a ginn 2025 a Betrib. Mer schwätze vum CID, vun der Bockschoul, vun der Sportshal John Scheuren. D'Trame verte niewent dem Auchan wäert fäerdeg gestallt ginn, grad wéi d'Maison Moderne.

An der Vergaangenheet goufe vill nei Schoule gebaut respektiv sinn elo bal all eis eeler Gebaier sanéiert an um leschte Stand vun der Technik. D'Visioun, all eise Schoulkanner optimal Méiglechkeete fir ze léieren ze ginn, ass bal ofgeschloss. Ausser zousätzleche Schoulraum, dee mer nach musse schafen, fir eisem Bevëlkerungszouwuess gerecht ze ginn.

D'Meedercherschoul zu Nidderkuer ass renovéiert ginn, d'Bockschoul gëtt a Betrib geholl mat enger Maison relais, mat enger neier Sportshal an esou weider. Et ass virgesinn, wann d'Schoul bis op ass, déi Container, déi bis elo an der Bockschoul opgeriicht waren, an de Woiwer an d'Rue Renée Lazard ze plënneren an do erëm opzeriichten, fir da weidere Schoulraum ze schafen.

Gréisser Reparature sinn an der Maison relais um Woiwer virgesinn, wou mer Fiichtegkeetsprobleemer hunn, déi der Struktur Schued zouféieren. De Buedembelag muss deelweis erneiert ginn. Do war ee Probleem mam Pech, dee sengerzäit benotzt ginn ass. Do si mer nach amgaangen ze kucken, wien dat muss bezuelen.

D'Planung vun engem neie Schoulcampus um Site vum ale Spidol gëtt weidergefuer, well d'Besoine no Schoulraum am Zentrum grouss sinn. An der neier Bockschoul gëtt de Schoulhaff nei gestallt. An et ass do, wou mer dëst Joer de Präis kritt hu fir eise Projet, fir do ee gréngе Schoulhaff ze maachen.

Ee groussen neie Projet gëtt am Mäerz ugefaangen, den Ausbau an d'Renovéierung vum Stadhaus. Wat mat sech bréngt, dass eng Plënneraktioun am Februar geplangt ass, fir eis Servicer fir ronn dräi Joer laang Iwwergangsphas am ale Spidol ze domiciliéieren. Et bleiwen awer e puer essenziell Servicer, mat deenen de Bierger am meeschten ze dinn huet, an der Residence Mandela. Déi muss dann och liicht ëmgebaut ginn.

Den Thillebierg kënnt an déi zweet Phas, mat der Renovéierung vun där aler Tribün souwéi dem Neibau vun de véier Vestiären. Do gëtt weider dru geplangt.

Dann e bësse manner schéin Zuelen: Fir d'Hal John Scheuren brauche mer warscheinlech zousätzlech 600.000 Euro a fir d'Bock-Schoul véier Milliounen Euro. Wat duerch Haussen um Bau geschëlt ass. Fir d'Polizeigebai muss de Solde nach bezuelt ginn.

Een anere grousse Projet, un deem mer dëst Joer geschafft hunn, ass d'Renovatioun vun eiser oppener Schwämm, déi méi ludique soll ginn. An dat an enger flotter begréngter Anlag. À ce stade ass op der hënneschter Partie, do drënner, wou elo déi Container stinn, ee Gebai mat Lernschwimmbecken, mat Vestiären, mat Säll fir d'LUNEX an esou weider geplangt. An deem Gebai kéint ee sech eng flott Zesummenaarbecht mat der LUNEX an dem CHEM bei allem, wat Reeducatioun am naasse Beräich ubelaangt, virstellen.

Doniewent ass eng Plaz fräi gehalen, fir eventuell en Hotel ze bauen. Dee Projet wäerte mer an enger vun deenen nächste Gemengerotssëtzunge virstellen.

Zesumme mat der EIDE plange mer, no gewinntem Muster, de Bau vun engem zousätzleche Schoulraum, enger Sportshal an enger Schwämm um haitege Site vum CID. Déi Sportsanlage solle kënnen zu engem Drëttel vun eise Schoulklasse genotzt ginn.

Mir sinn amgaangen, déi drëtt Phas vun der Fondation Emile Metz ze plangen, den Här Buergermeeschter huet et

*Les conteneurs de l'école Bock seront déplacés rue Renée-Lazard.*
*Des réparations sont prévues à la maison relais au Woiwer pour résoudre des problèmes d'humidité.*
*Un nouveau campus scolaire est prévu sur le site de l'ancien hôpital.*
*La cour de l'école Bock sera transformée en espace vert, un projet qui a reçu une distinction.*
*Tom Ulveling annonce le début des travaux de rénovation de l'hôtel de ville en mars, nécessitant un déménagement des services vers l'ancien hôpital pour une période transitoire de trois ans. Les services essentiels pour les citoyens resteront accessibles à la résidence Mandela.*
*Le projet Thillebierg entre dans sa deuxième phase avec la rénovation des tribunes et la construction de quatre vestiaires. Il mentionne des couts supplémentaires importants: 600 000 € pour le centre sportif John-Scheuren et 4 millions d'euros pour l'école Bock, conséquences des hausses dans le secteur de la construction. Il évoque la rénovation de la piscine extérieure pour la rendre plus ludique, avec un nouveau bâtiment comprenant un bassin d'apprentissage, des vestiaires et des salles pour LU:NEX. Un partenariat avec LU:NEX et le CHEM est envisagé pour la rééducation en milieu aquatique.*
*Tom Ulveling mentionne également un espace pour la construction possible d'un hôtel.*
*Avec l'EIDE, la commune planifie la construction de salles de classe supplémentaires, d'une salle de sport et d'une piscine sur le site actuel du CID.*
*Tom Ulveling poursuit en mentionnant plusieurs projets de parkings: le parking Contournement, qui sera construit par une entreprise privée, une étude pour un parking au Haneboesch, et un parking entre l'ancien Collé et le CID pour désengorger Niederkorn.*

*Il informe d'un accord avec le ministère de l'Éducation nationale concernant le Lommelshaff, qui sera rénové sans contribution financière de la commune.*
*Il rappelle l'installation d'une nouvelle aire de jeux sur la trame verte et la recherche d'un lieu pour une aire de jeux couverte.*
*Le CID déménage définitivement mi-janvier vers son nouveau site achevé à 95 %, avec une incertitude sur le cout final, qui pourrait atteindre 72 millions d'euros. L'orateur signale la nécessité d'embaucher du personnel de nettoyage supplémentaire pour les nouveaux bâtiments plus grands.*
*Il présente les travaux de voirie prévus et les projets d'infrastructures hydrauliques, notamment la rénovation des bassins d'eau à Oberkorn, Niederkorn et Roudenhaff.*
*Il conclut en évoquant l'achat de véhicules, notamment un nouveau camion-poubelle avec installation de lavage pour 600 000 €.*

scho gesot. Da wëlle mer mam Parkhaus Contournement d'nächst Joer lassleeën, wat jo vun enger privater Firma gebaut gëtt. Fir d'Parkhaus am Hahneboesch ass eng Etüd amgaangen, respektiv kréie mer ee Parking tëschent dem fréiere Collé an dem CID, fir d'Parksituatioun zu Nidderkuer ze deblockéieren.

Punkto Lommelshaff hu mer een Accord fonnt mam Educatiounsministère, deen dat renovéiert an do Strukture baut fir Kanner a Jugendlecher, déi Probleemer am schoulesche Beräich hunn. Soudass déi Gebaier erhalen a renovéiert kënne ginn, ouni dass mir eis musse finanziell dru bedeelegen.

Eis Spillplaze sinn net vergiess. Dëst Joer ass eng nei op der Travée verte bäikomm. All Joer kënnt mindestens eng dobäi. Natierlech mussen déi Spillplazen ënnerhale ginn, fir weiderhin de Label „Sécher Spillplazen“ ze kréien.

Aktuell siche mer no enger Plaz, wou ee kéint eng iwwerdeckte Spillplaz installéieren.

Reparaturaarbechten um Daach vum Centre médico souwéi um Bâtiment A am 1535° si virgesinn.

Elo zum CID. Den CID plënnert definitiv Mëtt Januar op deen neie Site, deen zu 95 % fäerdeg ass. Hei gëtt et ee Probleem, well mer, à ce stade, net wëssen, wat et definitiv kaschte wäert, well mer bis elo nëmmen 52 Milliounen Euro bezuelt hunn a keen esou richteg weess, wou mer landen, well aktuell hu mer nach ee Puffer vun 20 Milliounen an d'Gebai ass plus ou moins fäerdeg. Soudass mer hoffen, vläicht déi 72 net ze erreechen. Mee dat steet nach an de Stären.

Vu dass mer vill nei Gebaier a Betrib huelen, déi deels vill méi grouss si wéi dat, wat se ersetzen, wäert mussen zousätzlecht Botzpersonal agestallt ginn. Aktuell sinn 20 Leit virgesinn. Mee mir préiwen nach eemol, ob een net duerch ee besseren oder ee méi optimale Botzplang déi Zuel eventuell erofschrauwe kann.

Am Rectifié sinn zousätzlech Kreditter fir Bensinn, Fournitures d'entretien an esou weider virgesinn. Och fir de Service arbre, dee méi Plantatioune wäerte setzen. Et gi Sécherheetskleeder fir eis Leit, déi am CID schaffen, ugeschaaft.

Wat de Stroossebau ubelaangt, ass eng grouss Mobilitéitsstudie am Kader vum Kordall a vum SIKOR, amgaangen, wou mer den zukünftege Verkéiersfloss duerch eis Stad plangen, wann de Contournement Bascharage operationell gëtt.

Stroossen: Niewent den übleche Fléckaarbechte vu Stroossen an Trottoire wäerte mer d'nächst Joer mam Wangert an dem Haut-Wangert ufänken.

Et muss och en neie Kanal an der Rue de la Chapelle bis Stade Henri Jungers geluecht ginn, fir dass d'Wuelemswiss konform ass.

De Reamenagement vun der Rue des Romains a Kierchbierg zu Nidderkuer gëtt weidergefouert.

Etüde gi gemaach, fir d'Rue Emile Mark nei ze gestalten.

An der Rue de l'Hôpital musse Reseausaarbechte gemaach ginn, fir deen neien Traffo op den Thillebierg ze installéieren.

„Zwësche Lauterbännen“ beim CID musse Stroosse fäerdeggestallt ginn.

A mir schaffe weider un der Suppressioun vum PN15.

Niewent dem provisoresche Parking Collé gëtt de Parking écologique hannert dem Bock fäerdeggestallt.

An et ass eng Etüd fir ee Parking am Hahneboesch vun 300 Parkplazen amgaangen.

Eise Waasserbassin zu Uewerkuer gëtt dëst Joer fäerdeg renovéiert. Do kommen nei technesch Anlagen hin. Weiderhi musse mer nei Fënsteren a Beléftungen abauen an eis Bassinen zu Nidderkuer an och um Roudenhaff.

Wat d'Gefierer ugeet, hu mer 2024 een neie Müllwon an ee Kanalwon a Betrib geholl. 2025 muss een zousätzleche Müllwon mat enger Wäschanlag a Betrib geholl ginn. Dat eleng kascht 600.000 Euro.

Doniewent musse mer nach Camionnetten a sougenannte Véhicules utilitaires uschafen. Éischtmoleg, säit laangem, ginn 2025 keng nei Autoe kaaft.

Zum Ofschloss wëll ech soen, dass ech mengen, Iech hei mat ville Beispiller gewisen ze hunn, dass mer net nëmmen iwwer Probleemer schwätzen, mee se och upaken.dDass mer Visiounen hu fir Déifferdeng. Dass mer nei Weeër gewëllt sinn ze goen an dass mer Strategien entwéckelt hunn, fir dës Visioun kënnen ze realiséieren.

Ech muss just nach soen, dass ee weidert Damoklesschwäert iwwer eis hänkt. An zwar an der Reform vun de Gemengefinanzen,wwou se elo amgaange sinn, driwwer ze schwätzen. Déi soll kommen.

Sollte mer de sozioekonomeschen Index als Facteur verléieren an dee géif remplacéiert ginn duerch eng méi héich Gewiichtung vun dem kreéierten Emploi um Terrain vun der Gemeng – den Här Buergermeeschter huet schonn op déi Problematik higewisen –, géinge mer mat engem schlechte Ratio an d'Rennen. An da misste mer staark Abéissen um Fonds de dotation a Kaf huelen.

Mee et ass nach net esou wäit, a mir hoffen ëmmer nach dat Bescht. Ech soen Iech Merci. Wa Froe sinn, sinn ech gäre bereet, déi dann d'nächste Kéier ze beäntwerten.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ech géif d'Wuert un den Här Wagner ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, e schéine gudde Moie vu menger Säit. De leschte Méindeg hunn ech um Gala Sportif gesot: „Und täglich grüßt das Murmeltier". Dat passt och op den Exercice vum Gemengebudget, deen um Enn vum Joer um Ordre du jour steet. En Outil, deen eminent wichteg ass fir e gutt Fonctionnement vun enger Gemeng an esou och fir hir Bierger. En Exercice, dee mat der néideger Besonnenheet muss ugepaakt ginn. Do ass et selbstverständlech, dass een net liichtfankeg mat de Gemengefinanze soll ëmgoen.

Et ass dann och néideg, dat Ganzt net just à court terme ze analyséieren, mee de Bléck och an d'Zukunft ze werfen a sech bewosst ze maachen, a wéi eng Richtung et soll goen.

Visioune kann een hunn, kloer, et soll een awer och eng kloer Richtlinn hunn, fir dass den Zuch op de Schinne bleift. A sech dann eng Zilsetzung ginn, déi wéi ee roude Fuedem déi nächst Investitioune soll kanaliséieren. Dat gëtt eis dann e Kader, an deem mer mat der néideger finanzieller Virsiicht déi nächst Schrëtt kënnen entaméieren.

An do ass et gutt, dass eis Gemengeservicer eis an deem Exercice begleeden an och emol d'Handbrems zéien. Ee grousse Merci un eist Gemengesekretariat, wat eis op Schratt an Tratt zur Säit steet. Ech wëll awer och menge Ressorte Merci soe fir d'Ausschaffe vun deenen Zuelen, déi elo virun Iech leien.

Ech wäert op meng eenzel Departementer agoen, duerno een Ausbléck ginn, wat generell geplangt ass fir 2025 an déi Joren duerno.

Zu eise Crèchen a Maison-relaise kann ee soen, dass mer budgetsméisseg an enger Kontinuitéit sinn, virun allem am Ordinär si mer ganz stabel. Natierlech si verschidden Upassungen ze maachen. Mir schaffen un engem Projet Piktogramm, wat, kuerz resüméiert, e Pixie-Buch ass, wou d'Kanner Infoen iwwert d'Gemeng kréien an dës dann edukativ adequat opgebaut gëtt.

Mir hunn eis op d'Affiche gesat, d'Vacances loisirs nees auszebauen a méi attraktiv ze gestalten.

Eng Gestioun-Software ass an der Pipeline, fir, en temps utile, Informatiounen iwwer d'Kanner ze hunn, respektiv d'Facturatioun ze vereinfachen.

Eng weider Prioritéit ass de Spodi 2.0, also den Ausbau vun der aktueller Sportsofferte an der Mëttegstonn an

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Ulveling et donne la parole à monsieur Wagner.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *compare l'exercice budgétaire communal au film « Un jour sans fin », soulignant l'importance du budget pour le bon fonctionnement de la commune. Il insiste sur la nécessité d'aborder les finances communales avec prudence, d'analyser non seulement le court terme, mais aussi l'avenir, et de disposer d'une vision claire, qui serve de fil conducteur pour les investissements futurs.*
*Thierry Wagner évoque le cadre financier, qui permet à la commune d'avancer avec prudence. Il remercie les services communaux, le secrétariat communal et ses départements pour leur travail et l'élaboration des chiffres présentés.*
*En ce qui concerne les crèches et maisons relais, il souligne la continuité budgétaire, particulièrement dans le budget ordinaire. Un projet Piktogramm est en cours, il s'agit d'un livre Pixie donnant aux enfants des informations sur la commune de manière éducative.*
*La commune prévoit également de développer les vacances-loisirs et de mettre en place un logiciel de gestion pour simplifier la facturation et le suivi des informations sur les enfants.*
*Une priorité est accordée au projet Spodi 2.0, qui vise à étendre l'offre sportive pendant la pause de midi.*

*Une cellule d'éducateurs sportifs a été créée, et des discussions sont en cours pour améliorer le multisport et assurer le transport des enfants vers les clubs sportifs. Une phase de test est prévue pour le troisième trimestre avec une maison relais.*
*Pour ce qui est du budget extraordinaire, la nouvelle maison relais à Niederkorn est opérationnelle et le projet Um Bock est en voie de finalisation.*
*Thierry Wagner mentionne un problème urgent de dégâts des eaux et de moisissures sur le site de Woiwer, où des mesures immédiates ont été prises. Le déplacement du conteneur Um Bock vers Woiwer est devenu une priorité.*
*Il évoque le projet ZASS, qui vise à favoriser la collaboration entre l'école et le SEA. Une enseignante a été détachée par le ministère de l'Éducation nationale pour ce projet. Thierry Wagner insiste sur l'importance d'une approche progressive et sur la nécessité de placer l'enfant au centre des préoccupations. Dans le cadre du projet Lernlandschaften pour le nouveau campus Aalt Spidol, une fusion de l'éducation formelle et non formelle est prévue.*
*Concernant le pédibus, un développement est prévu. Après Oberkorn, le système sera étendu au campus Differdange-Centre au troisième trimestre, avec l'intention de l'étendre à toute la commune.*

eisen Haiser. Eng Cellule Éducateur sportif gouf en place gesat, zesumme mam Coordinateur sportif. Eng qualitativ Upassung vum Multisport ass do an der Diskussioun. Respektiv hu mer e puer Varianten ausgeschafft, fir den Transport vun de Kanner an d'Sportsveräiner ze assuréieren.

Dat geet natierlech net ouni eis Sportsveräiner. Éischt Diskussioune si schonns amgaangen.

Mir maachen eng éischt Testphas fir d'drëtt Trimester mat enger Maison relais, fir den Timing ze optimiséieren, a bauen dann dorop lues a lues op. Do kann de Pedibus eng weider Optioun sinn, fir dëst ze verbannen. Eleng scho personaltechnesch.

Am Extraordinär hu mer dat neit SEA-Haus zu Nidderkuer operationell a sinn op der dernière ligne droite fir de Bock.

Leider, en urgente Probleem, wéi den Här Ulveling scho gesot huet, hate mer um Site Woiwer mat engem gréissere Waasserschued an deemno och Schimmelbefall. Eis technesch Servicer hunn direkt reagéiert an éischtens d'Struktur vum Gebai ofgeséchert, zweetens eng Expertise lancéiert. Mir hu mam Personal geschwat an déi néideg Lofttester gemaach, fir dass d'Beleegschaft an d'Kanner sécher konnte sinn.

Elo gëllt et, den Architektebüro an d'Verantwortung ze zéien an esou séier wéi méiglech d'Haus nees komplett a Betrib ze huelen.

Op där anerer Säit ass den Deplacement vum Container Um Bock op de Woiwer eng urgent Prioritéit ginn.

Mir wäerte weiderhin eisen SEA-Haiser zur Säit stoen an de Prozess vum Personal-Sondage weiderféieren an déi ugekënnegt Workshops ofhalen. Dat soll keng Finalitéit sinn. Et soll natierlech eng Evaluatioun kommen, an da kann een Upassungen an Ugrëff huelen.

Dat zielt och fir eis Kantinnen, wou d'Reorganisatioun nach net ganz ofgeschloss ass. Och si, wéi de Rescht vum Gemengepersonal, kommen an de Genoss vun engem Sondage, wat mer beim edukative Personal jo schonns realiséiert hunn.

Éier ech méi genau op de Volet Schoul eriwwer ginn, wollt ech de Projet ZASS fir d'éischt erwänen, wou mer d'Zesummenaarbecht Schoul/SEA wëlle fërderen. Dofir hu mer vum Schoulministère eng Decharge kritt vun enger Enseignante, déi sech dëst op d'Affiche gesat huet. De Rapprochement gëtt lues a lues opgebaut.

Dat soll net am Hauruckverfare realiséiert ginn. Mir schwätzen hei vu Strukturen, déi iwwer Jore gutt fonctionéiert hunn, da muss een dëst duuss ugoen, fir et nach weider ze optimiséieren. Wéi ee Spréchwuert seet: „De Wee ass d'Zil."

Kleng Schrëtt a Mesurë sinn néideg, déi am Alldag wichteg sinn. D'Kand soll ëmmer am Mëttelpunkt stoen an net tëschent zwee Still, déi eng Säit d'Schoul, déi aner Säit d'Maison relais, mee zesummen op enger Bänk, niewenteneen.

Am Ordinär ass dowéinst en Teambuilding-Artikel virgesinn, wat een Outil ass. Mee dat soll awer elo net deen eenzege Moyen si fir e Rapprochement. Dat wär ze einfach.

Am Kader vum Projet „Lernlandschaften" fir eisen neie projezéierte Campus Aalt Spidol, soll eng Zesummeleeung vun der formal an nonformaler Bildung matageplangt ginn. Eleng dee gemeinsamen Exercice vun der Planung erlaabt et, sech besser kennenzeléieren.

Am Allgemengen ass am ordinäre Budget vum Enseignement eng gewëss Kontinuitéit dran. Ännerunge si mol steigend Käschte vum Pabeier, zum Beispill. Op där anerer Säit ass 2025 keng Kreativwoch, mee dofir ass d'europäesch Sportsfest d'nächst Joer bei eis zu Déifferdeng.

Komme mer zum Pedibus, dee weiderhi soll ausgebaut ginn. Personaltechnesch sinn nach e puer Hickhacken dran, mee mir si spréchwiertlech gutt ze Fouss ënnerwee.

Nieft Uewerkuer starte mer am drëtten Trimester mat dem Campus Déifferdeng-Zentrum. Mir hu schonns gekuckt, fir et op d'ganz Gemeng auszebauen. Linne goufe festgesat, a mir mussen natierlech och e puer Pisten, wat de Finanzement ubelaangt, eraus-

fannen. Dat gëtt keen einfachen Exercice. Mee mir mussen och Synergië fanne mam Spodi 2.0 zum Beispill.

D'Demande fir ee véierte Campus-Bus gouf schonns méi laang gestallt. Dësem Wonsch si mer elo nokomm, ouni awer am Virfeld d'Necessitéit ze klären. Et ass esou, dass munch Sortie pédagogique net konnt realiséiert ginn. Duerch een ze enken Timing ass d'Schoulschwamme spréchwiertlech an d'Waasser gefall, well einfach ze vill Retarden entstane sinn. Déi Fro gouf schonns am Gemengerot gestallt. An ee vun de Grënn war effektiv de Bus.

D'Natur- an d'Kreativschoul haten dann och Retarden an hirer Planung, well d'Klassen einfach net mat Zäiten um Site waren. Mir plangen, fir weider Projeten, wéi zum Beispill de Spodi, an eis Busflott matanzebannen.

Eis aktuell Gemengenateliere ginn nom Plënneren op Nidderkuer net méi genotzt. Déi solle Plaz maache fir den Ausbau vun der internationaler Schoul, an dëst fir eng weider Sportshal an eng Schwämm. Déi Installatioune sollen dann och kënne vun eisem Fondamental zu 1/3 genotzt ginn. Dëst ass nees ee Punkt, fir d'Schwammstonne besser ze garantéieren.

Am Budget 2025 ass och de Schoulhaff um Bock.mMir hu jo rezent de Concours „Méi Natur an eise Schoulhäff" gewonnen a ginn do mat enger hallwer Millioun bezuschusst. Eise Projet steet elo an der nächster Planungsphas.

Wuel wëssend, dass de Container op de Woiwer muss deplacéiert ginn. Dat ass jo och batter néideg, net nëmmen, fir d'Capacitéiten um Woiwer ze verstäerken, mee och well de provisoresche Schoulhaff um Bock verkéierstechnesch aktuell net ideal ass.

Fir géint eis Bëtongswüüsten an de Schoulhäff virzegoen, ass de Projet um Bock selbstverständlech ee wichtegen Outil. Mee och an eisen anere Campusse muss eppes geschéien. Um Fousbann wäerte mer elo mobil Sonneseegelen installéieren, déi och an der Summervakanz, wa keng Schoul ass, op der Maartplaz kënne genotzt ginn.

An enger zweeter Etapp ass et néideg, eis Schoulhäff verstäerkt ze begréngen. Mir sinn awer och gebonnen un d'Sécherheet, déi ëmmer priméiert. D'Weeër fir de CGDIS mussen ageplangt sinn, fir dass d'Securiste mat hire Gefierer zu all Gebai an zu all Säit deen néidegen Accès behalen.

Wat d'Sécherheet vun de Schoulhäff ubelaangt, si mer amgaangen, dat besteeënd Reglement ze verbesseren, fir dass mer Persounen aus deenen Espacen erauskréien, déi net just nëmme wëllen do spillen, mee Knascht hannerloossen, soudass de Portier all Moie muss botzen, respektiv mat Vandalismus opfalen.

Mir setzen an enger éischter Phas op den Dialog, zesumme mat eise Streetworker. Uschléissend muss een da méi repressiv virgoen.

Eng weider Sécherheetsmoossnam gëtt elo am Dezember getest an zwar eisen Telefon, deen iwwer d'Hautparleuren an all de Klassesäll geschalt ass, fir d'Personal séier ze informéiere bei Katastrophen, Bränn oder Amokleef. Eng national Direktiv kréie mer nach zougestallt, wéi ee sech soll verhalen, a virun allem, wéi kommunizéiert gi soll. An der Hoffnung, dass dëst ni muss ugewannt ginn, wiessele mer elo an ee weidere Ressort an zwar der Jugend.

Et gëtt zwou grouss Ännerungen oder Nouvellen, déi ech Iech fir 2025 annoncéiere kann, dat ass och budgetiséiert. Op där enger Säit ass d'Animateam, op Wonsch vum Jugendhaus, elo ënner der direkter Gestioun vun eisem Jugendservice. Ab Januar kënne mer dëst komplett iwwerhuelen. All d'Detailer goufe gekläert. Mir musse just nach d'Tariffer upassen an dat kënnt dann och an de Gemengerot.

Am Mee dëst Joer hu mer zesumme mam Jugendhaus deen zweete Youth Outreacher ugefrot. Wéinst engem Changement am Ministère huet jo den SNJ d'Gestioun vun de Jugendhaiser iwwerholl. Dowéinst ware mer nach e bëssen an der Schwief. Mee gëschter krute mer dee Posten dann elo accordéiert. Mir hunn en och säitens der Gemeng budgetiséiert.

Ech wëll ënnersträichen, dass d'Aufgab vum Youth Outreach eminent wichteg ass, virun allem fir eis Gemeng.

*Un quatrième bus scolaire a été ajouté pour répondre aux demandes et éviter les retards qui ont affecté les sorties pédagogiques, les cours de natation et les écoles de nature et de créativité.*
*Les ateliers communaux actuels feront place à l'extension de l'école internationale avec une salle de sport et une piscine, dont un tiers du temps sera réservé à l'enseignement fondamental. Pour la cour d'école Um Bock, la commune a remporté le concours « Plus de nature dans nos cours d'école » avec une subvention d'un demi-million.*
*Des voiles solaires mobiles seront installées à Fousbann, et un verdissement des cours d'école est prévu. Wagner souligne l'importance de maintenir l'accès pour les véhicules de secours.*
*Enfin, il mentionne une amélioration du règlement concernant la sécurité des cours d'école pour empêcher les personnes indésirables, qui laissent des déchets ou commettent des actes de vandalisme, d'y accéder. Thierry Wagner explique que, dans une première phase, le collège échevinal mise sur le dialogue avec les éducateurs de rue, avant de passer à des mesures plus répressives.*
*Un système téléphonique sera testé en décembre pour informer rapidement le personnel scolaire en cas de catastrophe ou d'urgence. Une directive nationale sur les procédures à suivre est attendue.*
*Concernant la jeunesse, il annonce deux changements majeurs pour 2025. L'AnimaTeam passe sous la gestion directe du service jeunesse dès janvier.*
*Un deuxième poste de Youth Outreach a été accordé, dont la mission est particulièrement importante pour la commune.*

*Le Plan communal de la jeunesse est désormais finalisé avec une mise en œuvre prévue en 2025. De nombreuses mesures sont déjà budgétisées, notamment pour les espaces destinés aux jeunes.*
*Thierry Wagner mentionne plusieurs projets culturels pour la jeunesse : la Jugendkonschtwoch, un projet DJ et la réalisation de courts métrages pour familiariser les jeunes avec la technologie de manière créative. Le projet Pimp my Differdange du Gravity Atelier est intégré au budget. Le festival rave au Hall O, qui a connu un grand succès, sera développé avec potentiellement un artiste de renom. Le service jeunesse réserve également le Hall O pour les associations étudiantes. Le programme Youth & Work est maintenu pour préparer les jeunes au monde professionnel.*
*Pour les festivités, il souligne la continuité avec quelques ajustements budgétaires. Le budget du carnaval a dû être augmenté, mais sera compensé par des recettes supplémentaires. L'achat de matériel réutilisable est nécessaire à la suite de l'interdiction des articles jetables à partir de janvier. Les autres manifestations (Fête nationale, kermesses, Made in Luxembourg, défilé de Saint-Nicolas, diner des célébrités et marché de Noël) ont lieu comme prévu. Pour la kermesse de Differdange, un service de sécurité devra malheureusement être déployé.*
*Dans le domaine sportif, Thierry Wagner annonce l'élaboration d'un plan de développement qui analysera la situation actuelle et établira des stratégies pour promouvoir le sport. Ce plan, qu'il appelle Spodi 2.0, intègre une vision du sport de la petite enfance au grand âge, du loisir à la haute performance.*
*Le Règlement des subsides pour les associations sportives est en cours de révision.*
*Le service des sports organisera ses évènements traditionnels, comme le Steel Run et la Nuit du sport.*
*La Journée du sport pour enfants est reprogrammée après les grandes vacances pour permettre aux jeunes de s'inscrire directement dans les clubs.*

De Plan communal jeunesse ass komplett ofgeschloss, de Startschoss fir d'Presentatioun respektiv d'Ëmsetzung ass 2025 geplangt. Am Budget sti schonns vill Mesurë fir de Plan-cadre mat Liewen ze fëllen. De Volet Place pour jeunes ass chiffréiert, dat mat virun allem Material fir d'Mise en place.

D'Jugendkonschwoch ass programméiert. Mir wäerten een DJ-Projet lancéieren, ee Projet Court métrage. Kleng Spots an Teaser gi jo medial haut méi oft genotzt. D'Zil ass et, de Jonken d'Technologie méi no ze bréngen, an dat op eng kreativer an artistescher Basis.

De Gravity-Atelier „Pimp my Differdange" fléisst an eise Budget. De Rave Festival am Hall O hat een enorme Succès dëst Joer. Mir wëllen dee weider ausbauen an nach méi attraktiv maachen. Mir sinn do a Gespréicher mat engem Top Act, méi wëll ech dozou elo nach net verroden.

Verrode kann ech awer, dass eise Service jeunesse den Hall O fir d'Schüler an d'Studentevereenegung e puermol reservéiert huet fir flott Partyen, wat jo och ee wichtegen Deel ass am Alldag vun eise Jonken.

Am Budget steet de Youth & Work. Deen elementaren Tool wëlle mer weiderhin notzen, wuel wëssend, dass eis Jonker dee Coaching brauchen, fir fit ze gi fir d'Beruffsliewen. Leider happert et schonns bei engem Virstellungsgespréich. Dee Service ass fir déi Jonk eminent wichteg.

Elo zu de Festivitéiten. Och do hu mer eng Kontinuitéit. Am Rectifié 2024 hu mer d'Megafuesend missen erhéijen. Op där anerer Säit wäerten awer méi Recettë generéiert ginn 2025, soudass sech dat e bëssen an der Balance hält.

Mir hu missen zousätzlecht Material kafe fir eis Fester, well ab Januar kee Wegwerfmaterial méi däerf benotzt ginn. Dowéinst ass och de Budget fir d'Wäschen am Cup-System an d'Luucht gaangen.

All eis aner Fester hale sech d'Wo, wat de Budget ubelaangt. Am leschte Budget hate mer schonns Upassunge gemaach wéinst der Präisdeierecht. Nationalfeierdag, Kiermessen, Made in Luxembourg, Kleeserchersëmzuch an de Promi Dinner stinn um Programm. Och de Chrëschtmaart ass am Rectifié 2024 ugepasst gi wéinst dem Tipi Revival.

Fir d'Déifferdenger Kiermes ass ze vermierken, dass mer, leider, Security wäerten asetze mussen, fir d'Sécherheet ze garantéieren.

Zum Schluss ginn ech méi sportlech. Mir brauchen ee Sportentwécklungsplang. Dëst bedéngt natierlech eng gréndlech Analys vum Ist-Zoustand a soll dann och Pisten erkenne respektiv erstellen, fir de Sport weider an eiser Gemeng ze fërderen. Dat geet vun der elementarer Beweegung an der Motorik an eise Schoulen a Maisons relais bis zu der konkreeter Begleedung an eise Sportsveräiner. Also u sech, wéi gesot, de Spodi 2.0.

Lifelong Learning ass ee Schlagwuert, gekoppelt un d'Life-Balance. Alle béid si Synonym, fir Sport schonns am jonken Alter ze entdecken an dann och dobäi ze bleiwen. An dat bis an den héijen Alter.

Dëst si Perimeteren, déi an eise Sportentwécklungsplang wäerten afléissen. A sollen dann och an d'Spart vu Sport a Beweegung agebonne ginn. Also vu Fräizäit- bis Héichleeschtungssport an dat fir all Generatioun, vu Jonk bis Al.

Wéi kann een de Veräiner elo geziilt an effizient hëllefen? Mir hunn d'Subsidereglement schonns zesumme mat der Sportskommissioun ugepaakt, mir sinn do am Finissage, dass d'Subside kënnen ugepasst ginn an dëst am Sënn vum Veräinssport. An do wäerte mer, wéi den Här Ulveling gesot huet, de Jumelage mat integréieren.

De Service des sports wäert 2025 seng traditionell Sporteventer organiséieren. De Steel Run zesumme mam iRun, respektiv d'Nuit du sport a Kooperatioun mam Sportsministère.

De Kannersportdag wäerte mer d'nächst Joer no der grousser Vakanz organiséieren. Dat huet eng Begrënnung: D'Zil ass et jo, d'Kanner fir de Sport an eise Veräiner ze begeeschteren. Virun der grousser Vakanz ass et awer esou, dass vill Veräiner keen Training

méi hunn, soudass d'Kanner Loscht kréien an da bildlech gesinn virun enger zouener Sportshal stinn.

Mir hunn awer vill Méiglechkeeten: Mat der Sportshal John Scheuren mat 40 % méi Trainingsfläch, plus dem Hall O, der Turnhal, dem Aquasud an natierlech de Fussballterrainen am Parc des Sports.

Komme mer zu de Bauten. Da si mer direkt bei der neier aler Sportshal Uewerkuer, wou mer méi Capacitéite wäerten hunn. An da wäerte mer hoffentlech Enn Mäerz oder Abrëll 2025 operationell sinn.

Zesumme mat der Sportshal Bock, wou mer op der Dernière ligne droite sinn, hu mer am Indoor-Beräich nei Méiglechkeeten. An der Sportshal Fousbann ginn d'Haleluuchten, déi am Endstadion sinn, duerch méi performant LED-Straler ersat. An der Turnhal Josy Stoffel gëtt d'Foss komplett renovéiert, een Outil, dee wichteg ass fir eis Turner, fir absolutt sécher Receptiounen trainéieren ze kënnen.

Am Outdoor-Beräich lafe Gespréicher fir ee regionale Liichtathleetikstadion am Kader vun de Kordall-Gemengen.

De Fussballstadion Thillebierg huet d'Phas 1 ofgeschloss an am Budget ass d'Phas 2 chiffréiert.

Am Budget extraordinaire stinn zwou Renovatioune vu syntheeteschen Terrainen, dem Stade Jos Haupert an dem Stade municipal. Um Haupert zu Nidderkuer muss urgent den Drainage um Haaptterrain erneiert ginn. Mir sinn och um Plange fir eng Erweiderung vun de Vestiären, wat batter néideg ass. Des Weidere sinn Aarbechten um Elektreschen an der Pipeline.

Um Stade municipal ass eng Ännerung ze vermierken: De Kontrakt mat Strabag gouf opgeléist, am Interessi vun deenen zwou Säiten. Ee gudden Deel vum Instandhaltungskonto gëtt genotzt fir spéider Investitiounen um Site.

Budget hu mer virgesi fir de Schéissterrain Uewerkuer. Wuel wëssend, dass mer nach op d'final Autorisatioune waarden.

Zum Aquasud ass ze soen, dass mer an enger neier Planungsphas stinn, fir d'Offerte ze erweideren. An dat fir Wellness a Fitness, mee och am Aqua-Beräich vu Fräizäit bis therapeutesch Zwecker. Synergië gi gesicht, fir dat Ganzt voll ofzeronnen.

Den Aquasud ass ee Pilier vum neie Parc des Sports, wou d'Häerzstéck vum Déifferdenger Sport läit, mee awer och den Nuebel vun der Sportsfuerschung am Lëtzebuerger Land. Dëst vum Fräizäitsport, haaptsächlech am Aquasud, iwwer den Elittesport op eisem Stadion, der Turnhal bis an déi nei Sportshal John Scheuren. Mee awer och am Héichleeschtungsberäich an der Sportfabrick plus an der Sportsformatioun bei der LUNEX University.

Domadder wëll ech meng Budgetsried ofschléissen. Ech mengen, dass mer gutt opgestallt si fir 2025, mee och déi nächst Joren. Merci nach eng Kéier de bedeelegten Acteuren, déi um Erstelle vum Dokument matgeschafft hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. D'Wuert geet un den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. De Virdeel, wann een als Véierte schwätzt, hunn d'Virriedner schonn dat méi Generellt iwwer de Budget gesot, soudatt ech dann direkt op meng Ressorte kann iwwergoen an Iech Widderhuelungen erspueren.

Mam Budget setzt ee bekanntlech d'Akzenter vu senger Gemengepolitik. Wéi schonn dat lescht Joer, ass de Logement eng vun eise Prioritéiten.

Dir gesitt op der Säit 229, datt mer fir 2025 22,6 Milliounen Euro ageplangt hunn, wat vun onse gesamten Dépenses extraordinaires iwwer 20 % duerstellt. Heimat ënnerstäiche mer kloer onst Engagement fir de Logement hei zu Déifferdeng.

Am Dokument ass den Detail opgelëscht, fir wéi eng Projeten dës virgesi sinn. Do hu mer zum Engen de

*Concernant les infrastructures, il mentionne le centre sportif John-Scheuren avec 40 % de surface d'entrainement supplémentaire. Le centre d'Oberkorn sera opérationnel au printemps 2025 et celui du Bock est en phase finale.*
*À la salle du Fousbann, les luminaires seront remplacés par des DEL, tandis qu'à la salle Josy-Stoffel, la fosse sera rénovée.*
*Des discussions sont en cours pour un stade d'athlétisme régional avec les communes du bassin de la Chiers.*
*Pour le football, la phase 1 du stade Thillebierg est terminée et la phase 2 est budgétisée. Des rénovations sont prévues pour les terrains synthétiques du stade Jos-Haupert et du stade municipal. Le contrat avec STRABAG a été résilié.*
*Un budget est prévu pour le stand de tir d'Oberkorn.*
*Aquasud entre dans une nouvelle phase de planification pour étendre ses offres de bienêtre, fitness et thérapie aquatique. Thierry Wagner évoque les synergies qui se mettent en place pour finaliser l'ensemble du projet sportif. Il présente Aquasud comme un pilier essentiel du nouveau parc des Sports, qui constitue non seulement le cœur du sport à Differdange, mais aussi le centre de la recherche sportive au Luxembourg. Ce complexe englobe diverses installations allant du sport de loisirs, principalement à Aquasud, au sport d'élite avec le stade, le gymnase et la nouvelle salle de sport John-Scheuren, sans oublier le secteur de la haute performance à la Sportsfabrick et la formation sportive à l'Université LU:NEX.*
*Il conclut en affirmant que la commune est bien positionnée pour 2025 et les années à venir. Il remercie tous les acteurs impliqués dans l'élaboration du budget.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *commence par souligner l'avantage de parler en quatrième position, les orateurs précédents ayant déjà abordé les généralités sur le budget, ce qui lui permet de se concentrer directement sur ses domaines de responsabilité.*
*Il explique que le budget définit les priorités de la politique communale*

*et que, comme l'année précédente, le logement demeure l'une des priorités. Pour 2025, la commune prévoit 22,6 millions d'euros pour ce secteur, représentant plus de 20 % des dépenses extraordinaires totales.*
*Il détaille plusieurs projets de logement, notamment le projet Heliosmaart à Niederkorn comprenant 11 appartements destinés à agrandir le parc de logements abordables, ainsi que 2 résidences étudiantes : l'une sur le site de l'ancien Maxim's pour 79 étudiants et l'autre sur le site de l'ancien Monopol pour 130 étudiants. Ces initiatives répondent aux besoins liés à la présence de deux universités à Differdange et une autre à proximité, à Belval.*
*Ces investissements sont possibles grâce à la collaboration avec l'État à travers le ministère du Logement, qui subventionne jusqu'à 75 % des couts grâce à la loi sur l'aide à la pierre. Dans les recettes, la commune compte prudemment sur une moyenne de 65 %, soit 14,69 millions d'euros.*
*Le Pacte logement 2.0 génère des revenus additionnels qui, bien qu'ils ne soient pas inclus dans le budget 2025, apporteront plusieurs millions d'euros en plus au cours de l'année.*
*Concernant le bilan de 2024, sur les 10 millions d'euros initialement prévus, 8,7 millions ont été effectivement utilisés pour l'acquisition de quatre maisons et un appartement, le lancement du projet VEFA Heliosmaart et divers travaux de rénovation. Les subventions pour 2024 s'élèvent à environ 5,5 millions d'euros par le biais de l'aide à la pierre et 6,9 millions par le biais du Pacte logement 2.0.*

Projet Heliosmart zu Nidderkuer, eelef Appartementer, fir eise Pool vun abordabele Logementer ze vergréisseren, Projete vun den zwou Studenteresidenzen, wou mer als Stad Déifferdeng Wunnraum fir Studente schafen. Dëst um Site vum fréiere Maxim's fir 79 Studenten an um Site vum fréiere Monopol fir 130 Studenten.

Vu de risege Besoin an dësem Beräich an dem Fait, datt mer zwou Unien zu Déifferdeng an eng direkt ugrenzend um Belval hunn, gëtt dëst gebraucht an ass beräicherend fir eis Dynamik an d'Mixitéit an der Stadentwécklung.

D'Studenten, wa se dann an der Vergaangenheet eppes fonnt hunn, hu bis dato Wunnraum bezunn, deen zukünfteg dann nees méi fir den normale Marché fräi wäert bleiwen.

Budget ass virgesinn, fir Objeten ze kafen, fir esou ons Offer u Wunnraum direkt ze vergréisseren. An et ass eng finanziell Enveloppe virgesinn, fir e puer besteeënd Haiser oder Appartementer ze renovéieren, raimlech an energeetesch, fir se uschléissend als abordabele Logement ze notzen. Zum Beispill dat aalt Parhaus zu Nidderkuer, wou am Haus zäitgläich dovu profitéiert wäert ginn, fir weider Zëmmeren anzezéien an déi besteeënd Surface optimal ze notzen.

Bei all dësen Ausgaben ass esou een Effort fir eng Gemeng just méiglech, wann een dëst zesumme mam Staat mécht, an dësem Fall dem Logementsministère. Wou mer eeben dës Ausgaben iwwer d'Gesetz vun der Aide à la pierre bis zu 75 % kënne subventionéiert kréien. Dëst stellt natierlech ee Maximum duer, well d'Subside bezéie sech op d'Surface utile d'habitation an ënnerleien engem strenge Krittärekatalog mat verschiddenen Oplagen a Plaffongen.

An de Recetten, gesitt Der, rechne mer virsiichteg mat enger Moyenne vu 65 %, also 14,69 Milliounen Euro Recetten. Eng beuechtlech Zomm, wou een u sech soe kann, déi de Staat zu Déifferdeng investéiert.

Iwwer de Pacte Logement 2.0 kréie mer zousätzlech Einnamen. Am Budget stinn dës fir 2025 mat null. Dëst, well dat esou virginn ass. Mee hei kréie mer nach e puer zousätzlech Milliounen am Laf vum Joer. Fir dëst Joer leie mer jo bei 6,9 Milliounen Euro.

Am Kontext vum Logement wëll ech ervirhiewen, datt d'Schafung heivunner laangfristeg ee Plus fir d'Gemengefinanzen duerstellt, well nieft dem vergréisserte Patrimoine esou zousätzlech Recettë fir d'Gemengekeess generéiert ginn.

Punkto Recetten hu mer am Schäfferot decidéiert, déi 2,6 Milliounen Euro fir den Terrain an der Rue Duchscher erauszehuelen, déi viru Laangem, also virun dëser Koalitioun, dragesat goufen. Well mer eebe keen Terrain verkafen, mee Logementer oder aner wichteg ëffentlech Strukturen op dëse Plaze fir d'Awunner en contrepartie wëllen. U sech och ee Montant, dee mer an Offere fir d'Leit investéieren.

Da wëll ech kuerz op dat vergaangent Joer agoen. Do waren 10 Milliounen Euro virgesinn. Am Rectifié si mer bei 8,7 Milliounen Euro, well eeben net alles direkt konnt ëmgesat ginn.

An dësen 8,7 Milliounen Euro fir 2024 goufe véier Haiser an een Appartement kaf, fir séier fir d'Leit accessibel ze maachen. De VEFA-Projet Heliosmart zu Nidderkuer gouf ugefaangen. A mam Maxim's wäerte mer een zweete VEFA-Projet starten.

Des Weidere goufe Renovatiounsaarbechten a verschiddene Wunnunitéite gemaach.

Subside krute mer 2024 ronn 5,5 Milliounen Euro iwwer d'Aide à la pierre. An nach eemol, wéi scho virdru gesot, 6,9 Milliounen Euro iwwer de Pacte Logement 2.0.

Hei profitéiere mer nach vill vum Projet Gravity. Mee fir datt et an Zukunft esou bleift, musse mer weiderhin an de Logement investéieren.

Dee leschte Montant gëtt jo projetspezifesch ausbezuelt. Deen ass e bësse verdeelt duerch d'Dokument. Op der Säit 11 hu mer se bei den Erklärungen eemol all zesummen opgefouert.

Een Theema punkto Logement sinn och ons dräi Flüchtlingsstrukturen, déi mer un d'ONA verlounen. Hei plange

mer, de Karro laangfristeg der ONA zur Verfügung ze stellen, wat dann eng honnertprozenteg Bezuschussung mat sech bréngt, also ronn 12,5 Milliounen Euro.

Da kommen ech zu engem anere Ressort, dem Département vivre-ensemble.

Déi gutt Zesummenaarbecht mam CIGL féiere mer natierlech weider. De Projet Youth & Work, den Här Wagner sot et schonn, gëtt vun de Jonke gutt ugeholl. Soudatt mer mat hinnen d'Offer zu Déifferdeng verstäerken.

Nei gesitt Der op der Säit 111, datt mer am Departement zukünfteg d'Gestioun vum Animateam iwwerhuele wäerten. Déi administrativ a virun allem pedagogesch Gestioun gëtt domadder an Zukunft vun eisem Service jeunesse zesumme mam Job Center assuréiert. Dëst op Ufro vum Jugendtreff Déifferdeng.

D'Zil ass et, de Jonken e beschtméiglecht Encadrement ze offréieren an natierlech d'Qualitéit vun der Prestatioun héichzehalen.

De Projet Collec'Diff, eis Streetworker, leeft weider. Aktuell gëtt de Gros vun den Onkäschten iwwer eisen Office social gedeckt. Hei versiche mer, mam Familljeministère eng durabel finanziell Léisung ze fannen. Fir eventuell och een Ausbau vun der Offer ze envisagéieren.

D'Allocation de solidarité, wéi am leschte Gemengerot ugekënnegt, wäerte mer mat dem Staat hirer Allocation de vie chère héijen. D'budgetär Enveloppe fir d'Allocation de solidarité erhéicht sech deemno vun 2.350.000 Euro op 2,6 Milliounen Euro.

Wat an dësem Kontext am Prinzip och eng gutt Saach ass, ass deen dann endlech agefouerten automateschen Informatiounsaustausch vum Staat mat onsem Office social. Hei musse mer awer nach d'Ëmsetzung ofwaarden. Mir wëllen nämlech, datt den Informatiounsaustausch e puermol am Joer stattfënnt, fir dës Hëllef séier kënnen auszebezuelen. Well wa mer d'Informatiounen eréischt gebündelt nom Ofschloss vum Joer kréien, géif dat bedeiten, datt déi Leit, déi grad op dës Suen urgent ugewise sinn, laang missen drop waarden.

Bis elo konnte si beim Staat zum Beispill hir Allocation de solidarité schonn am Mäerz ufroen, krute se, zum Beispill, am Abrëll ausbezuelt a mam Certificat konnte se an eisen Office social goen, wou se se dann och direkt ausbezuelt kruten.

Wa mer awer elo mussen op den Ofschloss vum Joer waarden, dat géif bedeiten, datt mer dann déi Lëscht eréischt am Januar dat Joer drop géife kréien an dann och eréischt am Januar oder Februar kéinten ausbezuelen. Wat siwen, aacht Méint Verzögerung wier. Wat net gutt wär. Do teste mer elo dee vum Staat proposéierten Informatiounsaustausch a kucken dann, ob mer heiriwwer fueren oder den aktuelle System vun eis bäibehalen.

Da kommen ech zu de Senioren. De Ruffbus Dinola fiert inchangéiert weider. D'selwecht de Repas sur roues an och de Projet, wou d'Gemeng vulnerabele Leit hëlleft, hir Akeef an de Geschäfter oder der Apdikt ze tätegen. Hei hu mer mussen de Budget no uewen upassen, well d'Demande wiisst. Déi kaafte Produite kréien d'Leit integral verrechent. D'Onkäschte vum Service duerch d'Organiséieren an d'Persoun, déi d'Akeef leescht – oft een aus dem CIGL – bezilt d'Gemeng.

Mer bidden eng sëllege Fester an Aktivitéite fir den Drëtten an de Véierten Alter un. Hei hu mer eng flott Zesummenaarbecht mat eisem Club Senior, dee jo elo Club Kordall Aktiv heescht.

Eppes, wouru mer an onsem Service rezent geplangt hunn a fir d'nächst Joer en place setzen, ass, datt mer och de Volet vun der Digitalisatioun fir d'Seniore méi wëllen ofdecken. Sou ass schonn e Webbanking-Seminar fir den 13. Februar virgesinn. An ab dem 17. Februar soll an dësem Kader dann all Méindeg ee Smart-Café stattfannen, wou ons Senioren zum Beispill mat hirem Apparat kënne laanschtkommen an da gehollef kréien. Dat Ganzt natierlech verbonne mat enger jovialer Atmosphär. Et gëtt, ënner anerem, och Kaffi.

**ENG STËMM:**

A Kuch?

(Gelaachs)

*Pour le département du vivre-ensemble, Jerry Hartung mentionne la poursuite du partenariat avec le CIGL et le renforcement du projet Youth & Work.*
*Une nouveauté importante est la prise en charge de la gestion de l'AnimaTeam par le service jeunesse et le Jobcenter.*
*Le projet CollecDiff (éducateurs de rue) se poursuit également, avec une recherche de solution financière durable auprès du ministère de la Famille.*
*Enfin, l'allocation de solidarité sera augmentée, passant de 2 350 000 € à 2,6 millions d'euros, avec l'introduction d'un échange automatique d'informations avec l'État, dont l'orateur espère une mise en œuvre permettant plusieurs versements par an pour ne pas faire attendre les bénéficiaires. Jerry Hartung annonce que l'État propose un échange d'informations à examiner avant de décider de maintenir ou non le système actuel.*
*Concernant les séniors, il affirme que le service de bus Dinola continue sans changement, tout comme le service de repas sur roues et le projet d'aide aux courses. Le budget de ce dernier a été augmenté face à une demande croissante, les produits étant facturés aux bénéficiaires tandis que la commune paie l'organisation et le personnel effectuant les achats.*
*Il évoque la collaboration avec le Club Senior, désormais nommé Club Kordall Aktiv, pour diverses fêtes et activités destinées au troisième et quatrième âge. Pour l'année prochaine, son service prévoit de renforcer la numérisation pour les séniors avec un séminaire le 13 février et un SmartCafé hebdomadaire à partir du 17 février, où les séniors pourront venir avec leurs appareils pour obtenir de l'aide dans une atmosphère conviviale.*
*(Interruption)*

*Jerry Hartung répond qu'il faudra voir, qu'il ne l'exclut pas. Il précise en riant que, généralement la population cible apporte elle-même le gâteau, mais que le budget pourra probablement le couvrir.*
*Il poursuit en expliquant que la commune travaille sur un plan communal pour séniors selon les directives du ministère de la Famille et se réjouit de la présence d'un conseil des séniors actif, qui va dans les quartiers pour recueillir les besoins. Le budget pour les séniors passe de 426 000 € à 450 000 €.*
*Pour le service à l'égalité des chances, les articles ont été réorganisés et regroupés dans un seul article budgétaire de 250 000 € contre 201 000 € en 2024.*
*Il détaille les dépenses prévues pour divers projets, comme l'Orange Week, Women in March, la Journée de l'homme, ainsi que pour des formations et le budget participatif lancé en 2024. Un groupe de travail a été créé pour avancer sur la loi d'accessibilité, qui doit être mise en œuvre d'ici 2031.*
*Concernant l'école de musique qui fête ses trente ans, le budget extraordinaire de 40 000 € pour l'anniversaire disparait, mais celui des projets pédagogiques augmente de 5000 €. Les dépenses totales passent de 3,4 à 3,7 millions d'euros en raison de l'augmentation du nombre d'élèves (1060) et donc des heures d'enseignement.*

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Muss ee kucken. Ech schléissen et net aus. Meeschtens bréngt d'Zilpopulatioun de Kuch selwer mat. Mee ech mengen, dat packe mer am Budget, fir Kuch matzebréngen.

Da schaffe mer un engem Seniorekommunalplang, dee sech un d'Richtlinne vum Familljeministère orientéiert, fir ëmmer weider nach besser ze ginn. Sou sinn, ënner anerem, Konferenzen ëm den Drëtten a Véierten Alter geplangt.

Immens frou sinn ech iwwer ee ganz aktive Seniorerot, deen an d'Quartiere geet an aktiv de Kontakt zu de Seniore sicht, fir hir Besoinen ze erfaassen an Aktiounen ëmzesetzen. Lasauvage waren déi Éischt, an déi nächst ass scho geplangt am Zentrum.

Punkto Budget hu mer d'Artikelen ugepasst, a mer ginn an den Dépenses ordinaires diesbezüglech insgesamt vu 426.000 op 450.000 Euro erop.

Am Service égalité des chances goufen d'Artikele reorganiséiert. Do koumen nei Projete bäi, déi goufen individuell budgetiséiert. Dëst Joer wier et nees de Fall gewiescht, wou mer, quitte datt et fir verschidde Projeten ass, déi am Service an engem Artikel regruppéieren. Wat mer eeben och vun eise Finanzexperten esou suggeréiert kruten.

Dofir gesitt Der an der Liasse op der Säit 96 lauter Nullen. Dat bedeit net, datt mer d'Projete stoppen – definitiv net. Mee op der Säit 95 si se all zesummegefaasst mat engem Gesamtmontant vun 250.000 Euro par rapport zu 201.000 fir 2024.

Hei sinn, zum engen, Ausgabe fir Projete virgesinn am Kader vun der Orange Week, Women in March, Journée de l'homme, Fraen am Sport, Café des langues, den Owend fir ons nei Awunner, Nopeschfester, Pakt vum interkulturellen Zesummeliewen an esou weider.

Zum anere fir Formatiounen an dësem Beräich. D'Gestioun vun den Traduktiounskofferen, déi och Associatioune benotzen. An och de Budget participatif, dee mer 2024 agefouert hunn.

Vu datt de Kader elo steet, wäerte mer den Appel à projets méi fréi am Joer 2025 lancéieren. Mir freeën ons elo schonn nees op d'Participatioun vun de Bierger.

Nei, a wat d'Differenz vun de 50.000 Euro erklärt, ass datt mer ee Groupe de travail gegrënnt hunn, fir am Kader vum Accessibilitéitsgesetz virunzekommen. Zur Erënnerung: Bis 2031 soll alles design-for-all-konform ëmgesat sinn. Dës finanziell Enveloppe geet sécherlech bei wäitem net duer, mee erlaabt awer, éischt Mesuren unzegoen. Et geet elo emol drëms unzekommen, sech mat de staatlechen Instanzen heizou auszetauschen, opzeläschten, wat wéi soll ëmgesat ginn an dëst, le moment venu, mesurespezifesch ze budgetiséieren.

Zu der Museksschoul. Dëst Joer feiert d'Déifferdenger Museksschoul 30 Joer. Den extrae Poste vu 40.000 Euro fir den Anniversaire fält logescherweis ewech. Dofir gi mer awer bei de pedagogesche Projeten ëm 5.000 Euro erop, fir och ouni Anniversaire de Schüler weiderhi flott Offeren unzebidden.

Insgesamt ginn d'Ausgaben hei erop, vu ronn 3,4 op 3,7 Milliounen. Spéider, beim Punkt 5 vun der Schoulorganisatioun vun eiser Museksschoul, kommen ech nach eng Kéier dorop zréck, well mer hei d'Säll versicht hunn, optimal auszelaaschten. Woumat mer dëst Schouljoer méi Schüler konnten ophuelen. Insgesamt si mer elo bei 1.060. Dat bedeit natierlech och méi Stonnen Enseignement, wouduerch d'Personalkäschten eropginn.

Ech denken, do si mer eis all eens, datt dat eng gutt Saach ass. Besonnesch, datt zu deem d'Subventioun vum Staat dann och materopgeet.

Och d'Frais d'exploitations hu mer ëm 5.000 Euro eropgesat. Méi Schüler bedeit méi Concoursen a méi Jury.

Ech schléisse mat der Bibliothéik an den Archiven of. D'Ausgabe fir d'Material bleiwe konstant. Do hate mer d'lescht Joer jo schonn eng Hausse. Dat geet eeben duer, wat am Moment fir déi reegelméisseg Aktualiséierung vun de Bicher, Zäitschrëften an esou weider gebraucht gëtt.

Et brauch net ëmmer vill Sue fir flott Initiativen. Besonnesch, wa mer Rich-

tung Digitalisatioun denken. D'Bibliothéik participéiert um Ebooks-Projet. Dëst Joer kruten d'Clienten den Accès zur Médiathèque numérique du Luxembourg, kuerz dem MéNuLu. Nei sinn d'Pocket Reader, eng Zort Liesbicher fir ze lauschteren, souwéi d'Tonie-Figuren, eppes fir d'Kanner un d'Bicher ze bréngen. Wat mer no enger Testphas d'nächst Joer ausbaue wëllen.

Et ass virgesinn, sech punkto Personal ze verstäerken. Si bidden och selwer Kannerliesungen un an esou kann een dëst méi intern ubidden. Esou kréie mer da méi Schoulklassen an aner Offere fir d'Kanner an Eegeregie ofgedeckt.

Duerfir kënne mer hei punkto Budget liicht erofgoen, well mer et eebe méi intern wäerten ubidden. En contrepartie setze mer duerfir de Lundi littéraire erop, fir dat och auszebauen.

An den Archive fuere mer weider, al Dokumenter fachgerecht ze digitaliséieren. Dat huet awer ee gewëssene Käschtepunkt, well dat scho professionell muss gemaach ginn: ronn 40.000 Euro.

Den Alldag ass natierlech d'Konservatioun vu materielle Saachen, wou ëmmer méi bäikënnt a mer musse kucken, fir dëst uerdentlech ënnerzebréngen.

Des Weidere schaffe si mam Service Senior Plus zesummen um Projet Mémoires du passé, wou d'Erfarungsberichter vu bekannte Persoune vun Déifferdeng digital fir d'Nowelt opgeholl an als klenge Film zesummegesat ginn.

Ech sinn elo um Enn vu menger Budgetsried ukomm. Ech wëll jidderengem Merci soen, deen um Budget matgeschafft huet. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. D'Wuert geet un d'Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci. Ech hätt jo elo gesot, well ech dee Leschte sinn, hunn ech manner ze soen, mee et gesäit awer elo net esou aus.

Ech géif dann elo mol lassleeën. Als Alleréischt jiddwerengem ee gudde Moien. Och deen, deen dobaussen nolauschtert. Ech freeë mech, däerfen haut mäin Deel vum Budget ze presentéieren.

Ufänke géif ech mam Deel vun der Ekologie an dann déi verschidden aner Beräicher. De Budget fir d'Ëmwelt setzt sech zesummen aus der Ëmsetzung vun neien ambitionéierte Projeten an der Fortsetzung vu fréieren Initiativen.

Ech ginn allgemeng op meng Part vum Budget an, fir Iech en Iwwerbléck iwwer dat dach grousst a schwéierfällegt Dokument ze ginn. Wa Froen zu genauere Montante sinn, stinn ech Iech natierlech duerno gär bereet fir Är Froen.

Wat d'Dagesgeschäft ugeet, kann ee soen, dass mer, wat de budgetäre Volumen ugeet, weiderhi stabel sinn. Eis Offallwirtschaft, eis Mesurë fir Biodiversitéit an den Erhalt vu Liewensraim zum Beispill, zesumme mam Naturschutzsyndikat SICONA, eise Monitoring vun der Loftqualitéit, d'Aktioune vis-à-vis vun eise Bierger fir eng Erhéijung vun der Liewensqualitéit vun Déifferdeng – an all dëse Positioune wäerte mir weiderhi mat där selwechter Qualitéite schaffen, déi mir bis elo garantéiert hunn a stänneg no Méiglechkeete sichen, eis ze verbesseren an d'Offer fir d'Déifferdenger Bierger ze optiméieren.

Nennenswäert ass hei den Naturpakt, den Naturschutzprogramm, deen eis Efforte bal komplett duerch seng Recetten erëm deckt. Wat een nach gesäit, ass, dass mer eng Hausse an de Subsiden hunn, wuel och well vill Leit nach virum Oflaf respektiv der Minderung vum staatleche Subsid, eng Demande eraginn hunn um Ministère, déi dann elo zäitverzögert bei eis ukommen.

Eng weider Hausse gesitt Der am Artikel Biodiversité en ville. Dës ass essentiel, well mer am Laf vum nächste Joer Moossname géint invasiv Planzenaarten ënnerhalb vun eisem Stadkär ergräife mussen. Fir dass sech de Probleem net vergréissert an den Impakt

*Pour la bibliothèque et les archives, monsieur Hartung mentionne des initiatives numériques, comme le projet eBooks et l'accès à la médiathèque numérique du Luxembourg. Il évoque l'acquisition de Pocket Reader et de figurines Tonie pour initier les enfants aux livres. Il conclut en mentionnant la numérisation professionnelle de documents anciens et le projet Mémoire du passé en collaboration avec le service Senior Plus.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Hartung et donne la parole à madame Charlé.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *commence par saluer l'assistance et exprime sa joie de présenter sa partie du budget.*
*Elle aborde d'abord le volet écologique avant de passer aux autres domaines. Elle explique que le budget environnemental combine la mise en œuvre de nouveaux projets ambitieux et la poursuite d'initiatives antérieures. Elle propose un aperçu général de sa partie budgétaire et se dit disponible pour répondre aux questions sur des montants spécifiques.*
*Concernant les affaires courantes, elle affirme que le volume budgétaire reste stable. La gestion des déchets, les mesures pour la biodiversité, la préservation des habitats avec le syndicat de protection de la nature SICONA, la surveillance de la qualité de l'air et les actions pour améliorer la qualité de vie des citoyens de Differdange maintiennent le même niveau de qualité.*
*Zenia Charlé souligne l'importance du Pacte nature, un programme de conservation, dont les recettes couvrent presque entièrement les efforts consentis. Elle note une augmentation des subventions, probablement due aux nombreuses demandes soumises au ministère avant l'expiration ou la réduction des subventions d'État.*
*Une autre hausse apparait dans l'article « Biodiversité en ville », essentielle pour contrer les espèces végétales invasives dans le centre-ville.*

*L'échevine poursuit avec le programme NetZeroCities, un projet ambitieux qui place Differdange dans un rôle de pionnier. La ville fait partie des 112 « mission cities » européennes s'engageant à développer une stratégie complète d'ici 2030. Cette stratégie doit montrer comment des espaces européens comparables à Differdange peuvent devenir climatiquement neutres d'ici 2050. Elle exprime sa joie de pouvoir accompagner ce projet avec monsieur Tom Ulveling.*
*Parmi les mesures concrètes, elle cite la comptabilisation des émissions de CO2 dans la gestion des déchets, la poursuite du projet de poubelles assistées par IA dans les cantines publiques, dont le projet pilote à Servior a dépassé les attentes.*
*D'autres initiatives comprennent le projet Interreg Cool Neighbourhoods, qui prévoit la végétalisation des façades et des toits, notamment à l'école du centre ; le projet Sharing Stations, qui permettra l'emprunt d'articles de sport à différents endroits ; et le système Wring, concept de gestion des déchets regroupant les poubelles souterraines pour des quartiers entiers, pour lequel une étude de faisabilité est prévue. Dans le cadre du Pacte climat, le budget prévoit des études, telles que le concept d'adaptation climatique, le travail de sensibilisation, et des mesures concrètes, comme les CityTrees. Un concept d'éclairage pour la ville est également prévu pour trouver un compromis entre les exigences du Pacte climat et du Pacte nature.*

op d'Natur an eis finanziell Ressourcë minimiséiert sinn, muss een hei zäitno handelen.

Weider geet et mam NetZeroCities-Programm, eisem ambitiéise Projet, deen Déifferdeng eng Pionéierroll zouweist. Dëse Programm ënnersträicht eist Engagement, eise Kanner eng nohalteg a klimafrëndlech Zukunft ze bidden. Déifferdeng ass eng vun 112 europäesche Mission Cities, déi sech verflicht huet, bis 2030 eng ëmfaassend Strategie auszeschaffen.

Dës Strategie soll weisen, wéi europäesch Raim, déi mat Déifferdeng vergläichbar sinn, bis 2050 kënne klimaneutral ginn. Ech sinn immens frou, dëse Projet zesumme mam Här Tom Ulveling begleeden ze dierfen. Och wann ech nëmmen ee klengen Deel vun dësem groussen a wichtege Projet iwwerhuelen, ass dëst fir mech eng spannend Erausfuerderung. Besonnesch faszinéiert mech, dass dëse Projet net nëmme virgesäit eng Strategie ze entwéckelen, mee och konkreet Schrëtt duerch verschidden Etüden a prakteschen Ëmsetzunge virzebereeden.

Ee Beispill dofir sinn d'Bilanzéierung vum CO2-Ausstouss an der Offallwirtschaft, eng Etüd, déi direkt un de Moossnameprogramm gekoppelt gëtt an déi ressourceneffizient Mesurë virgëtt, fir esou eis Ziler ze erreechen.

Um Terrain muss dann awer och konkreet eppes passéieren. Dofir gesäit de Budget vir, de Projet vun de KI-ënnerstëtzenden Offallbehälter an eisen ëffentleche Kantinne weiderzeféieren. Dëst, well de Pilotprojet vu Servior d'Erwaardung ëm seng Effikassitéit positiv iwwerschratt huet.

Weider Beispiller fir eist Vorhaben am Kader vun NetZeroCities wäerte follgend sinn:

Den Interreg-Projet Cool Neighbourhoods ass ee Projet, deen d'Promotioun vu Mesuren, wéi Daach- oder Fassadebegréngung an der Klimaupassung virgesäit. An deem Kader soll eng Fassadebegréngung un der Schoul hei am Zentrum gemaach ginn.

De Projet Sharing Stations start 2025 mat éischten dräi Statiounen. Hei sollen, an enger éischter Phas, op verschidde Plaze stonneweis kënne Sportartikelen ausgeléint ginn. Dëst Konzept soll eis Objektiver an der Kreeslafwirtschaft cibléieren an natierlech och generell eppes fir d'Gesondheet vun de Leit maachen. Well doduerch de Sport promouvéiert gëtt.

De Ring System kennt Der vläicht vum Müllkonzept aus dem Ausland. Dee net méi viséiert, all eenzelem Stot seng Dreckskëschten ofzehuelen, mee Plaze virzegesinn, wou an ënnerierdesche Poubellë fir kleng Quartiere Müllentsuergung regruppéiert gëtt.

Dëst hätt als Virdeel, dass d'Leit hir Dreckskëschten net méi missen doheem stockéieren. Dat ass nämlech a verschiddene vun eise Quartieren ee Probleem. Zemools do, wou d'Leit keng Garagen oder Kelleren hunn. Ier dëst awer sprochräif gëtt, soll hei mol d'éischt eng Machbarkeetsstudie gemaach ginn.

De Budget am Kader vum Klimapakt setzt sech zesummen aus Etüden, wéi zum Beispill dem Klimaupassungskonzept, der Ëffentlechkeetsaarbecht an de Mesuren um Terrain, wéi de City Trees oder de Survcoins. Awer och Ambitiounen, fir richteg Grénganlagen an eiser Gemeng ze integréieren.

Ee Beliichtungskonzept fir d'Stad soll hei ee Kompromëss tëschent Klima- an Naturpakt erreechen, deenen hir Ufuerderunge mol divergéiere kënnen: zum Beispill, wéi eng Zone musse wéini a wéi staark beliicht sinn.

Et mécht zum Beispill kee Sënn, dass d'Rue des Mines um véier Auer moies wéi eng Autobunn beliicht ass. Et soll awer och dowéinst net plazeweis zu engem geminderte Sécherheetsgefill kommen oder Beanträchtegungen an eiser Verkéierssécherheet. Aus dësem Grond ass eng professionell Analys wichteg.

D'Klimapakt-Assisen, dat sinn Tables rondes tëscht de Bierger, Schoulen, Gemengenadministratiounen souwéi anere passende Partner a stellen dann nach ee wichtege Poids an der participativer Entwécklung vun eiser Klimastrategie fir eis Stad duer.

Eng weider Mesure am Kader vun der Klimastrategie vun der Stad gesäit

d'Opstelle vu Grénginselen a Form vu mobille Backe vir. Dëse Projet gëtt zesumme mam LIST, dem Luxembourg Institute for Technology, duerchgefouert. An et solle verschidden Aarte vu recycléierte Substrater am Kader vun engem EU-Projet zu dësem Theema getest ginn.

Dëse gesäit och eng finanziell Ënnerstëtzung vir. Sou oder esou fanne mir awer, dass dëse Projet mat einfache Mëttel massiv zur Liewensqualitéit, der Klimaresilienz an zum Bild vun eiser Stad bäidréit. An dofir droe mer dësen, och wa mer net sollte fir den EU-Call ugeholl ginn, an de Budget mat an.

Eng weider wichteg Informatioun, déi ech heimat op de Wee wëll ginn, ass d'Sanéierung vun der Strooss a Richtung Kannerbongert. Déi gouf op Ufank nächst Joer verluecht. D'nächst Joer gëtt dann och een Deel vum Wee a Richtung Bache Jang erneiert. Esou dass dëse Budgetsposte méi héich erschéngt fir 2025.

30 % vun dësen Depensë gi vum Ministère de l'Agriculture matgedroen a mir kréien dës als Recette nodréiglech zréck.

Dësem Dokument ass nach bäizefügen, dass mer just virun dësem Gemengerot zesumme mam TNT, dem Territoire Naturel Transfrontalier, decidéiert hunn, datt mir am Budgetsartikel vun TNT mussen 120.000 Euro asetzen, fir esou Prefinanzementer vun den zukünftege Projeten an eiser Zone fonctionnelle ze garantéieren.

Dozou ass ze soen, datt esou Prefinanzementer konventionell iwwer en definéierten a vum Schäfferot ofgeseente Schlëssel garantéiert sinn. Dës Konventioun gouf och am Kader vun der Zone fonctionnelle iwwerschafft. De Schlëssel vum Remboursement baséiert op der Populatioun pro Gemeng a gëtt am Exercice, wou e Prefinanzement aktivéiert gëtt, och rembourséiert zum Schluss.

Dëse Prefinanzement huet näischt mat der Cotisatioun zur Deckung vun de Fonctionnementskäschten ze dinn. Dës Zuel wäert Dir an der Versioun vum nächsten Dokument den 18. Dezember fannen.

No engem gewëssenen Hin an Hier mat de franséischen Autoritéiten, si mer zum Schluss komm, dass een d'Halen, déi sech op den Terrainen a Frankräich befannen, net méi sanéiere respektiv nei opbaue kann. Aus dësem Grond gesi mer ee Budget vu 40.000 Euro vir, deen eng obligatoresch geotechnesch Etüd an d'Käschte fir den Ofrëss couvréiere soll. Dëst ass ee Posten, dee vum eminente Sécherheetsrisk primordial ass.

Komme mer elo zum Budget am Kader vun eisem Service informatique. Wéi Der mierkt, si keng gréisser Verännerunge vun 2024 op 2025 ze erkennen. Op jidde Fall mol keng méi héich. Hei war et eis méiglech – de SIGI, de Syndicat intercommunal de gestion informatique ausgeschloss –, ëm 300.000 Euro manner anzeplangen. Den Haaptgrond heifir ass, dass et 2024 gréisser informatesch Projete fir eis Servicer gouf, zum Beispill d'Bock-Schoul. 2025 stinn der eng Rei manner un, dofir konnt de Budgetsposten no ënnen ugepasst ginn.

D'Uschafung vu villen neie Laptoppe fir eis Schoulen souwéi d'Ersetze vun alen deelweis net méi funktiounstüchtegen Apparater ginn d'nächst Joer groussgeschriwwen.

De SIGI ass dëst Joer erëm de Kärbudget aus dem Deel vun der Informatik. De SIGI bitt, eiser Meenung no, nach ëmmer net genuch verschidde Programmer fir d'Gemengen un. Mir hoffen, datt mat hirer aktueller neier Ekipp an Zukunft anescht geschafft gëtt an dës Probleemer der Vergaangenheet ugehéiere wäerten. Fir all Verbesserungen, déi an Zukunft kéinten ustoen, ze ënnerstëtzen, wäerte mir als Gemeng méi aktiv sinn an esou wëlle mer Verbesserungen undreiwen.

Fuere mer weider mam Theema Verkéier, wou och eng ganz Rei pertinent Projeten en vue sinn. Hei investéiere mir weider an e komfortabelt Netz am ëffentlechen Transport a wäerten och dëst Joer nei modern Busarrêten opbauen, déi dem aktuelle Standard entspriechen.

Nieft der Méiglechkeet, dréchen op de Bus ze waarden, wäert eng Live-Anzeig integréiert ginn, déi de Benotzer informéiert, a wéi vill Minutten de Bus op dësem Arrêt ukënnt. Dëst bedeit e bedeitende Komfortsprong a mécht

*Elle mentionne également les tables rondes entre citoyens, écoles et administrations communales, ainsi que l'installation d'ilots verts sous forme de bacs mobiles en collaboration avec le LIST (Luxembourg Institute for Technology).*
*Enfin, elle informe que la rénovation de la route vers le Kannerbongert est reportée au début de l'année prochaine et qu'une partie du chemin vers le Baache Jang sera également rénovée, justifiant l'augmentation de ce poste budgétaire pour 2025, dont 30 % des dépenses seront cofinancées par le ministère de l'Agriculture. Zenia Charlé précise que le préfinancement n'a rien à voir avec les cotisations destinées à couvrir les frais de fonctionnement, indiquant que ces chiffres figureront dans la version du document du 18 décembre.*
*À la suite d'échanges avec les autorités françaises, elle explique l'impossibilité de rénover ou reconstruire les bâtiments situés sur les terrains en France. Un budget de 40 000 € est donc prévu pour une étude géotechnique obligatoire et les frais de démolition, considérés comme prioritaires pour des raisons de sécurité.*
*Concernant le budget du service informatique, elle note qu'aucun changement majeur n'est prévu entre 2024 et 2025, avec même une réduction de 300 000 € (SIGI exclu). Cette diminution s'explique par la réalisation de grands projets informatiques en 2024, comme l'école Bock, alors que moins de projets sont prévus pour 2025.*
*L'acquisition de nouveaux ordinateurs portables pour les écoles et le remplacement d'appareils défectueux constituent une priorité pour l'année prochaine. Elle critique le SIGI qui, selon elle, n'offre pas encore suffisamment d'applications différentes pour les communes, mais espère des améliorations avec la nouvelle équipe en place.*

*Pour le volet transport, elle annonce la construction de nouveaux arrêts de bus modernes, équipés d'affichages en temps réel.*
*Le budget du système de vélos Vël'OK sera divisé entre une partie ordinaire pour l'entretien des stations existantes et une partie extraordinaire pour les nouvelles stations. Une collaboration avec le CIGL est prévue pour améliorer l'état des vélos et augmenter le nombre de stations.*
*Zenia Charlé souligne l'importance de garantir des pistes cyclables sécurisées, avec notamment un projet de connexion entre le centre de Differdange et la zone industrielle Haneboesch, ainsi qu'un raccordement à la piste nationale PC9 vers Sanem et Käerjeng.*
*Pour la mobilité électrique, un réseau étendu de bornes de recharge est prévu sur les parkings publics, destiné tant aux résidents sans possibilité de recharge privée qu'aux visiteurs. Le programme MobiDiff sera lancé en 2025 pour encourager les citoyens à réduire leurs émissions de CO2 lors de leurs déplacements.*
*Elle présente ensuite son projet de chemin scolaire sécurisé, qui comprend la sécurisation des voies aux abords des écoles, puis progressivement dans les quartiers, la poursuite du service pédibus et l'installation de deux nouveaux systèmes de bornes rétractables.*
*Répondant aux préoccupations des citoyens, elle évoque des mesures pour réduire la vitesse aux entrées de Differdange, potentiellement à trente kilomètres à l'heure, avec des projets déjà prévus pour les rues de Hussigny et de Belvaux.*

d'Busfueren, egal ob Diffbus, TICE oder RGTR, nach méi benotzerfrëndlech.

Nieft dësem Changement gouf decidéiert, datt et besser wär, de Budget vum Vël'OK opzedeelen an ordinären Deel, deen do ass fir den Entretien vun den aktuelle Statiounen, an engem Artikel am Extraordinäre fir nei Statiounen.

Soumat géife mir eis bedeelegen, fir esou, zesumme mam CIGL, weiderhin Efforten ze maachen, fir méi Vëlosstatiounen um Terrain vun der Stad Déifferdeng opzeriichten.

Zousätzlech si mir am enke Kontakt mam CIGL, fir de Probleem vum Zoustand vun de Vëloen ze verbesseren.

Besonnesch wichteg ass et mir natierlech och, ee séchere Vëloswee ze garantéieren, fir d'Vëlofueren an eiser Gemeng méi attraktiv ze maachen. An dësem Sënn plange mir den Zentrum vun Déifferdeng iwwer Nidderkuer mat der Zone industrielle Hahneboesch ze verbannen. An doriwwer eraus en direkten Uschloss un déi national PC9-Vëlospist a Richtung Suessem a Käerjeng ze entwéckelen.

Esou kënne mir d'Visibilitéit an d'Notzung vun existente Vëlosweeër verbesseren a gläichzäiteg wäert och een neie Vëlos- a Foussgängerwee gebaut ginn, fir domat d'Verbindung mat eisen Nopeschgemenge sécher a komfortabel ze gestalten.

Ausserdeem wëlle mir Déifferdeng aus dem Status vum „Blind Spot“ an der Elektromobilitéit eraushuelen. Dat ass eng kloer Prioritéit. Dofir investéiere mir an de kommende Joren an ee flächendeckend Netz vun Elektrobornen op ëffentleche Parkingen. Souwuel d'Ersetze vun aktuelle Bornë wéi d'Installéiere vun neie Bornë ginn hei an zwee verschiddenen Artikele viséiert.

Dës Bornë si geduecht, fir den Déifferdenger Biergerinnen a Bierger, déi keng privat Luedeméiglechkeeten hunn, den Zougang zur Elektromobilitéit ze erliichteren. Gläichzäiteg solle si een Ureiz fir d'Visiteuren an d'Clientë sinn, déi d'Geschäfter oder d'Fräizäitméiglechkeeten zu Déifferdeng notzen a gläichzäiteg hir Elektroautoen opluede wëllen. Dëst stäerkt net nëmmen d'Attraktivitéit vun eiser Stad, mee dréit och aktiv zu enger méi nohalteger Mobilitéit bäi.

Am Kader vun eisen Efforte fir eist Commitment als Net Mission City ze ënnersträichen, wäerte mir weider an de Programm MobiDiff investéieren an dësen ab 2025 dann och lancéiere fir de Bierger. Dës App motivéiert op spilleresch Aart a Weis d'Déifferdenger, fir eis beim CO2-Aspueren ze hëllefen. Mat klenge Kaddoen a lokalen Ureizer encouragéiert d'App eis Awunner, fir hir Aarbechtsweeër méi nohalteg ze bewältegen an aktiv un eise gemeinsamen Ambitioune matzewierken.

Als Mamm ass mir den Häerzensprojet vun engem „Séchere Schoulwee“ besonnesch wichteg. Fir dëser Nofro vun eisen Awunner gerecht ze ginn, hu mir ee konsequente Budget virgesinn, fir an enger éischter Phas d'Weeër ronderëm d'Schoulen ze securiséieren an duerno schrëttweis duerch d'Quartieren, d'Haaptweeër vun de Foussgänger méi sécher ze maachen.

Dëst leeft parallel zu eise Beméiungen, de Pedibus weiderzeféieren, fir en alternativen a sécheren Transport unzebidden. D'Zil ass et, d'Zirkulatioun vun Autoe ronderëm d'Schoule weesentlech ze reduzéieren an domat d'Geforen ze minimiséieren, déi duerch en onnéidegen Trafick entstinn.

Och ass ee Budget virgesinn, fir zwou weider Polleranlage ronderëm d'Schoulen ze installéieren, fir esou d'Sécherheet vun de Schüler ze garantéieren.

Nieft der Sécherheet vun eise Schoulkanner ass et eise Bierger och oft eng Doleance, datt mir eis méi staark sollen asetzen, d'Vitesse an den Entréeën an Déifferdeng erofzesetzen an dofir ze suergen, dass se och agehale ginn. Zesumme mat Ponts et chaussées hu mir Pisten opgemaach, fir d'Vitess gegeebenefalls op 30 km/h ze reduzéieren. Dëst géif duerch eng konsequent Reorganisatioun vun den Entréeën an den urbane Raim geschéien, déi op der ganzer Streck, a besonnesch virun Zebrasträifen, sollen duerchgezu ginn.

Déi éischt Projeten, déi an dës Richtung ginn, sinn an der Héisenger an an der Bielesser Strooss geplangt. De Budget

ass substanziell. Mee mir sollten d'Geleeënheet notzen, soulaang Ponts et chaussées sech et nach net anescht iwwerleet.

Aner kleng, awer allgemeng Fraisen, déi duerch d'Adaptatioune vu Verkéiersreglementer entstinn, goufen och regruppéiert an an engem Artikel festgehalen.

Nieft deem stinn awer och gréisser Reamenagementer an eise Stroossen un. Eng vun de wichtegste Stroossen zu Déifferdeng ass d'Zolwer Strooss mat der Rue Emile Mark. Dës Strooss steet am Fokus vun engem ëmfaassende Projet vun der Stad Déifferdeng, dee sech op d'Moderniséierung vun den Infrastrukturnetzer, der Uewerflächegestaltung, der Stroossebeliichtung an der Optimiséierung vun der Zirkulatioun konzentréiert.

Dëse Projet, deen ze laang op sech waarde gelooss huet, wëlle mir elo aktiv ugoen. Fir dësen Zweck hu mir fir d'nächst Joer ee Startbudget fir déi néideg Etüden am Budget virgesinn.

Eng éischt Testphas gouf scho realiséiert a weider Tester si geplangt. Eist Zil ass et, déi néideg Erkenntnisser ze gewannen, fir dës Strooss als eng vun de wichtegste Verkéiersachsen zu Déifferdeng op eng zukunftsfäeg a beschtméiglech Manéier ze gestalten.

Am Kader vun de Parkinge soll d'nächst Joer villes geschéien. Esou zum Beispill eng ëmfaassend Etüd fir ee Parking mat ronn 300 Plazen an der Zone industrielle Hahneboesch.

Zwee gréisser Budgetsposten am Kader vun der Mobilitéit sinn d'Adaptatioun vun de Parkingen am ëffentleche Raum an d'technesch Infrastrukture fir Pakings payants.

Hei sollen zum engen d'Bezuelprozesser an eisen ëffentleche Parkingen harmoniséiert ginn an am ëffentleche Raum vereinfacht ginn. Och soll de Parking résidentiel ausgebaut a méi staark op d'Bedierfnisser vun den Déifferdenger Bierger an hire Quartieren ausgeriicht ginn.

Zum anere ginn all eis Parkinge moderniséiert, fir se op den neiste Stand ze bréngen. Dëst ëmfaasst eng méi komfortabel Gestaltung vum Eran- an Erausfueren, optimiséiert Bezuelprozesser a personaliséiert Tariffer. D'Notzung ass ugepasst un all déi verschidden Zorte vu Clienten, egal ob et sech ëm Proprietären, Laangzäitlocatairen oder Kuerzzäitparker handelt.

Och ass geplangt, de Parkleitsystem nach eemol op de Leescht ze huelen. Vu datt hei kierzlech den informatesche Probleem fonnt gouf, gi mer dovun aus, dass ab dem nächste Joer dann definitiv alles erëm funktionéiere wäert.

An de leschte Wochen hu mir grouss Fortschrëtter gemaach a begréissen d'Engagement vun de staatlechen Instanzen, déi bereet sinn, allgemeng an de Kordall ze investéieren an am Speziellen och an Déifferdeng. Mat Projete wéi der Moderniséierung vun zwou Garen, verbesserte Busverbindungen an engem méi dicht ausgebaute Vëlosnetz mussen och mir als Stad Déifferdeng aktiv matbäidroen. Nieft dem technesche Asaz ass et fir eis selbstverständlech, och fir eisen Deel finanziell matbäizedroen, fir dës Verbesserungen ze erreechen.

Dofir hu mer dee grousse Budgetsartikel Études générales sur la mobilité geplangt, fir dem Challenge vun ëmmer méi wuessendem Verkéier gerecht ze ginn. Mat dësem substanzielle Budget séchere mer eis déi enk Zesummenaarbecht mat de staatlechen Instanzen: der CFL an dem Ministère de la Mobilité et du Transport public, fir Déifferdeng esou op déi kommend Jore virzebereeden.

Ech schléissen elo of. Ech hoffen, ech konnt Iech een transparenten Iwwerbléck verschafen. Déi concernéiert Servicer an natierlech och ech, stinn Iech bei Detailfroen zu dësem Dokument ganz gären zur Verfügung. E Message, dee mer awer nach wichteg ass hei ze soen, ass, dass d'Investitiounen am Beräich vum Klima- an Naturschutz, esou een Invest an eng modern Zukunft Invester fir d'Liewensqualitéit an eiser Stad sinn. De Präis, net an eng nohalteg a modern Zukunft ze investéieren, ass sécherlech vill méi héich wéi deen, dee mer iergendwann bezuelen, wa mer dat net gemaach hunn. Merci.

*Finalement, elle mentionne le réaménagement de la rue de Soleuvre et de la rue Émile-Mark, un projet longtemps attendu pour lequel un budget initial d'étude est prévu, ainsi qu'un projet de parking d'environ 300 places dans la zone industrielle Haneboesch.*
*Zenia Charlé explique que les processus de paiement dans les parkings publics doivent être harmonisés et simplifiés. Elle indique que le stationnement résidentiel sera étendu et davantage orienté vers les besoins des citoyens de Differdange et leurs quartiers. Tous les parkings seront modernisés pour les mettre aux normes actuelles, avec une conception plus confortable des entrées et sorties, des processus de paiement optimisés et des tarifs personnalisés.*
*Le système de guidage pour le stationnement sera revu et devrait fonctionner définitivement à partir de l'année prochaine à la suite de la résolution d'un problème informatique.*
*Elle souligne les progrès réalisés ces dernières semaines et salue l'engagement des instances nationales à investir dans le bassin de la Chiers et particulièrement à Differdange. La ville devra contribuer activement aux projets de modernisation des deux gares, d'amélioration des liaisons de bus et de développement du réseau cyclable.*
*Un important article budgétaire intitulé « Études générales sur la mobilité » est prévu pour faire face au défi de l'augmentation constante du trafic.*
*Pour conclure, elle insiste sur le fait que les investissements dans la protection du climat et de la nature représentent un investissement pour la qualité de vie dans la ville et pour un avenir moderne et durable.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie le collège échevinal pour les informations fournies et passe au point 3 de l'ordre du jour concernant une modification ponctuelle du PAG de Differdange. Il donne la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *commence par accepter la critique selon laquelle la commission n'a apparemment pas eu assez de temps pour examiner le dossier en détail, promettant de faire mieux à l'avenir.*
*Il précise que les modifications ne sont pas révolutionnaires : l'ensemble du PAG a été revu, des adaptations ont été apportées conformément aux exigences légales, des erreurs ont été corrigées, des phrases reformulées et divers éléments mis à jour.*
*Dans la partie graphique, les hachures et couleurs ont été ajustées.*
*Le principal changement concerne la règlementation des places de stationnement, qui a été simplifiée pour faciliter le calcul du nombre de places requises lors des constructions. Il détaille les nouvelles règles : un emplacement est prévu pour les surfaces habitables de moins de soixante mètres carrés et 1,5 emplacement pour celles supérieures à soixante mètres carrés. Une place est requise pour les maisons unifamiliales et une par logement intégré. Pour les immeubles destinés aux demandeurs de protection internationale, un emplacement par immeuble est nécessaire.*
*Concernant les commerces et restaurants, un emplacement est requis par tranche entamée de 45 m² de surface construite brute. Pour les surfaces de production, un emplacement par tranche de 125 m2 est demandé, et pour les bureaux et les administrations, un emplacement par tranche de 60 m².*
*Des dispositions concernant les emplacements vélos sont également introduites.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Merci fir déi Informatioune vun dem ganze Schäfferot. Da kéime mer zum Punkt 3 vum Ordre du jour. Dat wier eng punktuell Modifikatioun vum PAG hei zu Déifferdeng. Ech géif dofir dem Här Ulveling d'Wuert ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt huelen ech déi Kritik un, dass effektiv anscheinend d'Kommissioun net genuch Zäit hat, fir sech in extenso domat ze befaassen. Mir wäerte versichen, dat an Zukunft besser ze maachen.

Et ass elo hei näischt bahnbriechend Neies dran. Dat heescht, dee gesamte PAG gouf emol iwwerschafft, verschiddenen nei Adaptatioune sinn ugepasst ginn, déi eis iwwer Gesetz operluecht gi sinn, Feeler goufe verbessert, Sätz anescht formuléiert, d'Mise à jour vu verschiddenen Elementer gemaach.

An der Partie graphique goufe Schraffuren a Faarwen ugepasst. Dat eenzegt, woumat e bëssen opgeraumt gouf, kann ee soen, dat ass bei de Parkplazen. Do ass probéiert ginn, e bëssen alles méi einfach a verständlech ze reegelen. Soudass mer et méi einfach hunn an Zukunft am Bauteservice, fir d'Unzuel vun de gebrauchte Parkplazen ze rechnen, wa gebaut gëtt.

Déi eenzeg inhaltlech Ännerung betrëfft dëse Parkplaz-Artikel, wou verschidden Upassungen opgrond vu Probleemer an der Praxis gemaach goufen. Ech krut och gesot, dass dat hei net déi lescht Adaptatioun wär, dass mer dauernd an Zukunft missen nobesseren. Et ass och festgestallt ginn elo, aprèscoup, dass verschidde Saachen erausgeholl gi sinn an den Titel ass awer nach stoe bliwwen an esou. Dat heescht, do musse mer och erëm nach Korrektioune maachen.

Bref, ech mengen, dat hei ass en Exercice, deen elo wäert e puermol erëmkommen.

Ech géif awer dann, zum Verständnis vläicht, dat soen, wat elo nei ass oder wat besser formuléiert ass bei de Parkplazen. Dat ass, dass elo an Zukunft een Emplacement virgesinn ass fir d'Surface habitable, déi ënner 60 Meterkaree ass an 1,5 Emplacementer fir alles, wat iwwer 60 Meterkaree ass.

Dann ass een Emplacement fir eng Maison unifamiliale ze leeschten an een Emplacement par logement intégré. Dann een Emplacement par immeuble de logement destiné à l'accueil de demandeurs de protection internationale.

Dann ass villes gestrach ginn.

Mir hunn och hei bei de Commercen, Restauranten an esou virgesinn, dass do een Emplacement par tranche entamée vu 45 Meterkaree de surface construite brute soll sinn.

Bei enger Produktiounssurface muss een Emplacement par tranche entamée vun 125 Meterkaree Surface construite brute sinn.

Fir Büroen an Administratiounen een Emplacement par tranche entamée vu 60 Meterkaree.

Fir d'Vëloe gouf och nei regléiert. Do ass virgesinn een Emplacement par unité de logement de type collectif avec une surface habitable inférieure ou égale à 60 mètres carrés. An zwee Emplacementer, wann dat iwwer 60 Meterkaree ass.

An dann ass virgesi bei Administratiounen, Büroen an esou: An Zukunft mussen och do Vëlosemplacementer virgesi si bei Tranchen, déi gebaut si vun enger Surface iwwer 100 Meterkaree.

Et ass dann och een Emplacement virgesi fir d'Commercen an d'Surface-deventen an een Emplacement par 40 places visiteurs dans les infrastructures culturelles et sportifs. An een Emplacement par unité de logement étudiant.

Dat sinn am Fong déi gréisst Neierungen. Dir hutt gesinn, do ass vill duerchgestrach, dat meescht ass awer esou bliwwen, wéi et ass.

Ech géif Iech bieden, déi Refonte hei ze stëmmen. Et wäerte kontinuéierlech weider Upassunge kommen, well och

d'Gesetzgeebung deelweis ännert, wou mer ëmmer erëm gezwonge sinn, deen Exercice hei ze maachen. Wou mer och dann nach gezwonge sinn, après-coup, wa mer et bis hei gestëmmt hunn, dann och nach eng Biergerversammlung ze maachen. Fir de Leit, déi dann do wëllen dat nach eng Kéier akucken, dat ze explizéieren, wat mer geännert hunn, an fir deenen dann en Accord ze ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling, fir déi Erklärungen. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Ulveling. En effet, war dat en net ganz verdaulechen Exercice, fir all déi Ännerungen duerchzegoen. An déi meescht si wuel Froe vu Kosmetik respektiv Opdeelung.

Ech hätt bei deem ganze Park-Schlëssel, also bei deem ganzen Artikel 10 ëm de Parking, e puer Umierkungen.

Dat eent ass, dass deemools gesot ginn ass, dass de Ratio vun 0,5 Emplacement pro Cafészëmmer sollt eng Testphas sinn. Mam Zil am Fong, dass domadder d'Cafészëmmere verhënnert ginn.

Mir hate jo deemools de Phenomeen observéiert, dass am Fong Eefamilljenhaiser ëmgewandelt gi sinn an an eenzel Zëmmeren opgedeelt gi sinn. Dat ass, mengen ech, och dee realisteschsten Zenario, fir Richtung Chambres meublées ze goen. Ech mengen net, dass elo nach vill nei Caféen opginn, déi uewenaus dann och Zëmmeren hunn.

Ech wollt do froen, vu dass dat jo sollt eng Testphas sinn, wat Dir observéiert hutt an där Testphas. Well elo gëtt dat hei iwwerschafft a mir kréie kee Rapport vun esou enger Testphas.

Ech wollt dann och froen, ob et eng Definitioun gëtt – also hei am Dokument hunn ech keng Definitioun vu Chambre meublée erëmfonnt. Per Gesetz gëtt et och net wierklech eng Definitioun vu Chambre meublée. Et gëtt e Gesetz vun 2019 iwwer d'Hygiène, d'Salubritéit, d'Securitéit an d'Habitabilitéit. Do gëtt einfach geschwat vun Zëmmeren, déi eenzel verlount ginn. Dat ass eng aner Notioun wéi Chambres meublées. Wat ass do souzesoen d'gesetzlech Basis?

An dann: Wéi ass et mat deem Phenomeen weidergaangen?

A wat mer virun allem um Häerz läit – ech hat dat schonn d'leschte Kéier bei esou enger punktueller Modifikatioun vum PAG gesot –, dat ass, dass mer eis en extrae Passage ginn, fir Derogatioune virzegesinn, wa Logement abordable geschafe gëtt. Déi fannen ech awer och elo net an dësem Dokument erëm.

Ech hat dat héich an helleg versprach kritt, dass mer dat bei der nächster Geleeënheet awer integréieren. Dofir wollt ech froen, firwat dat elo dës Kéier net de Fall ass.

Dir hutt och elo gesot, dass do ëmmer erëm wäerte Saachen iwwerschafft ginn, well och elo ass do deen een oder aneren Hickhack an deem Text, wou d'Formulatioun net méi opgeet duerch d'Sträichen. An ech wäert do elo net an den Detail goen, mee ech froe mech awer, wat deen Exercice kascht, fir esou eng PAG-Modifikatioun ze maachen. Well ech mengen, mir fueren do ëmmer iwwer e Bureau d'études, ginn ech dovun aus. Dat heescht, dee mécht dat jo bestëmmt net gratis. Wa mir elo einfach soen, et ass en Dokument, wou mer fir all Gemengerot e puer Wierder verbesseren, kënnt dat eis net e bëssen deier ze stoen, wat d'Etüdebüroen oder esou ugeet?

Dat si meng Froen zu deenen Ännerungen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Zu deem heite Punkt, Dir hat et scho gesot, Här Ulveling, d'Bautekommissioun, an där ech scho laang Member sinn, war net ganz frou driwwer.

*Tom Ulveling conclut en précisant que d'autres adaptations suivront en fonction de l'évolution de la législation et qu'une réunion publique sera organisée pour expliquer ces changements aux citoyens.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *reconnait la difficulté de digérer toutes ces modifications, dont la plupart relèvent du cosmétique ou de la réorganisation.*
*Concernant l'article 10 sur le stationnement, il rappelle que le ratio de 0,5 emplacement par chambre de café avait été présenté comme une phase de test visant à empêcher la prolifération des chambres meublées. Il demande quel bilan a été tiré de cette phase de test, puisque le règlement est maintenant revu sans qu'un rapport ait été présenté.*
*Il s'interroge également sur la définition des « chambres meublées », qu'il ne trouve pas dans le document, notant que la loi de 2019 sur l'hygiène, la salubrité, la sécurité et l'habitabilité parle simplement de chambres louées individuellement, ce qui diffère de la notion de « chambres meublées ».*
*Gary Diderich rappelle avoir déjà demandé, lors d'une précédente modification du PAG, l'intégration d'un passage supplémentaire prévoyant des dérogations pour la création de logements abordables. Il constate que cette disposition n'apparait toujours pas dans le document actuel malgré la promesse qui lui avait été faite.*
*Il souligne également des incohérences dans certaines formulations du texte à la suite de suppressions. Il s'interroge enfin sur le cout financier de ces modifications répétées du PAG, présumant qu'elles sont réalisées par un bureau d'études, qui facture ses services, et se demande si modifier quelques mots à chaque conseil communal n'est pas excessivement couteux.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *indique que la Commission des bâtisses n'était pas satisfaite de la situation.*

*Il explique que les problèmes se révèlent lors de l'examen des projets et des autorisations, et que cette modification tente d'y remédier. Il suggère que la Commission de l'urbanisme et des bâtisses pourrait donner son avis bien avant le vote pour permettre d'intégrer des modifications. Il demande la création d'un registre définitif des objections dans un document permettant de suivre l'état des propositions et leur réalisation.*
*Il approuve la simplification concernant les emplacements, qui définit désormais plus clairement les ratios (facteur 0,3) et permet d'intégrer des emplacements existants dans un projet, ce qui facilitera notamment un projet à Niederkorn.*
*Il s'interroge sur la possibilité de corriger des erreurs matérielles sans reprendre toute la procédure.*

Well ech mengen, et ass jo bei de Projeten a bei den Autorisatiounen, wou mer erausfannen, wou eng Problematik entsteet. An där Problematik hei ass dës Kéier versicht ginn, iwwer dëse Wee Rechnung ze droen.

Si heescht jo Commission de l'urbanisme et des bâtisses, dass déi effektiv do en Avis kann ofginn, eng Zäit, ier et hei zur Ofstëmmung kënnt. Dass mer eeben och nach kënne Modifikatioune maachen, déi dann heimat virgedroe ginn.

Wat mir elo festgehalen hunn als Kommissioun, dat ass, dass mer awer elo en definitive Regëster maache vun all deenen Objektiounen, déi mer hunn. Dass dat festgehale gëtt an engem Dokument, wou een dann all Moment ka kucke goen: Wat ass d'Propositioun an ass dat realiséiert ginn? A wann net, Aaus wat fir engem Grond? Ech mengen, do kann een dann och ee bessere Suivi kréie fir jiddwereen.

Wat de Rescht ubelaangt, si mer selbstverständlech d'accord mat der Simplificatioun, wéi ech dat emol nennen, vun deenen Emplacementer alleguer. Et ass op där enger Säit eng Simplificatioun, well mer jo och méi kloer definéieren. Zum Beispill, bei dräi op zéng gi mer op de Facteur 0,3. Da kënnen et der zwielef sinn, da weess een direkt, wéi vill et der sinn. Virdru war dat net ganz kloer, well dat op zéng gekuckt ginn ass an esou. Elo ass et pro Unitéit, an da weess ee genee, wat ze maachen ass.

Déi aner Saach, dass mer elo kënne besteeënd Emplacementer matabezéie fir e Projet vu Schafe vun eenzelen Zëmmeren – den Här Diderich hat jo dovu geschwat, dat musse jo net nëmme Cafészëmmere sinn, et kënne jo och aner Gebaier matintegréiert ginn –, dat hëlleft eis elo zu Nidderkuer an engem Projet, deen elo och do virgesinn ass. Fir dann do och esou ee Projet ze maachen. Wat virdrun net méiglech gewiescht wier, no deem fréiere Reglement, wat elo nach applizéiert gëtt.

Mir stëmme jo elo hei e fäerdegen Text, wou och Saache gestrach si ginn, déi nach net hätte sollen – oder wou vläicht och nach e puer materiell oder aner Feeler sinn, och wat den Text ubelaangt. Et sinn awer nëmme liicht Saachen.

Wat déi verschidde PAPen ubelaangt, dat si scho méi déifgräifend Saachen, déi missten drableiwen.

Duerfir mengen ech awer, wann dat elo néideg wär, ob mer kéinten déi materiell Saache berengegen. A wann dat elo näischt um Fong ännert, un der Haaptiddi, wann dat elo nëmmen eng Ännerung ass an deenen Texter – also net emol an den Texter, mee ob eppes gestrach ass oder net –, da froen ech mech, ob een dat kéint esou ëmsetzen oder ob mer dat nach eng Kéier missen zréckkréien.

Dat muss gekuckt gi mat de Servicer, wéi déifgräifend dat ass. Ech mengen, wann et net déifgräifend wär, wann et nëmmen eng Saach vun Text oder Presentatioun vum Dokument ass … Natierlech hu mer en Dokument gestëmmt, wou dat ausgestrach ass, an et hätt vläicht net sollen ausgestrach sinn. Da musse mer et duerno erëm zréckhuelen.

Wat mer opgefall ass, da gi mer op all déi Fuerderungen an, sief et vum Environnement oder der Gestion de l'Eau an esou weider betreffend d'Zones d'innondations. Dat ass natierlech och interessant, wa mer d'Zones d'innondations an eiser Stad, an eiser ganzer Gemeng definéiert hunn.fFir dass een och weess bei Bauprojeten: Do ass ee Risk.

Et muss een natierlech och wëssen, wat an deem Risk d'Konsequenze sinn. Ob een dann higeet an et seet een, et verbitt een do komplett ze bauen oder et erlaabt een ze bauen ënner gewëssene Konditiounen an esou weider. An deem Sënn ass guer näischt nach virgesinn.

Dat selwecht mat de Zones de bruit. Ech mengen, et ass jo interessant, wann ech elo weess: Wou si Zones de bruit? Mee wat sinn d'Konsequenzen dovun? Do gëtt net dovu geschwat.

(Ënnerbriechung)

Do si jo och national Reglementatiounen. Ech mengen, an deem Fall sinn déi ze applizéieren.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Déi priméieren souwisou.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Voilà. An dat selwecht mat der INPA, wou och elo nei Ausweisunge sinn, déi mir awer schonn hei haten. Alles, wat Patrimoine architectural et protégé ubelaangt, hate mir jo schonn u sech ausgewisen.

Duerfir, déi Modifikatioune bréngen eis effektiv virun. Déi erliichteren an erméiglechen och nei Bauprojeten respektiv si méi an der praktescher Notzung vun all deene Projeten, wéi dat bis elo de Fall war. An duerfir stëmme mir dat och. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Schéine gudde Moien. Merci fir d'Wuert.

Déi Upassungen, wat d'Emplacementer ugeet, waren effektiv néideg. Et ass elo vill méi kloer. Anengems sinn dann och eng ganz Rei vun textuellen Upassungen am ganze PAG gemaach ginn.

Do si mer just e bësse verwonnert, datt de Bureau d'études elo eréischt op déi Textforme kënnt. Do gëtt et jo awer eng ganz Rei vun Erfarungswäerter bei anere Gemengen am ganze Land. Punkto Finanzen ass do schonn ugeklongen: Dat kascht jo awer massiivt Geld, fir dat doten alt erëm eng Kéier an d'Prozedur ze ginn. Dann hoffe mer awer elo, datt dat déi leschte Kéier ass, datt déi ganz Upassungen do musse gemaach ginn, wat d'Texter ugeet. Déi aner Saache kënne sech jo awer mat der Zäit evoluéieren.

Déi aner Remark ass och scho komm, dass d'Kommissioun alt erëm eng Kéier net gefrot ginn ass fir en Avis. Ech widderhuele mech – oder mir widderhuelen eis alleguerten –, mir sollte reegelméisseg op de Wee goen, fir eis Kommissioune mat an d'Boot ze huelen. Dat ass hei alt erëm eng Kéier net geschitt.

Mee mam Inhalt kënne mer ganz gäre liewen. A mir hoffen, datt dat dann och esou schnell duerchgeet. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Also fir elo direkt ze äntwerten. Et ass scho geschitt, mee et ass e bësse spéit geschitt. D'Kommissiounen haten net déi néideg Zäit, fir ze reflektéieren, dat ginn ech gären zou. Ech weess och – sinn ech elo haut gewuer ginn –, dass mer een anere Büro hu wéi deen, deen dee ganze PAG ausgeschafft huet, deen dann elo déi Refonte gemaach huet. Do weess ech och net, firwat dat elo néideg war.

Mee op där anerer Säit kréien ech awer och gesot, dass mer déi Honorairen, déi déi Refonten do mat sech bréngen, kënnen iwwer de Pacte Logement 2.0 erëmkréien.

Ech géif déi Propos vum Här Muller gären unhuelen, fir ze soen, kommt, mir maachen elo e Regëster vun all deene Saachen, déi Dir festgestallt hutt a vläicht elo nach net zu Pabeier bruecht hutt. Plus dat, wat den Här Diderich gesot huet, d'Definitioun vu Chambre meublée an esou a Logement abordable, wéi dat soll gehandhaabt ginn. Fir dat alles mol opzeschreiwen, dann eisem Service dat ze ginn.

Déi sollen dat opschaffen, déi sollen dat da mat där nächster Refonte, wou mer jo scho gesot kréien, déi och elo wäert geschwë kommen, mathuelen. Well dat ass jo ee liewegt Dokument dat hei. Dat ass jo näischt, wat a Steen gemeesselt ass, wat ni méi däerft changéiert ginn. Dat heescht, do kommen Adaptatioune vun dem Gesetz, déi dauernd mussen afléissen. Soudass een dat déi nächste Kéier da mathëlt, all déi Saachen, déi mer elo scho festgestallt hunn, dass se net esou sinn, wéi se sollten.

Ech géif Iech awer bieden, dat heiten ze stëmmen. Ech wäert kucken, dass effektiv dat doten an Zukunft anescht gehandhaabt gëtt an net à la dernière

*Il note que le document intègre les demandes concernant les zones d'inondation, mais sans préciser les conséquences pratiques de cette classification, tout comme pour les zones de bruit, où il rappelle l'existence de règlementations nationales applicables. Il conclut que ces modifications facilitent la réalisation de nouveaux projets de construction, justifiant ainsi le vote favorable de son groupe.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *reconnait la nécessité des adaptations concernant les emplacements, qui apportent davantage de clarté. Il s'étonne cependant que le bureau d'études ne propose ces adaptations textuelles que maintenant, malgré les nombreux retours d'expérience d'autres communes du pays. Il souligne le cout important que représente une nouvelle mise en procédure et espère que ce sera la dernière fois pour les adaptations textuelles, même si d'autres aspects peuvent évoluer.*
*Il regrette également que la commission n'ait pas été consultée pour un avis, insistant sur l'importance d'impliquer régulièrement les commissions.*
*Il conclut que son groupe approuve néanmoins le contenu et espère une mise en œuvre rapide des changements.*

**TOM ULVELING (CSV)** *reconnait que la commission n'a pas eu suffisamment de temps pour réfléchir.*
*Il signale qu'un nouveau bureau a réalisé la refonte du Plan d'aménagement général, sans savoir pourquoi ce changement était nécessaire. Il est à noter que les frais associés à cette restructuration peuvent être remboursés grâce au Pacte logement 2.0.*
*Il accepte la proposition de créer un registre de tous les problèmes identifiés, notamment concernant la définition des chambres meublées et du logement abordable. Il propose de transmettre ces éléments au service concerné pour les intégrer dans la prochaine refonte, soulignant qu'il s'agit d'un document évolutif, qui doit s'adapter constamment aux changements législatifs. Il demande néanmoins le vote favorable sur le texte actuel et*

*promet une meilleure gestion des délais à l'avenir, sans convoquer des réunions à la dernière minute. (Vote)*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 4 concernant l'office social et ses budgets, donnant la parole à monsieur Muller.*

*Erny Muller (LSAP), président de l'office social, présente le budget rectifié 2024 et le budget initial 2025. Il explique qu'il occupe ce poste depuis le 1er octobre et remercie son prédécesseur, monsieur Patrick Salvi, pour son engagement. Il informe que, depuis octobre 2024, l'effectif de l'office social a été augmenté pour s'adapter à la population de la ville, qui dépasse désormais 30 000 habitants. L'office emploie actuellement 7,55 équivalents temps plein d'assistants sociaux (soit 9 personnes), ainsi que 4 personnes pour le personnel administratif (3,9 ETP) plus un apprenti adulte. L'équipe ARIS (agents régionaux d'inclusion sociale) compte 5 personnes, portant l'effectif total à 18 personnes au service de la population.*
*Il annonce également que monsieur Reuter prend sa retraite le 1er janvier après plus de vingt ans comme chef du département social et coordinateur de l'office social. Il a été remplacé par monsieur Sacha Breuer depuis le 1er novembre. Le conseil d'administration de l'office social se compose de sept personnes.*
*Erny Muller explique ensuite que l'objectif principal de l'office social est d'aider les personnes défavorisées, qui se retrouvent en situation précaire à la suite d'une maladie personnelle ou de leurs enfants, d'un divorce, d'une perte d'emploi ou de logement.*

minute da schnell nach zwee Deeg virdrun eng Sitzung aberuff gëtt. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, kéime mer zum Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du PAG à Differdange portant sur la restructuration des parties écrite et graphique et la modification de l'article 10 concernant les emplacements de stationnement.*

---

Ech soen Iech Merci. De Punkt 4 betrëfft den Office social: Budget rectifié 2024, Budget initial 2025. Do géif ech dem President vum Office social, dem Här Muller, d'Wuert ginn, fir eis dee virzestellen. Här Muller, wannechgelift.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, Dir Dammen an Dir Hären, alleguer, et ass mer eng Éier de Budget rectifié 2024 an de Budget initial 2025 vum Office social ze presentéieren.

Ech wëll kuerz aushuelen: Säit dem 1. Oktober sinn ech President vum Office social a soen dofir dem ganze Conseil d'administration Merci fir hiert Vertrauen. Ech soen awer och dem Patrick Salvi, mengem Virgänger, ee grousse Merci fir säin Engagement als President.

Säit dem 1. Oktober 2024 gëtt et awer och nach aner Changementer um Niveau vun der personeller Besetzung vum Office social. D'Personal ass opgestockt an un d'Awunnerzuel ugepasst gi vun eiser Stad, déi elo iwwer 30.000 Awunner zielt.

Et sinn zwou Assistante-sociallen zousätzlech agestallt ginn an eng zousätzlech Persoun um Niveau vun der Administratioun, wéi Dir hei am Gemengerot wësst, well Der dat jo och validéiert hutt.

Domadder beschäftegt den Office social Déifferdeng zurzäit 7,55 ETP (Équivalent temps plein) Assitantes/assistants sociaux. Am Ganze sinn et néng Persounen. Wat dat administratiivt Personal ubelaangt, ass eng Persoun dobäi komm. Dat heescht, mir sinn elo op 3,9 ETP plus eng Persoun am Apprentissage adulte.

Eis Ekipp ARIS, Agents régionaux d'inclusion sociale, besteet aus insgesamt fënnef Persounen. Am Ganzen hu mir also 18 Leit, déi eiser Populatioun zur Verfügung stinn.

Da wollt ech Iech nach driwwer informéieren, dass den Här Jean-Paul Reuter den 1. Januar a seng wuelverdéngte Pensioun geet. Hien huet eis haut ee Mail geschriwwen, wou en Awar seet. Haut ass säi leschte Schaffdag.

De Jemp Reuter war iwwer 20 Joer Chef de département vum Service social an och Coordinateur vum Office social. Mir soen dem Jemp villmools Merci fir säin Asaz a seng Verdéngschter um Niveau vun der sozialer Aarbecht. Hien ass och Sekretär vun der Logementskommissioun an hat scho mat Zäiten erkannt, dass de Logement, dat heescht d'Schafe vu bezuelbarem Wunnraum, ee vun de groussen Defie wär.

Doniewent war de Jemp Reuter nach Sekretär vun der Entente des offices sociaux um nationale Plang.

Als neie Koordinator vum Office social ass den Här Sacha Breuer säit dem 1. November agestallt. Mir wënschen och him vill Erfolleg a senger neier Missioun.

De Conseil d'administration vum Office social besteet aus siwe Persounen.

Den Haaptobjektiv ass, de mannerbemëttelte Leit eng Stäip ze sinn. Oder Leit, déi duerch eng perséinlech Krankheet, Krankheet vun hire Kanner, Scheedung, Verloscht vun der Aarbecht oder Wunneng an esou weider, an eng prekär Situatioun gerode sinn, ze hëlle-

fen, aus dëser Situatioun erëm erauszekommen.

An der Reegel gëtt eng Demande de secours iwwer eis Assistants sociaux gemaach. Da kréien d'Demandeuren, no Analys vum Dossier, eng sougenannten Avance remboursable oder ee Recours non-remboursable zougestanen. Et kann awer och virkommen, dass den Dossier ofgeleent gëtt.

Och gi Méiglechkeeten erschëpft, fir Persounen definitiv aus dëser Situatioun erauszekréien. Ass d'Persoun an enger Situatioun, fir vum Revis, Revenu d'inclusion sociale, ze profitéieren, da gëtt si un d'ARIS weidergeleet. Dëse Service bekëmmert sech ëm d'Agliddeerung an eng Aarbechtsinitiativ fir Leit, déi net iwwer d'ADEM um éischten Aarbechtsmaart kënne beschäftegt ginn. Hei kommen d'TUC, Travaux d'utilité collective, a Fro.

Ech wëll nach op e puer relevant Chifferen am Budget agoen. Dir hutt se jo virleien. De Budget rectifié 2024 schléisst am Ordinär mat 5.675.000 Euro u Recetten a mat deem selwechte Chiffer un Depensen of, well d'Zilsetzung ass, de Budget am Equiliber ze halen.

Am Budget initial 2025 si 5.894.000 Euro virgesinn. Wat eng Augmentatioun vun 219.000 Euro ass, bedéngt duerch d'Personalkäschten. Mir hu jo méi Leit beschäftegt elo 2025, wéi dat 2024 nach de Fall war.

Ee weideren interessante Chiffer am Budget ass de Kont 2023, Recettes à recouvrir des exercices antérieurs mat 1.148.647 Euro. Et handelt sech ëm déi remboursabel Avancen, déi d'Leit kritt hunn an déi nach net ganz zréckbezuelt sinn. Well dat jo a klengen Tranchen a Funktioun vun hirem Revenu geschitt.

Enn 2024 gëtt dëse Chiffer aktualiséiert. Den Office social huet sech zum Zil gesat, dëse Remboursement an der Zukunft méi konsequent ze reklaméieren. Dat heescht, mir wäerten elo a Form vu Rappellen d'Leit kontaktéieren, dass d'Zahlungsmoral sech do och verbessert.

Mee mir gesinn awer herno un de Chifferen, dass awer sensiblement zréckbezuelt gëtt. Also et ass net esou, dass net zréckbezuelt géif. Déi meescht Leit hale sech an der Haaptsaach un den Accord a bezuele reegelméisseg zréck.

Am Budget rectifié 2024 fanne mer ënner de Recettes ordinaires, Bénéficiaires sous gestion: 920.000 Euro. Hei proposéiert den Office social de Persounen, déi am Ëmgang mat hire Finanze Probleemer hunn, eng komplett Gestioun ze maachen als sougenannte preventiv Moossnam, fir dann eventuell net an engem komplette Surendettement ze landen.

An de Recettë fanne mir dee ganzen Undeel vun de Participatioune MIFA an Administration communale. An der Reegel gëtt dat jo 50/50 gehandhaabt, mat klengen Ausnamen. Do gëtt et Parten, déi nëmme fir d'Administration communale sinn, mee an der Reegel, wéi gesot, alleguer déi Secours-Moossnamen, déi ginn zu 50/50 iwwerholl vun dem Ministère de la Famille a vun der Gemeng.

Fir Avances remboursables hu mir am Rectifié 2024 565.000 Euro virgesinn. Dee selwechte Chiffer fir d'Joer 2025. Dat ass am Fong dat, wat opkënnt als Avances remboursables. Dovun dee gréissten Deel fir Loyer, well mer higaange sinn, dass all déi Mesuren, déi direkt mat der Wunnsituatioun ze dinn hunn, wéi Loyer, Kautiounen, déi eventuell ze bezuele sinn, fir eng Wunneng ze kréien an esou weider, dass déi wuel virgestreckt ginn, mee dass d'Leit déi mussen an engem gewëssenen Zäitraum zréckbezuelen.

Dann hu mer och 220.000 Euro dran als Avances remboursables par le bénéficiaire de l'aide sociale am Joer 2024. Dat ass dat, wat ech Iech virdru gesot hat, dat sinn déi Zommen, déi d'Leit kritt hunn, an déi se da reegelméisseg zréckbezuelen all Mount. Dat sinn awer trotzdeem, wéi een hei gesäit, pro Joer 220.000 Euro. Soudass d'Leit dat awer eescht huelen an dat och zréckbezuelen.

An dann ëmmer erëm, 180.000 Euro, déi récupérable sinn, zum Beispill, wat d'CNS ubelaangt. Oder och nach – do sinn ech net esou frou driwwer – 120.000 Euro récupérable auprès de la Caisse pour l'avenir des enfants. Dat heescht um Kannergeld.

*Généralement, une demande d'aide est faite à travers les assistants sociaux qui, après analyse du dossier, peuvent accorder une avance remboursable ou une aide non remboursable. Les bénéficiaires du REVIS (Revenu d'inclusion sociale) sont dirigés vers l'ARIS, qui les accompagne vers une initiative de travail, comme les TUC (Travaux d'utilité collective).*
*Concernant les chiffres, le budget rectifié 2024 s'équilibre à 5 675 000 € en recettes et dépenses. Le budget initial 2025 prévoit 5 894 000 €, soit une augmentation de 219 000 € due aux frais de personnel. Il souligne également que le montant des avances remboursables en attente de recouvrement s'élève à 1 148 647 € fin 2023. L'office social a pour objectif de réclamer ces remboursements plus systématiquement à l'avenir, tout en précisant que la plupart des bénéficiaires respectent leurs engagements et remboursent régulièrement.*
*Erny Muller explique que, sous les recettes ordinaires bénéficiaires, on trouve 920 000 € de suggestion. L'office social propose aux personnes ayant des problèmes financiers une gestion complète à titre préventif pour éviter qu'elles ne tombent dans un surendettement. Dans les recettes figurent également les participations du ministère de la Famille et de l'administration communale, généralement réparties à 50/50, avec quelques exceptions.*
*Pour les avances remboursables, 565 000 € sont prévus dans le budget rectifié 2024 et la même somme pour 2025. La plus grande partie concerne les loyers, car toutes les mesures liées au logement, comme les loyers et les cautions, sont avancées, mais doivent être remboursées par les bénéficiaires dans un certain délai. Il mentionne également 220 000 € d'avances remboursables par les bénéficiaires de l'aide sociale en 2024, montrant que les gens prennent au sérieux leurs remboursements.*
*Erny Muller exprime son mécontentement concernant les 120 000 € récupérables auprès de la Caisse pour l'avenir des enfants. Il désapprouve cette pratique, qui consiste*

*à prendre une option sur les allocations familiales pour rembourser l'office social, car ces allocations sont destinées aux enfants. Il estime nécessaire de revoir cette approche. Il souligne l'importance de la dotation de 350 000 € de la Loterie nationale (Œuvre grande-duchesse Charlotte) pour 2024 et 2025. Cette somme est entièrement consacrée aux actions concernant l'administration communale et non aux secours.*
*Concernant le budget extraordinaire, un boni définitif de 2 263 000 € est maintenu pour 2022, mais ce chiffre diminue à 2 080 000 € dans le budget initial 2025. Cette réduction s'explique par divers projets, dont 1 258 000 € alloués aux travaux d'éducation de rue entre 2021 et 2024, et 70 000 € pour les projets Youth & Work désormais directement gérés par la commune.*
*Erny Muller présente ensuite plusieurs chiffres concernant les aides aux personnes dans le besoin : 160 000 € d'aides financières non affectées, 70 000 € et 85 000 € pour les frais médicaux et pharmaceutiques. Il s'interroge sur ce que feraient les gens sans l'office social pour couvrir ces frais, soulignant que certains ne pourraient pas consulter un médecin.*
*Il mentionne également 20 000 € pour les loyers non remboursables, car le logement reste la priorité absolue pour éviter que les gens ne sombrent dans la pauvreté complète.*
*Il conclut en évoquant les 150 000 € alloués aux bons alimentaires pour l'épicerie sociale, représentant environ 3000 bons d'une valeur moyenne de 50 €, ce qu'il qualifie de « triste bilan ».*

Dat ass eng Praxis vun den Offices sociaux, fir do eng Kautioun um Kannergeld ze maachen. Perséinlech sinn ech der Meenung, dass dat keng gutt Saach ass. Kannergeld ass jo eppes, wat d'Leit am Fong kréie fir hir Kanner. An dass mer dann higinn an huelen eng Optioun drop, fir dass do direkt déi Zommen ofgebucht ginn oder dat ofgebucht gëtt, wat dann dem Office social gescholt ass.

Wéi gesot, dat muss gekuckt ginn, wéi mer dat anescht upake kënnen.

Ee wichtege Chiffer sinn d'Dotations aux gains réalisés par la Lotterie Nationale, also d'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte mat 350.000 Euro am Budget 2024 an och 2025. Dës Zomm gëtt honnertprozenteg vun den Aktioune profitéiert oder agesat, déi am Fong d'Administration communale betreffen. Also net fir Secoursen, mee fir aner Projeten.

Aus dem Chiffer geet ee Boni définitif am Extraordinaire eraus, dass mer zum Beispill 2.263.000 Euro behale fir 2024 am Rectifié. A mer gesinn awer am Budget initial 2025 geet dëse Chiffer op 2.080.000 Euro erof. Dat ass dann duerch déi Projeten, wéi et elo gehandhaabt gëtt, dass déi Zommen, déi en dehors vum Budget fir extraordinär Saache benotzt ginn, profitéiert gi fir aner Projeten.

Vun 2021 bis 2024 waren dat Projete Collec'Diff. Do sinn 1.258.000 Euro ofgaange fir d'Aarbechte vum Streetwork, Kontrakt mam Streetwork.

70.000 Euro sinn ofgaange fir Projets Youth & Work, déi jo elo d'Gemeng selwer direkt iwwerhëlt.

An da gesi mer am Budget, dass elo Zomme fir de CET virgesi sinn, wou mer ëmmer ee Fanger gemaach kritt hu bei der Kontroll. De CET ass och elo chiffréiert an am Budget matagedroen.

Zum Ofschloss nach e puer Zuelen, déi interessant sinn ze wësse betreffend Aides aux personnes dans le besoin an och zu 100 % rembourséiert ginn. Dat ass ee Chiffer, 160.000 Euro am Rectifié, fir Aides financières non affectées.

Ech hat et virdru gesot, dass déi Saachen zréckbezuelt ginn. Mee mir hunn awer erausfonnt, dass op eise Lëschte Leit net méi existéieren, well se entweeder net méi am Land wunnen oder gestuerwe sinn an esou weider. Mir sinn amgaangen drun ze schaffen, fir déi ganz Lëschten à jour ze setzen. An duerfir musse mer och iwwer een, zwee oder dräi Joer Saachen amortiséieren an déi mussen do erauskommen. Duerfir ass dee Chiffer an d'Luucht gaangen.

Dann hu mer d'Fraise fir Secours médecin a Secours pharmacie, wat ëmmer relativ héich Chiffere sinn. Dir gesitt eng Kéier 70.000 an eng Kéier 85.000 Euro. Heiansdo froen ech mech, wat d'Leit géife maachen, wa se net kéinten op den Office social zréckgräife fir esou Fraisen. Ech mengen, da kéinten der vill mol net bei den Dokter goen. Dat muss engem ze denke ginn, wéi wäit mer do sinn! A Gott sei Dank si mer ëmmer frou, wa mer do kënnen hëllefen, well et ass grad do, wou de Besoin ganz grouss ass.

An dann hu mer 20.000 Euro trotzdeem fir Loyer. Am Prinzip ass de Loyer remboursable, mee een, deen näischt huet, dee kann och näischt zréckbezuelen. An een, dee keng Wunneng huet, dee sëtzt op der Strooss. Also ass d'Wunneng nach ëmmer déi absolutt Prioritéit, fir dass ee Mënsch iwwerhaapt net a komplett an d'Aarmut drift.

An dann hunn ech nach ee Chiffer, an dat muss eis ze denke ginn, well do gesäit ee wierklech, dass et enger Partie Leit an eiser Gemeng, oder iwwerhaapt an eiser Gesellschaft, fierchterlech schlecht geet. Dat sinn déi 150.000 Euro Secours frais d'alimentation fir d'Épicerie sociale. Wann een dovun ausgeet, dass een Iessbong an der Moyenne e Wäert vu 50 Euro huet, komme mer bei dësem Betrag op insgesamt 3.000 Iessbongen – een traurege Bilan zum Ofschloss.

Et bleift nach ze soen, dass iwwer d'Action sociale ONIS, Office national d'inclusion, wat dat lescht Kapitel an dësem Budget ass, all d'Depensë vun der ARIS ofgedeckt sinn. Am Budget rectifié sinn dat 285.000 an am Initial 299.000 Euro.

Ech soen der ganzer Ekipp vum Office social Merci fir hir wäertvoll Aarbecht. Wann nach Froe sinn, stinn ech gären

zur Verfügung. Ech wär frou, wann de Gemengerot dem Budget rectifié 2024 an dem Budget initial 2025 kéint seng Zoustëmmung ginn. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Ier mer zu de Wuertmeldunge kommen, profitéieren ech vun der Situatioun, am Numm vum Schäfferot an am Numm vum Gemengerot, dem Reutesch Jemp, wou dann haut säi leschte Schaffdag huet, fir déi 20 Joer, wou et eng Institutioun am Office social ginn huet, déi huet Jemp Reuter geheescht, ee grousse Merci ze soe fir seng Hëllef. A fir dat, wat hien der Stad an eisen Awunner an eise Leit, déi en als Client hat, ëmmer gehollef huet.

Et war ee Kärel, et brauch een en net vill ze beschreiwen heibannen, jiddweree weess, wien de Jemp war, jiddweree weess ëm seng Hëllefsbereetschaft a weess, dass en ëmmer do war an ëmmer do eng Hand matugepaakt huet, wou et net grad ëmmer vläicht esou sonneg war. Mee dem Jemp war keen Dag ze laang a keng Auerzäit ze spéit, fir einfach ze hëllefen. Ech mengen, et war dee richtege Mann op där richteger Plaz.

Dofir erlaben ech mer, an Ärem Numm, an eisem Numm als Schäfferot, fir him ee grousse Merci ze soen, eng flott Pensioun ze wënschen. An dass e seng Pensioun esou laang genéisse kann, wéi en d'Chance hat, fir d'Stad Déifferdeng ze schaffen. Ech mengen, dat huet de Jemp verdéngt. Wa mer en den Owend gesinn um Chrëschtmaart, wäerte mer em dann och deementspriechend ee Pättche bezuelen.

Dat gesot, gëtt et Wuertmeldungen zum Budget? Madamm Ceman, wannechgelift.

**EMINA CEMAN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, gudde Moien alleguer. Am Numm vun der CSV wëll ech heimat dem ganze Personal vum Office social Merci soen.

Ech weess, dass d'Sozialaarbechterinnen an d'Sozialaarbechter, déi an der Aide sociale an och als ARIS schaffen, all Dag hiert Bescht ginn an hiren Asaz weisen, fir eis Déifferdenger Biergerinnen a Bierger beschtméiglech finanziell oder administrativ ze ënnerstëtzen.

D'Aarbecht als Assistant social an engem Office social ass net ëmmer einfach. Hei schwätzen ech aus Erfarung. Et verzweiwelt ee munchmol, well een dem Client, dee sech an enger schwiereger finanzieller, professioneller oder familiärer Situatioun befënnt, net ëmmer direkt hëllefe kann, mee lues a lues an Etappen. Wéi gesot, bravo dofir.

Och d'Leit am Sekretariat maachen eng ganz wichteg Aarbecht, zum Beispill all Joer de Budget opstellen. Do denken ech un den Här Nico Ceravolo, deen erëm eng Kéier eng super Aarbecht geleescht huet. An dofir och dem Sekretariat ee grousse Merci. Dem Här Jean-Paul Reuter soen ech och villmools Merci fir seng ganz Aarbecht, déi hien iwwer Jore fir eisen Office social geleescht huet.

Den Här Erny Muller, President vum Conseil d'administration, ass op d'Zuelen agaangen. Ech als Member vun deem Conseil maachen dat elo net. Mee, wat ech festgestallt hunn a wat ech Iech soe kann, dat ass, dass d'Finanzementer vum Office social natierlech all gesetzlech gereegelt sinn an duerginn, fir alles dat ze finanzéieren, wat gebraucht gëtt. Beispillsweis d'Hëllefe fir all d'Beneficiairë vun der Aide sociale, d'Personalkäschten oder de Loyer vun de Büroen.

Am Budget initial 2025, an den ordinären Depensen, gesäit een, dass d'Personalkäschten an d'Luucht gaange sinn. Dat ass, well mer dëst Joer nei Leit agestallt hunn a well d'Awunnerzuel vun Déifferdeng geklommen ass, soudass mer da méi Personal zegutt hunn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Ceman. D'Madamm Engel, wannechgelift.

*Enfin, il indique que toutes les dépenses de l'ARIS sont couvertes par l'action sociale ONIS (Office national d'inclusion), soit 285 000 € dans le budget rectifié et 299 000 € dans le budget initial.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Jemp Reuter, qui termine son dernier jour de travail après vingt ans de service à l'office social. Il salue son dévouement et sa disponibilité sans faille pour aider les citoyens, souvent dans des situations difficiles.*

**EMINA CEMAN (CSV)** *prend la parole pour remercier l'ensemble du personnel de l'office social au nom de son parti. Elle souligne l'engagement quotidien des travailleurs sociaux, tant dans l'aide sociale que pour soutenir financièrement et administrativement les citoyens de Differdange.*
*Emina Ceman évoque la difficulté du travail d'assistant social dans un office social, parlant d'après son expérience personnelle. Elle explique que les situations désespérées des clients en difficulté financière, professionnelle ou familiale ne peuvent pas toujours être résolues immédiatement, mais progressivement par étapes.*
*Elle souligne l'importance du travail effectué par le secrétariat, notamment pour l'établissement du budget annuel, en remerciant particulièrement monsieur Ceravolo pour son excellent travail.*
*Elle remercie également monsieur Jean-Paul Reuter pour ses années de service au sein de l'office social.*
*En tant que membre du conseil d'administration, elle précise que les financements de l'office social sont règlementés par la loi et couvrent tout ce qui est nécessaire, comme les aides aux bénéficiaires, les frais de personnel ou le loyer des bureaux. Elle note que, dans le budget initial 2025, les dépenses ordinaires montrent une augmentation des frais de personnel due aux nouvelles embauches et à l'accroissement du nombre d'habitants de Differdange.*

**MORGAN ENGEL (LSAP)** *remercie chaleureusement l'office social pour son travail exceptionnel et son engagement constant envers les citoyens. Elle souligne que, par leur soutien et leur empathie, les employés aident ceux qui en ont le plus besoin. Leurs efforts quotidiens, leur compassion et leur dévouement méritent tout le respect et la reconnaissance. Elle affirme qu'ils constituent une composante importante de la commune, dont celle-ci peut être fière.*

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG)** *exprime également sa gratitude envers l'équipe complète de l'office social. Elle déclare que le budget ne suscite aucune objection et adresse un grand merci à monsieur Salvi, le prédécesseur, ainsi qu'à monsieur Reuter, à qui elle souhaite un bon départ et beaucoup de bonheur pour cette nouvelle étape de sa vie.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *indique que leur représentante au sein de l'office social, madame Christiane Saeul, leur a présenté en détail le document budgétaire rectifié 2024 ainsi que le budget initial 2025. Après examen, sa fraction donne un avis positif.*
*Il exprime également de vifs remerciements à tout le personnel de l'office social, qui a travaillé tout au long de l'année dans des conditions parfois difficiles et a contribué à l'élaboration de ce budget. Il souhaite également une belle retraite à Jemp.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *remercie monsieur Muller pour ses explications qui rendent justice à l'importance du travail de l'office social. Il remercie l'ensemble de l'office social, le comité, et bien sûr, monsieur Reuter, qui peut partir à la retraite bien méritée après un travail précieux.*
*Il évoque le contexte actuel, où les citoyens sont sous pression financière croissante, avec un taux de risque de pauvreté monté à plus de 19 %. Il identifie comme facteurs le logement, les prix des denrées alimentaires et l'augmentation des prix de l'énergie. Il critique la décision du gouvernement de lever le plafonnement des prix de l'énergie*

**MORGAN ENGEL (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech hale mech kuerz, no all deene léiwe Wierder. Mir géife gären dem Office social ee grousse Merci soe fir hir aussergewéinlech Aarbecht an hire stännegen Asaz fir eis Bierger. Duerch hir Ënnerstëtzung an hiert Matgefill hëllefe si deene Leit, déi et am meeschte brauchen. Hir Beméiungen, Empathie an déi vill Efforten, déi si dagdeeglech an hir Missioune stiechen, verdéngen all Respekt a grouss Unerkennung. Si sinn ee wichtege Bestanddeel vun eiser Gemeng, a mir sinn houfreg op déi Aarbecht, déi si leeschten. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Engel. Madamm Schütz.

**MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien alleguerten, léif Nolauschterer dobaussen, et ass praktesch schonn alles gesot ginn. Ech wollt och meng Mercien ausdrécken un déi ganz Ekipp vum Office social. Um Budget ass näischt ze beanstanden. Ee grousse Merci un Äre Virgänger, dem Patrick, an och ee grousse Merci un de Jemp Reuter. Ech wënschen him fir säin neien Abschnitt a sengem Liewen ee gudde Start a vill Gléck. Dat ass alles. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Engel. Den Här Meisch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Nach ganz kuerz vun eiser Fraktioun: Eis Vertriederin am Office social, d'Madamm Christiane Saeul, huet eis am Kommitee d'ganzt Dokument, Budget rectifié 2024 an Initial 2025, am Detail virgestallt. Mir kënnen nëmme soen, datt mer dat Dokument begutachtet hunn, positiv begutachtet hunn. An duerfir kënne mer och ee positiven Avis dozou ofginn.

Anengems dann och nach ee grousse Merci all de Leit am Office social, déi dat ganzt Joer iwwer, ënner dach mol heiansdo schwierege Konditiounen, geschafft hunn an och dëse Budget erstallt hunn. An och mir wënschen dem Jemp eng flott Pensioun, ee gudden Duuscht a vill Honger. Merci.

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Muller, fir all dës Erläuterungen. Dat gëtt der Wichtegkeet vun der Aarbecht vum Office social jiddefalls gerecht. Merci dem ganzen Office social, och dem Kommitee, an natierlech och dem Jemp Reuter, deen a seng wuelverdéngte Pensioun ka goen a kann op eng wäertvoll Aarbecht zréckkucken, déi en hei geleescht huet.

Dat Ganzt schreift sech an an e Kontext, wou d'Leit ëmmer méi ënner Drock stinn, wat hir Finanzen ugeet. An deen Drock, dee geet ëmmer méi héich. Dat heescht, et ass kee Geheimnis, dass ëmmer méi Leit vum Aarmutsrisiko betraff sinn. Dat ass op 19 an eppes Prozent geklomme vum leschte Joer op dëst Joer. Dat ass besuergneserreegend.

Mir wëssen all, dass de Logement ee wichtege Facteur ass, mee do kommen d'Liewensmëttelpräisser dobäi. Dat gëtt wéineg zu Lëtzebuerg thematiséiert. Mee fir déi, déi net bis un d'Enn vum Mount komme mat hirem normale Budget, déi wëssen dat ganz genee.

An da kënnt eeben nach dobäi, virun allem, dass d'Energiepräisser an d'Luucht ginn. Op den 1. Januar huet d'Regierung wëlles, den Energiepräisdeckel op Gas ganz opzehiewen an um Stroum just nach zur Hallschent ze applizéieren. Si soen, dat wär, well d'Präisser sech stabiliséiert hätten um Marché. Ech kann deem awer nëmme widderspriechen. Also wann ee kuckt, wéi de Gas am Moment an Holland um Hafe gehandelt gëtt, da mierkt een, dass mer do alles anescht wéi stabil

sinn. An dat mierke mer jo och an eise Finanze vun der Gemeng.

Dat gesot, mengen ech, dass een hei vun Déifferdeng aus ka soen, dass mir mat NetZeroCities mam gudde Beispill virginn an einfach mol op d'eege Produktioun vun Energie och setzen. Dat ass ganz wichteg, fir eeben onofhängeg ze gi vun deenen Energiepräisser. An och Sudenergie huet hire Stroum elo kommerzialiséiert, dee se iwwer Wandanlage produzéieren. Och dat ass ee gutt Beispill.

Ech huelen e bësse wäit aus, mee ech wëll wierklech soen, dass d'Energiepräisser net ze negligéiere sinn, an dass deen Deckel op d'Energiepräisser onbedéngt misst verlängert ginn, an dass mer eis dofir missen asetzen. Déi Lénk huet och dozou eng Petitioun, déi jiddereen ënnerschreiwe kann, fir do nach am leschte Moment Drock ze maachen.

Bedauernswäert ass, wat dann d'Gemeng ugeet, dass de Waasserpräis an der leschter Sëtzung mam Averständnis vun all de Parteien, also haaptsächlech der Majoritéit, eropgesat ginn ass, an ausser déi Lénk, leider, kee sech kloer dogéint ausgeschwat huet. Och dat wäerten eis Leit vum Office social, d'Usageren, do ze spiere kréien.

Et ass natierlech gutt, dass mer do mat Aiden nozéien, an dass mer och déi Augmentatioun vum Staat matginn, dat mécht och eppes aus am Budget. An dat loosse mer eis och eppes kaschten als Gemeng.

Et ass och gutt, dass mer als Déifferdenger Gemeng de klore Statement ginn, deen den Här Muller och ginn huet, dass mer bei den Aiden, bei de Loyeren op jidde Fall asprangen als Office social. Well soulaang d'Leit an enger Wunneng sinn, solle mer wierklech alles maachen, fir dass se an där Wunneng bleiwe kënnen. Dat ass net selbstverständlech.

Als Benevole beim WG-Projet mierken ech, dass ganz vill Leit, déi beim WG-Projet wunnen uechter d'ganzt Land, guer net gehollef kréie vun hirem Office social, well einfach de Kommitee eng aner Politik huet. An d'Leit do wierklech ënner Stress geroden oder souguer nach eng Wunneng verléieren, déi se hunn, obwuel just ee Chargen-Dekont zum Deel ze iwwerhuele wär a wann et nëmmen duerch eng Avance wär, déi da remboursabel wär an a ville Fäll jo rembourséiert och gëtt.

Positiv ass och, dass mer als Déifferdenger Gemeng Youth & Work ausbauen, dat heescht Jonken hëllefen, de Wee an d'Aarbecht ze fannen. D'Aarbecht ass ganz wichteg, fir déi finanziell Autonomie ze hunn an och weiderzekommen. Leider ass Aarbecht awer keng Garantie, fir net an d'Aarmut ze geroden. Wéi den héijen Taux vu Working Poor zu Lëtzebuerg beweist.

Ofschléissend wëll ech nach eng Kéier drop zréckkommen, dass déi Aarbecht ganz wäertvoll ass, déi den Office social leescht. Et ass gutt, dass mer en hunn an där aktueller ongerechter Welt, an där mer sinn. Eist Zil muss et awer ëmmer bleiwen, do erauszekommen, dass Leit mussen op en Office social zréckgräifen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Et gëtt keng weider Wuertmeldung, mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le budget rectifié 2024 et le budget initial 2025 de l'office social de Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 5, Musekschoul. Do géif ech d'Wuert dem Här Hartung ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Léif alleguer, nodeems mer schonns déi provisoresch Versioun am Juli gestëmmt hunn, ass et wichteg, datt mer haut déi definitiv Organisatioun vun der Déifferdenger Museksschoul festhalen. Vu datt all Zuele spéitstens fir Dezember um Schoulministère mussen ofgi ginn, fir eebe subventionéiert ze ginn.

Do waarde mer ëmmer gäre bis zum Schluss, well jiddereen, deen am Laf

*et salue les initiatives locales, comme NetZeroCities et SUDenergie, qui misent sur la production d'énergie propre.*
*Il affirme l'importance du maintien des personnes dans leur logement et loue l'engagement de la commune de Differdange à intervenir pour les aides au loyer, ce qui n'est pas le cas dans toutes les communes.*
*Il salue également le développement du programme Youth & Work, qui aide les jeunes à trouver un emploi.*
*Gary Diderich souligne que le travail de l'office social est très précieux et qu'il est positif d'en disposer dans ce monde injuste. Cependant, l'objectif doit rester d'atteindre une situation, où les citoyens n'auraient plus besoin de recourir à un office social.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 5 concernant l'école de musique et donne la parole à monsieur Hartung.*

*Jerry Hartung (CSV) explique qu'après avoir voté la version provisoire en juillet, il est important d'adopter aujourd'hui l'organisation définitive de l'école de musique de Differdange. Les chiffres doivent être soumis au ministère de l'Éducation nationale avant décembre pour obtenir des subventions.*

*La commune attend toujours jusqu'à la fin, car les abandons en cours d'année ne sont pas subventionnés.*
*Les 95 abandons des deux premiers mois ont été remplacés par de nouveaux élèves. Cela permet d'offrir l'accès à l'éducation musicale au plus grand nombre et génère un impact financier significatif, avec environ 2,2 millions d'euros de remboursements prévus. Ce montant pourrait légèrement diminuer en raison d'éventuels abandons futurs.*
*L'augmentation des subventions par rapport aux années précédentes résulte d'une meilleure utilisation des salles.*
*Il mentionne également la coopération avec l'EIDE pour les cours collectifs. L'école compte actuellement 1060 élèves, dont 890 âgés de 18 ans ou moins.*
*Il remercie toute l'équipe et invite au concert de Noël avec remise des diplômes le 18 décembre.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose de traiter le point 6a) concernant un acte notarié avant une pause. Il donne la parole à monsieur Hartung pour les détails.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que la commune reprendra tout le bloc droit sur le site de l'ancien « Maxim's » à Oberkorn. Dans les sous-sols et au rez-de-chaussée seront aménagés des salles de formation et des laboratoires pour LU:NEX, et au-dessus, 54 logements pour 79 étudiants. Le début des travaux est prévu pour janvier 2025.*
*LU:NEX reprendra l'intégralité du bâtiment, simplifiant ainsi la gestion.*
*Le cout des logements étudiants s'élève à environ 13 millions d'euros, avec 25 logements pour deux étudiants, 29 logements individuels et 10 % adaptés aux PMR. Les subventions du ministère du Logement s'élèvent à environ neuf-millions d'euros (68 %).*

vum Schouljoer ophält, kritt een net subsidéiert. An déi Abandone bis elo, déi éischt zwee Méint, mer schwätzen hei vu 95 Persounen, konnt een nach duerch nei Schüler ersetzen, wat ons Museksschoul och beschtméiglech gemaach huet.

Zum enge gutt, fir esou vill Leit wéi méiglech den Accès un d'Museksausbildung ze erméiglechen, zum aneren huet dëst awer och e signifikante finanziellen Impakt. Well, wéi Der an Ären Dokumenter gesitt, schwätze mer, mat der flotter Offer, déi mer hei zu Déifferdeng ubidden, vu ronn 2,2 Milliounen Euro, déi mer kënne rembourséiert kréien.

Dee Betrag wäert leider nach liicht erofgoen, wat eeben, wéi gesot, mat méiglechen zukünftegen Abandonen ze dinn huet, wat een net onbedéngt beaflosse kann. Mee dat hält sech, no den zwee éischte Méint, normalerweis am Rahmen.

Datt de Montant vum Subsid, par rapport, zu de leschte Joren eropgoung, ass drop zréckzeféieren, datt wierklech gekuckt gouf, fir d'Säll-Capacitéit am Ale Stadhaus esou gutt wéi méiglech auszenotzen. Och si mer frou iwwer d'Kooperatioun mat der EIDE, wou de Cours collectif vun der Formation musicale fir hir Schüler direkt bei hinne kann ugebuede ginn, soudatt mer dës Schülerschaft ofdecken an d'Säll bei ons fräi hu fir weider Coursen.

Mat all dëse Mesurë konnt ee méi Schüler eng Plaz ubidden. Aktuell hu mer am Ganzen 1.060 Schüler. Dovunner 890, déi 18 Joer oder méi jonk sinn.

Ofschléissend wëll ech der ganzer Ekipp vun der Museksschoul, der Direktioun, dem Sekretariat an den Enseignantë fir hire ganzen Asaz villmools Merci soen. Ech profitéieren nach vun der Geleeënheet, Iech op hire Concert de Noël mat der Remise des diplômes den 18. Dezember an der Uewerkuerer Kierch ze invitéieren. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Nee, mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organisation scolaire définitive 2024-2025 de l'école de musique.*

Ech soen Iech Merci. Ech géif proposéieren, dass mer de Punkt 6a nach géifen duerchhuelen an duerno eng Paus vun zéng Minutte maachen. De Punkt 6a ass een Akt vum Nottär. Do géif ech dem Här Hartung d'Wuert ginn, fir eis den Detail ze erkläre vun deem Projet. Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Am leschte Gemengerot hate mer de Contrat de réservation gestëmmt, datt mer als Gemeng dee ganze rietse Block um Site vum fréiere Maxim's zu Uewerkuer iwwerhuelen, wou mer an de Kelleren an um Rez-de-chaussée Formatiounssäll a Laboe fir d'LUNEX virgesinn. An uewendriwwer 54 Wunnenge fir 79 Studenten. Fir eeben och d'LUNEX, wat jo hei Sënn mécht, vu datt si direkt um Campus dru leien.

De Start vun den Aarbechten ass fir Januar 2025 virgesinn, also zimmlech deemnächst. D'LUNEX géif alles integral iwwerhuelen, wat da jo och d'Gestioun vereinfacht, mat ons als eenzegem Proprietär a si als eenzegem Locataire vum ganzen Immeubel.

Den Deel vun de Studentewunnenge beleeft sech op ronn 13 Milliounen Euro. Do ass de Premier équipement scho matenthalen. 25 Wunnenge fir zwee Studenten, 29 Eenzelwunnengen an 10 % vun de Wunnenge si PMR-gerecht.

Punkto Subsiden iwwer d'Aide à la pierre vum Logementsministère leie mer bei ronn néng Milliounen Euro. Dat wäre plus-minus 68 %, wat zimmlech gutt ass. Bedenkt een, datt 75 % de Maximum duerstellt.

Ofgesinn, datt et souwisou schwiereg ass, déi voll ze erreechen, kënnt d'Differenz hei an der Haaptsaach dohier, datt d'Zëmmere mat knapp iwwer 20 Meterkaree fir en Eenzelzëmmer an e bësse

méi wéi 30 Meterkaree fir en Duebelzëmmer méi grouss sinn, wéi de Subventiounskatalog virgesäit.

Awer nach ze preziséieren, datt mer iwwer de Pacte Logement 2.0 weider 225.000 Euro kréien.

Den Deel, wou d'Formatiounssäll an d'Laboen hikommen ass jo am Tosch zum Terrain virgesinn. Dës verloune mer duerno käschtendeckend un d'LUNEX weider.

Ech bieden Iech, dësen Acte de vente matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung, fir d'Erklärungen. Wuertmeldungen? Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert. Déi Gréng hate jo gefrot, fir dëse Punkt vum Ordre du jour erofhuelen ze loossen. Vläicht war déi Fro verschiddene vun Iech net ersiichtlech. Dofir wéilt ech dat awer gären am Detail eng Kéier erklären, firwat mer dat gefrot hunn, a vläicht kann een dat dann och besser novollzéien.

De Projet huet eng laang Nues oder ee laange Wee – ech sinn net esou gutt an deene lëtzebuergesche Riedensaarten, entschëllegt dat mol virop. Ee laange Baart, merci, Här Tempels, dat ass dee richtegen Ausdrock. En ass ënner verschiddene Koalitiounen ëmmer erëm op den Dësch komm.

Elo sti mir virun engem vill méi konkreeten Aboutissement, wouriwwer mer och wierklech frou sinn, well mer eis all bewosst sinn, dass mer Logementer an och Logements abordables a Studentewunnenge brauchen. Mir stellen a kenger Hisiicht d'Finalitéit vum Projet a Fro. Mir stellen, soen ech elo mol, den Akt an d'Opschlësselung vum Präis a Fro.

Certes, ass dee Projet och ënner der leschter grénger Buergermeeschtesch am Schäfferot zirkuléiert an à plusieurs reprises war en um Ordre du jour an ass beschwat ginn. Zu deem Moment war et nach en Hotel plus Logement étudiants. Dat Hotel ass entretemps ganz vum Dësch. Elo geet et just nach ëm Logements étudiants.

Mir gesinn et op jidde Fall esou, dass verschidde Saachen, déi am leschte Schäfferot diskutéiert gi sinn, haut net méi esou stëmmen, well jo och d'Gegebenheete geännert hunn.

Deemools war och ni rieds dovunner, dass d'Gemeng sollt den Acheteur vun deem Projet sinn. Et sollt um fräie Marché gebaut ginn an dann un zwee verschidde Repreneure goen, sief et d'Hotel, sief et d'Logements étudiants.

D'Analys, déi mir gemaach hunn, ass follgend: Mir hunn hei een Terrain, dee fir 80.000 Euro den Ar verkaf ginn ass un e Promoteur. Deen nämmlechten Terrain gëtt elo fir 385.000 Euro vun der Gemeng zréckkaf. Wat eng Präisdeierecht vun 375 % ausmécht. Wou sech dann elo d'Fro stellt: Wéi ass dat esou? Mir sinn en ëffentlechen Träger. Mir wëlle Projete realiséieren, déi fir d'ëffentlech Hand sinn a fir d'Bierger vun Déifferdeng sinn. Wéi ass et méiglech, dass ee Promoteur hei esou vill Profit drop mécht?

Elo sot Der mer, an dat wësse mir jo och, et ass Usus, dass, wann ee Projete mécht, eng Quote-part terrain herno vum finale Konstruktiounspräis gerechent gëtt, déi tëschent 20 % an 30 % vun der Konstruktioun läit. Ech mengen, si läit hei, elo weess ech et net méi, bei 24 % oder 27 %. Un des deux. Mee ech mengen, et mécht kee groussen Ënnerscheed.

Dat ass jo Usus. Mee mir als Gemeng verkafen awer deen Terrain a kafen en zréck. An innerhalb vun dräi Joer solle mer elo engem Promoteur gestatten, esou vill Benefice drop ze maachen. À savoir, dass hautdesdaags deen Terrain jo nach guer net verkaf ginn ass, well et ass nach ëmmer der Gemeng hiren Terrain. Dat heescht, mir erlaben haut, wëssentlech, engem Promoteur, esou vill Benefice ze maachen – mat Suen, déi dem Steierzueler seng sinn. Wou hannendru jo nach ee Ministère stécht, deen nach Subside gëtt. Dat heescht, mir involvéieren och ee Logementsministère mat dran, fir ze soen: Mir bezuelen esou vill Suen un ee Promoteur fir ee Gemengenterrain.

*La commune recevra également 225 000 € grâce au Pacte logement 2.0. Il demande l'approbation de cet acte de vente.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *explique pourquoi les Verts ont demandé le retrait de ce point.*
*Ce projet a une longue histoire et revient régulièrement sous différentes coalitions. Elle se réjouit de l'aboutissement plus concret, reconnaissant le besoin de logements étudiants et abordables. Elle ne conteste pas la finalité du projet, mais l'acte et la ventilation du prix. Sous l'ancienne bourgmestre verte, le projet incluait un hôtel, désormais abandonné. Elle souligne que certains éléments discutés par l'ancien collège échevinal ne sont plus valables, les circonstances ayant changé. À l'origine, il n'était pas prévu que la commune soit l'acquéreur du projet.*
*Laura Pregno présente une analyse concernant le terrain vendu à un promoteur pour 80 000 € l'are et que la commune rachète maintenant pour 383 000 € à 580 000 €, ce qui représente une augmentation de 375 %. Elle s'interroge sur cette situation, car la commune est un organisme public, qui réalise des projets pour les citoyens de Differdange. Elle reconnait que c'est l'usage dans le secteur immobilier qu'une quotepart terrain soit calculée dans le prix final de construction, représentant entre 20 % et 30 % du cout total. Cependant, elle souligne que la commune vend un terrain, puis le rachète, permettant à un promoteur de réaliser un bénéfice considérable en trois ans avec l'argent des contribuables, impliquant également le ministère du Logement, qui accorde des subventions.*

*Bien que cette pratique soit courante, elle estime qu'elle n'est ni saine ni moralement correcte. Elle suggère que les conseillers communaux devraient reconnaitre cette erreur et ne pas contribuer à la crise du logement en payant des prix de terrain exorbitants qu'aucun particulier n'accepterait, d'autant plus que les prix de l'immobilier ont baissé pendant cette période.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Laura Pregno conclut que la commune achète cher un terrain qui lui appartenait, à un moment où il devrait couter moins cher. Elle remercie monsieur Diderich d'avoir complété sa phrase ainsi que l'assemblée pour son écoute.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Pregno pour ces informations et donne la parole à monsieur Hartung.*

---

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que les prix étaient déjà connus lors du précédent conseil communal dans les actes de réservation, comme l'avait souligné monsieur Diderich, qui avait également mentionné que c'était la pratique habituelle.*
*Il explique qu'il est normal qu'un terrain prenne de la valeur lorsqu'il devient constructible, ce qui nécessite sa viabilisation et le développement de projets. Cela implique de nombreux investissements : frais d'études, conformité PAP/PAG, couts de commercialisation. Il compare avec les projets communaux, comme les écoles, où les études préliminaires sont déjà très couteuses. La préparation et l'assainissement du terrain représentent également un investissement capital.*
*Il confirme que le calcul du prix lors de l'achat et de la vente se fait différemment, le terrain étant évalué verticalement dans le cadre du budget global de construction. Le prix est calculé sur la surface utile d'habitation à 1700 € par mètre carré, bien en dessous du plafond du logement abordable fixé à 1813 €.*

Elo kënnt Der soen, dat ass Usus. Jo, dat gëtt esou gemaach. Mee och, wa mer wëssen, dass et esou gemaach gëtt, a mir mierken awer, dass esou Praxisse vläicht net gesond sinn a moralesch net korrekt sinn, misste mer jo awer soen: Wa mer et wëssen a grad dee Moment mierken an d'Kand nach net am Pëtz läit, kéinte mer jo dann als Gemengepappen a -mamme soen: Elo ass eis de Feeler opgefall. Kommt, mir maachen et net. Kommt, mir ginn net op déi Schinn, fir dass d'Promoteure vill Sue verdéngen op ëffentlecher Hand. A kommt, mir droen net dozou bäi, dass déi Logementskris, déi mer hunn, nach weider méi schlëmm gëtt.

Well, mir ginn hei Terrainspräisser bezuelen, als Gemeng, wat mer jo als private Mënsch ni géife maachen. Dat géif jo guer net goen. Dat heescht, eng Gemeng bezilt hei een enorme Präis fir eppes, wat hir selwer gehéiert. Mir verstinn einfach net, wat do d'Logik hannendrun ass.

A grad an enger Zäit, an de leschten dräi Joer, soe mer, okay, dat ass d'Hausse vun deem Präis. An d'Logementspräisser sinn awer och an deem Moment gefall.

Dat heescht, mir verkafen eppes bëlleg a mir kafen et deier zréck.

(Ënnerbriechung)

Zu engem Moment, wou et misst méi bëlleg sinn. Merci, Här Diderich, fir d'Komplettéiere vu mengem Saz.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Den Här Hartung, wannechgelift.

---

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Virop wëll ech bemierken, mir haten d'Actes de réservation jo schonn am leschte Gemengerot. Do louchen déi Präisser schonn dobäi. Den Här Diderich hat dat och schonn ugemierkt. Awer och direkt gesot, datt dat eeben och esou Usus ass.

Zum Inhalt. Et ass awer och verständlech, datt en Terrain méi Valeur kritt, wa méi op dësem Terrain ka gebaut ginn. A fir datt dat ka geschéien, muss dëse viabiliséiert an et musse Projeten drop entwéckelt ginn. An do fléisse jo och vill Invester dran: Etüdekäschten, et muss jo och passen, PAP-/PAG-konform sinn, d'Käschte fir déi verschidde Projeten un de Mann ze bréngen an esou weider. An dat mécht de Promoteur jo deelweis selwer. En huet jo seng eegen Ekipp, déi en do muss bezuelen. E gräift natierlech och op Spezialisten zréck. An dat huet eeben alles säi Präis.

Ech mengen, och wa mir als Gemeng mol Projete maachen, zum Beispill, wa mer eng Schoul bauen, éier mer mol iwwerhaapt ufänken, sinn do jo och scho vill Etüde gemaach ginn. An och do wonnere mer eis ëmmer erëm, wéi deier dat ass. Wat dat eis am Virfeld kascht, ouni datt iwwerhaapt eppes geschitt ass.

An da muss jo och hei den Terrain fir d'éischt prett gemaach ginn, sanéiert ginn. Do ass jo och Kapital investéiert, wat och nees Sue kascht. An dat muss jo iergendwou matafléissen.

Dir sot jo selwer, datt et Usus ass, an datt d'Berechnung vum Terrain beim Kaf a Verkaf anescht gemaach gëtt. Beim Verkaf gëtt dee ganze Bauprojet gekuckt an de Calcul gëtt vum Terrain vertical gemaach …

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Vun uewen no ënnen.

---

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

… am Kader vum Budget vum ganze Bau. An duerfir gëtt d'Part foncière op d'SUH, also d'Surface utile d'habitation, da gerechent. An dësem Fall mat engem Wäert vun 1.700 Euro pro Meterkaree. Ee Prinzip, deen, wéi gesot, normal ass an een Taux, deen nach ee gutt Stéck ënner dem Plaffong vum abordabele Logement läit, deen op 1.813 Euro Euro pro Meterkaree SUH fixéiert ass.

Ech wëll kloer ënnersträichen, datt mer sécher net d'Immobiliepräisser hei am Land an d'Luucht dreiwen, wa mer, wéi gesot, ee gutt Stéck ënner de Plaffonge vum Logementsministère leien, dee schonn déif ugesat ass.

Et muss ee wëssen, dee ganze Bau huet jo eng gewëssen Zomm. Wa mir elo géifen drop insistéieren, datt d'Part foncière erofgeet, dat heescht automatesch, datt d'Part construction jo dann nach muss eropgoen. Well de Präis vum ganze Bau ass jo u sech den Total vun der Part foncière an der Part constructible. An dat läit, wéi Dir selwer gesot hutt, meeschtens tëscht 22 % bis 27 %, wou mer eeben och hei dra sinn.

Da muss een awer och soen, ech mengen, Dir hutt selwer gesot, do ass ganz laang dru gedoktert ginn. Et waren e puer Promoteuren drop, déi hu sech och déi Dénge weiderverkaf. An dee Promoteur, iwwer dee mir elo hei schwätzen, deen huet dee Projet fir eng Valeur vu 4,9 Millioune kaaft. Dat heescht, fir deem elo ze ënnerstellen, datt hie géif hei elo riseg Margen drop maachen, deem wëll ech mech definitiv net uschléissen.

Ofschléissend wëll ech nach soen, wéi laang dat scho schleeft. Dir sidd am Ufank drop agaangen, ech mengen, zënter 2009 sollt eppes beim Maxim's geschéien. 15 Joer stoung et eidel. Et ass hei an do versicht ginn. Elo hu mer endlech alles souwäit, fir datt 18 abordabel Wunnenge fir de Fonds de Logement entstoe kënnen an op där anerer Säit 54 Studentewunnengen a Formatiounssäll fir d'LUNEX, mat engem Promoteur, deen och prett ass fir unzefänken an net just fir iergendwann eng Kéier erëm.

Elo hu mer et endlech um Wee. Kommt, mer halen elo op mat Hickhacken, datt mer endlech ukommen. Ech mengen, Dir sot jo selwer, de Projet ass gutt. Ech hoffen, datt mer mat dësen zousätzlechen Explikatiounen dat ënnermaueren. Mir hunn ausgerechent, wat d'Studenten herno ze bezuelen hunn. Wa mer dat normal amortiséieren, leie mer bei 400 Euro herno fir eng Wunneng vun iwwer 20 Meterkaree, wat jo awer miwweléiert an u sech ee gudde Studio ass. Ech denken, do kann een net soen, datt mer herno, fir dat, wat mer u Suen zréckzekréien, ze vill ausginn.

Ech weess net, ob nach een eppes dozou wëll ergänzen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech soen der Madamm Pregno Merci fir dës Analys, och wierklech a Prozenter. Ech mengen, ech hunn et bal allkéiers ugeschwat, wou mer dat heiten um Ordre du jour haten, dass mer do ee grousse Feeler gemaach hunn. An dee Feeler, souzesoen, einfach weider mathuelen, fir iergendwéi do weiderzekommen.

Et war ee Feeler, e Gemengenterrain un e Promoteur ze verkafen an en duerno mussen erëm zréckzekafe mat enger Plus-value. Wann dat kee Feeler war, Här Altmeisch, dann – also de minimum wär, dee Feeler hei anzegestoen an ze soen, als Gemeng hätt ee besser gehat, dat dote selwer ze maachen, wéi dertëschent ze erlaben, dass een deem aneren dat fir Plus-valuë weiderverkeeft. A mir et dann zréckkafen, ouni dass et dans l'effet iwwerhaapt emol richteg verkaf ginn ass, mee am Fong just op Kontraktbasis, sur le papier, kaf a verkaf a weiderverkaf ginn ass.

Dir hat mech d'leschte Kéier nach korrigéiert, wou ech den Numm vum Promoteur genannt hat, deen déi doten Entreprise elo huet. Et ass eeben hien, dee se elo huet. Et ass awer déi nämmlecht Entreprise, mat där mir deen éischte Kontrakt gemaach hunn.

VOI huet vun Ufank un deen dote Projet vun der Gemeng ofkaf. A si hunn en elo nach ëmmer. Wann déi Entreprise do weiderverkaf gëtt, aner Associéë kritt an esou weider an esou fort, dann ass dat net mäi Béier. Mee mir hunn där doter Entreprise dat dote verkaf a mir kafen et elo vun hinnen zréck fir eng Plus-value um Terrain vun 375 %. Dat sinn d'Fakten, wéi se sinn.

Fakt ass och, dass mer elo just 68 % vum Ministère kréien. Ech hu gëschter nach mat engem Entrepreneur geschwat, dee seet, et ass schwéier, net an de Plaffonge vum Ministère ze sinn.

*Il souligne que cette pratique ne contribue pas à faire grimper les prix immobiliers. Il ajoute que si la part foncière diminuait, la part construction augmenterait automatiquement, car le prix total reste inchangé. Il précise que le promoteur actuel a acheté le projet pour 4,9 millions d'euros, ce qui contredit l'idée qu'il réalise d'énormes marges.*
*Il conclut en rappelant que ce projet permet, après 15 ans d'inoccupation du site « Maxim's », de créer 18 logements abordables pour le Fonds du logement et 54 logements étudiants avec des salles de formation pour LU:NEX, à un prix final d'environ 400 € pour un studio meublé de plus de vingt mètres carrés.*

**TOM ULVELING (CSV)** *intervient brièvement pour préciser que le calcul se fait « de haut en bas ».*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne la parole à monsieur Diderich.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *remercie madame Pregno pour son analyse chiffrée et soutient qu'une erreur majeure a été commise dans ce dossier. Il critique la décision de vendre un terrain communal à un promoteur pour ensuite devoir le racheter avec une plus-value. Il précise que l'entreprise « VOI » a acheté ce projet dès le départ et le possède toujours, malgré d'éventuels changements d'associés. Il souligne que la commune rachète maintenant le terrain avec une plus-value de 375 % alors qu'elle ne reçoit que 68 % de subvention du ministère.*

*Selon un entrepreneur avec qui il s'est entretenu, il est difficile de ne pas respecter les plafonds du ministère permettant d'obtenir 75 % de subvention, particulièrement quand il s'agit d'un terrain communal. Il critique le calendrier de cette transaction, la commune ayant vendu lorsque les prix étaient élevés et rachetant maintenant que les prix ont considérablement baissé à Differdange. Il rappelle que le contrat initial avec « VOI » prévoyait des pénalités de retard de 2500 € par mois et trouve incompréhensible qu'un nouveau contrat soit proposé pour contourner ces pénalités sans négocier de meilleurs prix.*
*Il dénonce le fait que le secteur public assume le risque financier alors que le promoteur privé conserve ses marges. Il déplore l'absence dans le dossier de l'expertise nécessaire pour le ministère du Logement concernant la répartition entre terrain et construction, qui détermine les subventions, et s'interroge sur les raisons pour lesquelles la commune n'atteint pas les 75 % de subvention.*

Deen huet 600 Wunnenge mat den Oeuvres Paroissiales aus dem ganze Land an deene leschte Joren hei am Land gebaut. An dee seet, et ass schwéier, fir ënner deene 75 % ze sinn, dat heescht iwwer d'Plaffonge vum Ministère ze goen.

An Dir sot mir, et ass schwéier, sech un déi Plaffongen do ze halen. Et ass einfach. Virun allem, wann et e Gemengenterrain au départ ass. Dann ass et einfach, sech un déi 75 % ze halen, ausser dertëschent kuckt een, dass d'Promoteuren nach hir Margë kréien – oder et mécht een de Feeler, dass d'Promoteuren dertëschent hir Margë kréien.

Dat heescht, mir hunn hei e Projet, wou onnéideg vill Zäit verluer gaangen ass. Wou mer verkaf hunn, zu engem Moment, wou d'Präisser méi héich waren. A wou mer elo den Terrain zréckkafen, zu engem Moment, wou d'Präisser enorm gefall sinn.

A grad zu Déifferdeng si se enorm gefall. Well zu Déifferdeng ass den Ecart tëschent de Revenue vun de Leit an dem Wäert vum Logement am gréissten. Dofir sinn zu Déifferdeng d'Präisser och am meeschten erofgaangen, well einfach de Marché net méi esou funktionéiert. An da si keng Investisseure méi do, déi nach iergendwou, à la marge, iergendwou kafe ginn. Déi sinn net méi do, well se d'Prêten net méi kréien.

Dat heescht, grad hei zu Déifferdeng kritt een och, ech kann Iech Tonne Beispiller gi vun Haiser, déi een am Moment zu Déifferdeng ka kafe fir aner Präisser. An da bezuele mir elo nach eng Plus-value um Terrain. Dat heesch, mir reconsideréieren dee ganze Projet, reconsideréieren och am Sënn, vu dass an deem Kontrakt deemools mat där VOI Sàrl een aneren Deal dra war.

Do war den Deal dran, dass dat alles misst geliwwert ginn um Enn vun deem Joer. A wann dat net de Fall wär, all Mount Verspéidung misst bezuelt ginn. A mir bidden him een neie Vertrag un, fir dass e laanscht déi dote Strof kënnt vun deenen 2.500 Euro pro Mount. A mir kréien dobäi net verhandelt, dass mer besser Präisser kréien. Dat ass fir mech onverständlech an dat hunn ech allkéiers bei dësem Dossier gesot.

Herno ass dann d'Fro: Wat maache mer, fir do elo weiderzekommen? Mee hei ass et d'ëffentlech Hand, déi d'Suen auspeekt fir weiderzekommen. An deen, deen de Risiko geholl huet, fir do dran ze investéieren – dat mannst, wat ee kann erwaarde vun engem Investisseur, dat ass, dass e säi Risiko dréit.

Et ass net d'Profitter akasséieren an dann, wann et schif leeft – hei ass de Marché jo net genial, se konnten en net privat kommerzialiséieren –, d'ëffentlech Hand de Risiko dann opfänkt. Hei gëtt de Kapitalismus vun der allgemenger Gesellschaft gedroen op eemol. C'est le monde à l'envers. Entweeder mir sinn am Kapitalismus a mir sinn am Marché an dee muss kucken, dass en eens gëtt, oder mir sinn net do dran.

Wann d'ëffentlech Hand dofir muss opkommen, da muss och ee Privaten a Kaf huelen, dass en elo net nach seng Marge do gemaach kritt. En huet sech verspekuléiert. Et ass eeben net dee richtege Moment. Da muss en do alenken. A mir hunn och en Drockmëttel, well mir hunn déi 2.500 Euro, déi e pro Mount misst bezuelen, wann en net dat ofliwwert wat e gesot huet.

Dat gesot, ass et, en effet, esou – an dat vermëssen ech awer an dësem Dossier –, fir dass de Ministère du Logement eis iwwerhaapt dee Subsid gëtt, muss een hinnen eng Expertise ofginn: Wat ass d'Part terrain? Wat ass d'Part du construit? Mee déi läit awer ni bei eis am Dossier. A se läit elo och erëm net am Dossier.

Déi Expertise, déi muss de Ministère du Logement kréien, an da kënne mir se och kréien. An da gesäit ee jo, wat den Expert dozou gesot huet.

An de Subside vum Ministère du Logement gëtt et zwee Deeler. Et gëtt ee Plaffong fir d'Part vum Terrain an et gëtt een anere Plaffong fir d'Part vun deem Construit.

(Ënnerbriechung)

Mir si bei der Part terrain ënner deem Plaffong a mir si bei der Part du construit iwwer deem Plaffong. Soss wäre mer jo op 75 %. Firwat kréie mer dann net déi 75 %?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass net wouer …

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ma da kënnt Der mer dat jo erklären. Wann et ëm d'Fläche vun den Zëmmere geet, firwat adaptéiere mer de Projet net dorobber? Et ass jo nach näischt gebaut. Mir kënnen de Projet komplett dorobber axéieren, dass mer déi 75 % kréien.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Meisch nach, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Mir schwätzen net driwwer, ob et deemools gutt war oder schlecht war, deen Terrain ze verkafen. Mir sinn eis all bewosst, datt mer laang, laang Joren do Zäit verluer hunn. Hei geet et drëm, fir e fäerdege Projet ze kafen.

A wéi nun emol eng Quote-part vun engem gebauten Terrain gerechent gëtt, gëtt vum Gesamtpräis am Fong ofgerechent. Et ass eng theoreetesch Rechnungsmethod, ëm déi et hei geet, fir op déi Valeur ze kommen.

Eis ass et natierlech och opgefall. Mir waren och e bësse verwonnert a mir hunn eis an déi Richtung e bëssen ëmfrot. Interessant wär, et eng Kéier esou eng Käschtenopstellung ze gesinn, wat ufält, fir esou een Terrain ze viabiliséieren am Fong. Do hu mer eis änlech Dossieren ugekuckt.

Effektiv ass dat hei elo keng ganz glécklech Situatioun, mee se ass nun emol esou, wéi se ass. An dat do ass awer eng üblech Geschicht, déi esou gehandhaabt gëtt. Dofir kënne mir domat liewen an dat och gär hei matstëmmen. An hoffen, datt endlech op deem Site eppes geschitt, well et ass grausam, wéi et do ausgesäit.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll zwou Bemierkunge maachen. Deen Dossier do ass, dès le départ, falsch ugepaakt ginn. Dat heescht, do krut een ee Pabeier de réservation, deen huet 10 oder 14 Joer, ech weess net, do dru gedoktert – vun Hotel bis Appartementer, Appartementer mat Hotel, Appartementer ouni Hotel an esou weider an esou fort. Et ass net virugaangen.

Do war schonn de Feeler, dass een am Fong hätt missen deemools scho soen, okay fir dee Präis, awer du hues elo Zäit – wéi mir et elo maachen, dass mer soen, ab deen Dag, wou s de deng Baugeneemegung hues, muss endéans vun zwee Joer oder esou dat do stoen. An dat hu mir alleguerte gewäerde gelooss.

An elo ass et dann dozou komm – an dat wëll ech awer och kloer soen –, dass dee Mann, deen dee Contrat de réservation hat, deen huet et einfach weiderverkaf. An deen eenzegen, deen do Benefice, à ce stade, gemaach huet – quitte dass den Entrepreneur oder Promoteur jo och duerno wäert säi Benefice maachen, mee deen eenzegen, deen ee risege Benefice, dès le départ, gemaach huet, war deen, deen ni ee Su dra gestach hat. Oder vläicht an e puer Etüden. An deen och ni ee Su bezuelt hat. Deen huet dee ganze Projet oder dee ganzen Terrain mat sengem Contrat de réservation verkaf un een aneren, deen dann dräi, véier an esou vill Milliounen dofir bezuelt huet. Dat ass dat Éischt.

An dat anert, wat ech wëll soen, dat do ass jo awer elo keng nei Situatioun. Dir wësst, beim Gravity hu mer den Terrain verkaf fir aacht Milliounen Euro. Do waren Déi Gréng am Schäfferot, an do hu mer am Oktober 2020 80 Logementer kaf. Do war d'Madamm Pregno och am Schäfferot, an do war d'Quote-part terrain 10,5 an e puer Zerquetschtener. Dat waren och sengerzäit 27 %. Dat heescht, och do hu mer dann dat, wou mer virdrun aacht Millioune dofir kritt hunn, fir 2,5 Millioune méi deier kaf.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *contredit monsieur Diderich en affirmant que ses propos sont inexacts.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande alors des explications et suggère d'adapter le projet pour obtenir les 75 % de subvention puisque rien n'est encore construit.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne ensuite la parole à monsieur Meisch.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *affirme qu'il ne s'agit pas de débattre si la vente du terrain était judicieuse. Il reconnait que beaucoup de temps a été perdu, mais qu'il s'agit désormais d'acheter un projet fini. Il explique que la détermination de la quotepart d'un terrain construit se calcule selon une méthode théorique à partir du prix total.*
*Il admet que son groupe a été surpris et s'est renseigné sur ce sujet. Il trouve qu'il serait intéressant de voir un décompte des couts de viabilisation d'un tel terrain.*
*Tout en reconnaissant que la situation n'est pas idéale, il estime qu'elle doit être acceptée comme telle, cette façon de procéder étant habituelle. Pour ces raisons, son groupe vote en faveur du projet, espérant que quelque chose se passe enfin sur ce site, qu'il juge dans un état déplorable.*

**TOM ULVELING (CSV)** *exprime simplement son accord.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne la parole à monsieur Ulveling après avoir remercié monsieur Meisch.*

**TOM ULVELING (CSV)** *fait deux remarques importantes concernant un dossier immobilier. Il explique que ce dossier a été mal géré dès le début, avec un document de réservation qui a été modifié pendant 10 à 14 ans, passant d'un projet d'hôtel à des appartements, puis à une combinaison des deux. Il souligne qu'on aurait dû imposer dès le départ un délai de construction après l'obtention du permis. Il précise que la personne détenant le contrat de réservation l'a simplement revendu à un autre acquéreur pour plusieurs millions d'euros, réalisant ainsi un bénéfice considérable sans*

*avoir investi significativement dans le projet.*
*Tom Ulveling compare cette situation à d'autres projets, comme Gravity, où la commune a vendu un terrain pour 8 millions d'euros, puis a racheté 80 logements en octobre 2020 avec une quotepart terrain de 10,5 millions, soit 27 % plus cher.*
*Il mentionne également le projet de colocation collaborative, où la commune a payé 8,7 millions, puis 2,3 millions supplémentaires. Au total, pour ces deux projets, la commune a racheté pour 4,9 millions de plus un terrain initialement vendu à 8 millions.*
*Il s'étonne que ce cas précis pose soudainement problème alors que des situations similaires se sont produites par le passé. Il évoque également les complications du projet actuel, notamment l'assainissement du terrain et un saule pleureur qui a causé des retards.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *intervient brièvement pour préciser que l'affaire du saule pleureur a duré deux ans.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *poursuit en expliquant que le bourgmestre de l'époque avait négocié un appartement supplémentaire après avoir appris que le terrain allait être vendu pour six-millions d'euros. Il note que la commune obtient maintenant une contrevaleur de plus de 1,5 million d'euros au lieu des 1,3 million prévus initialement dans le contrat de réservation. Il conclut que l'erreur fondamentale a été commise au début du processus.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne ensuite la parole à madame Pregno.*

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *souligne plusieurs points.*
*Elle précise que le promoteur change la composition de la société avec laquelle la commune négocie, mais qu'il s'agit juridiquement de la même entité. Elle affirme que, si le promoteur a payé 4,9 millions d'euros pour le projet, c'est sa responsabilité et son investissement professionnels.*

Dat Zweet ass, do hu mer dat selwecht mam Coliving gemaach. Do hu mer 8,7 Millioune bezuelt an do hu mer dann och 2,3 Millioune méi bezuelt. Dat heescht, an deem ganze Projet Gravity mat Coliving huet d'Gemeng fir en Terrain, dee se fir aacht Millioune kaf huet, e fir 4,9 Millioune méi deier zréckkaf.

Wann een do den Ar-Präis géif rechnen, do géif en och op Jenseits von Gut und Böse kommen, wéi Dir dat elo maacht. Wéi gesot, och do ass et net vill besser, wéi et elo ass. Soudatt ech mech e bësse wonneren, wéi elo op eemol déi Erkenntnis do komm ass, dass hei iergendwéi sollt eppes anescht lafen, wéi et am Fong an der Vergaangenheet och gelaf ass.

Mir haten déi Diskussioun scho mat engem Terrain zu Nidderkuer, wou mer gesot hunn, dat do gëtt einfach ze deier. Well deen higaangen ass, hien huet net gekuckt, wéi vill Ar et sinn, mee hien huet gekuckt, wat gebaut gëtt, dunn huet e gesot, majo ech huelen esou vill Prozent vum Bau an dat rechnen ech als Terrain. Wou mir da gesot hunn, fir eis geet dat net op an dat kënne mer net maachen.

An ech mengen, hei ass et d'selwecht gaangen, wéi et ëmmer gaangen ass. Dofir wonnert et mech elo, dass dat hei soll dann e Probleem sinn. Also et ass sécher, wann een et niichter kuckt, ginn ech Iech Recht. Dir sot, ech kréien 100 an duerno ginn ech 300 erëm. Mee bon, et sinn awer 14 Joer dertëscht gewiescht.

An do ass jo awer och vill geschitt. Wéi gesot, de Mann huet dee Projet ofkaf, de Mann muss déi Dénger ofrappen, e muss den Terrain sanéieren. Do war och déi ganz Geschicht mat deem Bam, wat dat Ganzt nach an d'Längt gezunn huet, déi Trauerweid do.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Dat ass och nach zwee Joer gelaf ass, déi Trauerweid.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Do hu mer och Zäit verluer. Ech war jo och do dobäi. Wéi gesot, an Zukunft maache mer dat jo och net méi, dass mer, wa mer eppes wëlle verkafen, soen …

Well ech ka mech erënneren, deemools, de Buergermeeschter hat iergendwou héieren, mir wieren amgaangen, dat schonn ze verkafen. An do ass en direkt higaangen an huet gesot, do si mer awer net méi d'accord. Am Ufank, an der éischter Phas sollte mer zwou Wunnenge kréien. An do ass de Buergermeeschter higaangen an huet gesot: Nee, wann s du dat do elo wëlls fir sechs Millioune verkafen, da kréie mir awer dann och en Appartement méi. An dat ass dunn och festgehale ginn.

Wann ech richteg héieren hunn, hate mer an deem Contrat de réservation 1,3 stoen. Elo kréie mer awer eng Contrevaleur fir 1,5 an eppes. Dat heescht, mir kréien e bësse méi.

Mee bon, de Feeler ass geschitt, deemools, wéi mer domat ugefaangen hunn, am Fong. Dat huet dat erméiglecht, dass dat elo esou ausgeet.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Weider Wuertmeldungen? Madamm Pregno.

---

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci fir d'Wuert nach eng Kéier. Ech wollt nach op zwou, dräi Saachen agoen. Den Här Diderich huet et scho gesot: De Promoteur, deen ännert, awer d'Societéit, mat där d'Gemeng an de Verhandlungen ass, ass duerchlafend déi nämmlecht Societéit.

Wann d'Zesummesetzung vun der Societéit ännert, dofir ka jo d'Gemeng oder de Partner, mat deem den Handel steet, net. Wann Dir sot, de Promoteur huet 4,9 Milliounen Euro fir dee Projet gi virun esou ville Joren, oder kierzlech, soen ech elo mol, dofir kënne mir net. Dofir kann d'Gemeng net. Dat ass dann eebe seng Verantwortung. Dat ass säin Invest. Mat deem Invest muss hien u sech liewen, dat ass säin Job, soen ech elo mol.

Den Här Ulveling huet de Verglach mam Gravity an dem Coliving gezunn.

Do ass de Rapport ee ganz aneren. Et ass mol zwee, de Rapport vun de Käschte beim Coliving a beim Gravity. Iwwer den Daum gepeilt, ech hunn et elo net ganz nogerechent.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

27 %.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Jo, mee d'Gewënnmarge ass eng ganz aner.

Den Här Hartung seet, de Promoteur muss jo seng Konstruktioun rechnen a seng Viabilitéit vum Terrain. Just fir ze soen, am Projet stinn 200.000 Euro Architektekäschten. Dat ass wäit ënner deem, wat normalerweis Usus ass bei esou Projeten. Komesch.

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Merci fir déi Bemierkungen. Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 4 voix non d'approuver l'acte notarié de constatation et l'acte de vente en état futur d'achèvement avec la société VOI SÀRL concernant le projet immobilier de logements dédiés et abordables au n° 98 de l'avenue du Parc-des-Sports à Oberkorn (ancien Maxim's).*

Ech soen Iech Merci. Da géife mer zéng Minutte Paus maachen.

(Paus)

Merci fir Är Disziplin. Kéime mer zum Punkt 6b, engem Acte notarié, wou mer eng Maison unifamiliale zu Nidderkuer 38, Rue des Ligures kafen. Den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. Am Kader vu Logement abordable kafe mer hei ee weidert Haus mat Terrain, wat mer ugebuede kruten. En Haus mat véier Kummeren ass interessant. Et ass an engem gudden Zoustand, a mer kéinten direkt eng Famill anzéie loossen.

Geplangt ass awer, datt mer nach fir d'éischt een Zëmmer weider anzéien, well mer jo vill méi kleng Objeten hunn an eebe besonnesch fir méi grouss Familien net esou vill ze proposéieren hunn.

D'Gesetz seet jo och, datt d'Kanner ab zwielef Joer hiert eegen Zëmmer mussen hunn, wat, verständlecherweis, bei villen Demandeuren op Onversteesdemech stéisst, wann een hinnen erkläert, datt een hinnen zum Beispill en Appartement mat dräi Zëmmeren net ka ginn. Obwuel et fir si eng däitlech Verbesserung duerstelle géif par rapport zu hirer aktueller Situatioun. Dofir wëlle mer eng weider Kummer anzéien, wat ouni vill Opwand ka gemaach ginn.

Am Ufank war de Präis, deen de Proprietär gefrot huet, méi héich. Mir waren awer interesséiert, ënner anerem, och wéinst dem Terrain hannendrun. Do si vill Parzellen, déi gehéiere schonn dem Staat respektiv der Gemeng. An dësen Deel ass jo als Reserv virgesinn, fir Déifferdeng weiderzeentwéckelen.

No e puer Verhandlungsronnen, mat och emol Stëllstand dertëscht, huet de Proprietär ons Offer schliisslech akzeptéiert. Dofir hu mer dëst elo e bësse méi spéit am Joer. D'Haus beleeft sech op 680.000 Euro, wouvu mer 68,5 % iwwer Aide à la pierre subventionéiert kréien.

Iwwer de Pacte Logement kréie mer nach eemol 25.000 Euro. Soudatt et ons netto 190.000 Euro kaschte wäert. A wou mer mam abordabele Loyer eng zousätzlech Recette generéieren.

Zum Terrain. Do leie mer mat 229.250 Euro fir 6,55 Ar bei de 35.000 Euro pro Ar. Een Taux, dee virdru jo scho fir net viabiliséiert Parzellen am Bauperimeter ugewannt gouf.

Op der Diffcloud hutt Dir all d'Dokumenter, den Akt, d'Subventiounsbe-

*Elle conteste la comparaison faite par monsieur Ulveling avec les projets Gravity et Coliving, indiquant que le rapport des couts est différent et que les marges bénéficiaires ne sont pas comparables.*
*Elle note également que les honoraires d'architecte de 200 000 € indiqués dans le projet sont nettement inférieurs à la normale pour des projets de cette envergure, ce qu'elle trouve étonnant.*
*(Interruption)*
*Laura Pregno trouve cela étrange.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Pregno pour les explications et commentaires, puis propose de passer au vote.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch annonce une pause de dix minutes.*
*(Pause)*
*Guy Altmeisch reprend la séance avec le point 6b) concernant l'achat d'une maison unifamiliale située au 38, rue des Ligures à Niederkorn. Il donne la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que, dans le cadre du logement abordable, la commune achète une maison supplémentaire avec terrain. Cette maison de quatre chambres, en bon état, pourrait accueillir une famille immédiatement.*
*Il précise que la commune prévoit d'ajouter une chambre supplémentaire, car elle dispose de nombreux petits logements, mais manque d'options pour les familles nombreuses. Il rappelle que la loi exige que les enfants à partir de 12 ans aient leur propre chambre.*
*Initialement, le prix demandé par le propriétaire était plus élevé, mais après plusieurs cycles de négociations, l'offre de la commune a été acceptée. Le cout de la maison s'élève à 680 000 €, dont 68,5 % sont subventionnés par l'aide à la pierre.*
*La commune reçoit également 25 000 € grâce au Pacte logement, ce qui ramène le cout net à 190 000 €, avec des revenus supplémentaires générés par le loyer abordable.*

*Concernant le terrain de 6,55 a, son prix est de 229 250 €, soit 35 000 € par are.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne ensuite la parole à monsieur Diderich.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue cette acquisition, même si à première vue le prix parait élevé pour quatre chambres. Il souligne que l'intérêt réside également dans les terrains situés à l'arrière, qui offrent à la commune une bonne option pour développer d'autres projets avec l'État. Il suggère que ces informations devraient être incluses dans le dossier. Il comprend le prix payé et soutient cette acquisition.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *prend la parole et commence à poser des questions concernant un triplex dans le cadre du projet Gravity.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *signale à monsieur Aguiar qu'il s'écarte du sujet.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *répond néanmoins que le triplex destiné aux logements pour doctorants pose plus de difficultés que prévu, et qu'un appartement reste libre dans le projet Gravity.*

rechnung fir de Subsid souwéi den État des lieux. Ech bieden Iech, dëst esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen zu deenen Erklärungen? Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter, merci, Här Hartung. Mir begréissen dës Acquisitioun. Och wann ee sech op den éischte Bléck seet, dat ass awer e bëssen ee stolze Präis fir véier Zëmmeren.

Mee et geet jo net nëmmen ëm d'Haus, et geet och ëm d'Terrainen, déi hannendru leien a wou een als Gemeng eng gutt Optioun hält, fir mam Staat zesumme laangfristeg aner Projeten ze entwéckelen.

Dat sinn Informatiounen, déi gutt wären, wann déi schonn an esou engem Dossier dobäi wären. Vu dass schonn ee Rapport dobäi ass, kann een och nach zwou, dräi Linnen dobäischreiwen. Dat kann een dem Service logement vläicht nach mat op de Wee ginn. Mee mat deenen Explikatiounen, déi ech am Virfeld konnt kréien, kann ech dann awer verstoen, dass mer elo deen do Präis bezuelen an op där anerer Säit awer just fir 680.000 Euro de Subsid berechent kréien an eebe vum Ministère kréien.

An deem Sënn kann ech dat ënnerstëtzen, dass mer dat elo esou kafen an eeben hei och laangfristeg Optioune virbauen, fir nach méi Logement ze schafen, hoffentlech. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Ech hunn nach e puer Froen.

Här Hartung, fir den Triplex: Ass schonn eng Konventioun gemaach ginn oder net? Mir hunn en Triplex am Kader vum Gravity. Et war virgesinn, fir eng Konventioun ze maachen. Ass dat gemaach ginn? Hu mir nach eidel Appartementer um Site? Et ass wichteg, datt dat och …

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech mengen, do sidd Der elo e bësse fréi un, Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

A pardon. Entschëllegt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass awer net schlëmm. Den Här Hartung kann Iech awer op déi Fro äntwerten, dann ass déi Fro alt beäntwert. Här Hartung, kënnt Der séier dozou Stellung huelen? Well hie presentéiert dee Punkt och.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Den Triplex, do waren nach Aarbechten. Deen ass virgesi fir Doktorantewunnengen. Dat ass awer méi schwiereg wéi geplangt. Dat heescht, do kucke mer, wéi am Budget schonn erkläert, well mer aner Objete wëlle renovéieren, fir och Leit vläicht emol ze relogéieren.

An dann ass effektiv nach een Appartement am Gravity fräi, wat u sech scho vergi war, wou déi Persoun awer ofgesprongen ass. Dat steet am Budget an de Recetten, well mer dat d'nächst Joer dann erëm kënne verkafen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Gëtt et elo nach Wuertmeldungen zum Punkt 6b? D'Madamm Pregno.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci. Ech hat dem Här Aguiar de Virtrëtt gelooss. Ech wollt just froen, an ech mengen, ech hat dat schonn eng Kéier gefrot: Huet de Service logement ee Kader? Ass et fir eis méiglech gewuer ze ginn, wat Der kafe wëllt a wéi vill a wéi eng Typpen? Well Dir kaaft jo Haiser an Dir kaaft och vermehrt Haiser mat villen Zëmmeren, well d'leschte Kéier hutt Der gesot, de Besoin wär do, fir Famille mat méi Kanner. Dat ass okay. Mee et feelt eis, oder ech hu keen Duerchbléck, wéi vill a wat Der kafe wëllt. Gëtt et do iergendwellech Richtlinnen?

Respektiv hat ech d'leschte Kéier och scho gesot: Wéi ass et fir de Marché dobaussen, fir d'Bierger, déi eppes verkafe wëllen? Dir sot ëmmer: D'Haus gouf eis ugebueden. Dat heescht, et sinn e puer Leit, déi tentéieren hir Chance a bidden hir Haiser un? Einfach spontan, andeem se sech soen, mir probéieren emol? An da passt et?

Mee wat ass da mat deenen aneren, déi dat net maachen? Steet iergendwou: D'Gemeng keeft en Haus mat véier Zëmmeren? Oder: D'Gemeng ass disponibel, dräi Appartementer mat zwee Zëmmeren ze kafen? Well u sech wëll d'Gemeng jo transparent schaffen. A wann ech awer elo vläicht net dru geduecht hätt, als Vendeur, der Gemeng oder deem Service dat ze proposéieren, da geet mir dat virun der Nues laanscht. Ech hu mech gefrot, ob een net kéint iergendeppes maachen, dass dat einfach méi transparent wär.

Quitte vläicht mam Bemoll, dass een herno iwwerlaf gëtt vun Offeren. Ech weess et net. Mee vläicht wär dat eng Aufgab, déi Der kéint der Commission de Logement ginn, sech och emol e puer Gedanken doriwwer ze maachen, wéi dat kéint stattfannen.

Mir hunn den Tour gemaach an d'Nopeschgemengen, fir ze froen, ob déi esou eppes hunn. Mir hunn näischt fonnt. Et wär vläicht eppes méi Transparentes an Neits fir d'Déifferdenger Bierger. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Pregno. Här Hartung.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Et komme vill Offeren eran. Do hu mer eis Experten am Service logement, déi dat dann evaluéieren. Haaptsächlech gëtt gekuckt, ob dat eng Struktur ass, déi iwwerhaapt interessant ass par rapport och zum Präis, deen d'Leit sech virstellen.

Mir haten elo deslescht een Haus ugebuede kritt fir ee Präis, wou dann awer bannendran nach immens vill energeetesch muss renovéiert ginn. Dat rechne mir natierlech dee Moment mat. An da kucke mer, awéiwäit dat subventionéiert ka ginn, mat den Aarbechten inklusiv. Dat muss sech och droen.

Dir hutt Recht, mir hu méi gemaach wéi aner Gemengen. Mee et muss ee soen, all Situatioun ass aneschters. Mir hate jo och en Haus um Balcon. Do hu mer och scho Saachen. Hei hu mer elo een Haus, wat haaptsächlech wéinst dem Terrain hannendrun interessant war. Dat hu mer natierlech och net zum Präis kaaft, deen de Proprietär sech virgestallt hat. Mee da soe mer: Dat do ass deen absolutte Maximum.

Et ass awer esou, ech hat dat d'leschte Kéier an der Budgetsried gesot, vu datt de Marchéspräis esou niddreg war, hu mer profitéiert vun der Situatioun. Dat hei huet sech elo méi laang gezunn, mee an der Lescht sinn d'Präisser erëm eropgaangen. Dat heescht, mir passen do warscheinlech net méi esou séier an dee Subventiounskatalog, wou mer mussen ofdecken.

Vun dohier hu mer fir d'nächst Joer just ronn zwou Millioune virgesi fir esou Acquisitiounen, wann emol eppes kënnt. Mir hunn och anere Propose gemaach fir ze kafen, natierlech da mat eisem Präis, wou eeben dann och kéint gedeckt ginn. Do hunn natierlech verschidde Proprietären net méi drop reagéiert, soe mer et esou, well et fir si dann net interessant war. Ech mengen, als Gemeng, ...,

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *demande s'il existe un cadre définissant ce que le service logement souhaite acheter, en précisant le nombre et les types de logements visés. Elle s'interroge sur la transparence du processus pour les citoyens qui voudraient vendre leurs biens à la commune.*
*Elle note que la commune indique toujours que « la maison nous a été proposée », ce qui favorise ceux qui font des offres spontanément. Elle suggère de communiquer plus clairement sur les types de propriétés que la commune cherche à acquérir pour assurer une plus grande transparence.*
*Laura Pregno poursuit son intervention en évoquant le risque d'être submergé par les offres. Elle suggère de confier à la Commission du logement la réflexion sur cette question. Elle mentionne avoir consulté les communes voisines à ce sujet sans trouver de système comparable, et estime que cela pourrait être une nouveauté transparente pour les citoyens de Differdange.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne ensuite la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *explique que la commune reçoit beaucoup d'offres, évaluées par les experts du service logement, qui analysent la structure du bien et le prix demandé. Il cite l'exemple récent d'une maison nécessitant d'importantes rénovations énergétiques, couts que la commune prend en compte, tout comme les possibilités de subventions. Il reconnait que la commune a été plus active que d'autres dans ce domaine.*
*Il précise que la maison dont il est question est intéressante principalement pour son terrain arrière, et n'a pas été achetée au prix initialement demandé par le propriétaire. Il rappelle avoir profité d'une période, où les prix courants étaient bas, mais constate que les prix remontent, ce qui complique l'adéquation avec le catalogue des subventions.*
*Pour l'année prochaine, environ deux-millions d'euros sont prévus pour de telles acquisitions. Il mentionne que certains propriétaires ne*

*donnent plus suite aux propositions de la commune, la différence avec leurs attentes étant trop importante.*
*(Interruption)*
*Jerry Hartung poursuit en précisant que, malgré l'absence de plus-value à payer, la différence de prix est parfois trop importante. Il ajoute que les propriétaires ayant vendu à la commune étaient principalement ceux désirant baisser significativement leur prix pour rembourser d'autres prêts, alors que les propriétaires pouvant vendre normalement leur maison ne trouvent généralement pas intéressant de traiter avec la commune.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *procède au vote, puis passe au point 6c), donnant la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *se réjouit des rentrées d'argent et présente une convention entre le ministère du Logement et la commune concernant des subventions.*
*Cette convention porte sur 24 logements vendus à prix abordable dans le projet Gravity, pour lesquels la commune reçoit environ 2,3 millions d'euros de l'État. Pour obtenir ces subsides, plusieurs critères devaient être respectés : vente à prix abordable, prime de construction pour l'acheteur, calcul du prix de revente futur basé sur l'indice de construction et la dépréciation, et droit de préemption communal sur 99 ans pour maintenir ces biens dans le circuit abordable et empêcher la spéculation.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente le point 6d) sur un chalet et donne la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que la commune cherchait une structure au Thillebierg pour accueillir des fêtes privées sans déranger le voisinage. Le collège échevinal a saisi l'opportunité d'acheter un chalet d'alpage précédemment utilisé par « Sales-Lentz ».*
*Ce chalet mesure 17 m de long, 8,6 m de large et 5 m de haut, avec une pièce de 104,8 m², une cuisine et des espaces de rangement, pou-*

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Obwuel se keng Plus-value bezuelen.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Obwuel se keng Plus-value bezuelen. Mee ech mengen, do ass dann d'Differenz einfach ze grouss. Mee bon, dat, wat mir elo kaf hunn, waren der haaptsächlech, déi mam Präis och wollten extreem erofgoen, well se hannendrun dann nach een anere Prêt ofzebezuelen haten an hei an do, wat se arrangéiert huet. Mee een, deen effektiv normal säin Haus ka verkafen, dat ass, mengen ech, bei eis elo net esou interessant. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Weider Wuertmeldungen? Mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié avec les consorts Martins Rodrigues et Montirosso visant l'acquisition d'une maison unifamiliale sise à Niederkorn, 38, rue des Ligures, ainsi qu'un terrain de 6,55 a à Niederkorn au lieudit Auf dem Kirchenpaerchen.*

Merci. Komme mer zum Punkt 6c. Nach eng Kéier den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Da si mer frou, datt emol eng Kéier Suen erakommen. Am Kader vun der Schafung vun abordabelem Logement hu mer hei eng Konventioun tëscht dem Logementsministère an der Gemeng virleien, wou mir Subside kréien.

Dës Konventioun bezitt sech op déi 24 Logementer, déi am Gravity zu engem abordabele Präis an d'Vente goungen. Hei kréie mer vum Staat 2,3 Milliounen Euro.

Fir dës Subsiden ze kréien, hu mer verschidde Krittäre missen erfëllen. Notamment, datt se zu engem abordabele Präis verkaf goufen. Datt de Keefer d'Prime de construction zegutt huet. Oder och nach, datt sech den zukünftege Verkafspräis duerch eng reng Berechnung vum Bauindex an der Ofnotzung ergëtt a mir d'Virkafsrecht op 99 Joer behalen. Fir sécherzestellen, datt et am abordabele Circuit bleift an d'Spekulatioun verhënnert gëtt. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Gëtt et eng Wuertmeldung dozou? Nee.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention signée avec l'État du grand-duché de Luxembourg relative aux participations financières concernant la vente de 24 logements dans la Gravity Tower.*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci. Punkt 6d, dat ass dee „Lentz'e Chalet", dee mer kaf hunn. Här Ulveling, gitt Dir eis d'Detailer, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Dir Dammen, Dir Hären, mir hu jo eppes gesicht, fir um Thillebierg eppes opzeriichten, wat ee kéint benotze fir Feieren, privat Feieren an egal wat fir Feieren do ze maachen, ouni dass een d'Leit ze vill stéiert. An dat ass een exzellenten Terrain. Mir hu jo, à ce stade, esou een aalt Gebai, wat scho siwemol renovéiert ginn ass an ëmmer nach mat esou hëlze Placken an esou zesummegeneelt ass, wat net ganz schéin ass.

Dunn hate mer d'Opportunitéit, hei esou ee Chalet ze kréien. Dat ass eng Occasioun. Dat war dee Chalet, dee sengerzäit vu Sales Lentz opgeriicht gi war. Si hunn dee Chalet awer missen ofrappen, well se déi Plaz gebraucht hunn, fir Parkraum ze schafen. An do

hate mer déi Opportunitéit, fir dee Chalet ze kafen.

Dee Chalet ass ee Chalet d'alpage, wéi et gesot geet. Deen huet eng Längt vu 17 Meter, eng Largeur vun 8,6 Meter an eng Héicht vu fënnef Meter. An do ass ee Raum dra vun 104,8 Meterkaree mat enger Kichen, mat engem Wandfang, mat engem Ofstellraum. Dee war deemools zougelooss, fir esou eng 80 Leit do kënne sëtzend ze empfänken.

Mir hunn dee Chalet kaaft fir de Präis vun 200.000 Euro. Awer dat ass just de Präis vum Chalet. De Chalet huet missen demontéiert ginn, heihinner transportéiert ginn an erëm opgeriicht ginn. A vu dass urgence à la matière war, hu mer, mat engem mëndlechen Accord vun der INPA, dee Chalet erëm opgeriicht, well mer en net wollten tëschelageren.

Well wa mer en tëschegelagert hätten, dann hätt eis dat och erëm eng 40.000 Euro kascht, mat dem Risiko, deemno wou en tëschegelagert wier, déi eng Putter hätt sech verzunn, déi aner Schrauf hätt gefeelt, dann hätte mer duerno Probleemer gehat, fir dat erëm richteg opzeriichten. Soudass mer en demontéiere gelooss hunn an en direkt op d'Plaz gesat hunn, uewen, wou fréier den Tennisterrain war, um Thillebierg.

Fir dass mer eng Betribsgeneemegung kréie bei der ITM an esou, mussen e ganze Koup Saachen nach ënnerholl ginn. Soudass dee Chalet elo net wäert direkt disponibel sinn. Dee steet elo just do, fir dass e sech net verzitt, wéi wann een en net direkt ëm opgebaut hätt. An Dir gesitt, d'Ekipementer sinn och deelweis mat dran.

Et ass flott, et ass eppes Ureges. Et ass ee flotten Déngen op där Plaz do, wou een, wann een e Fest wëll maachen als Privaten oder als Gesellschaft, do kee rose mécht an der Nuecht, wann et e bësse méi haart hiergeet.

Dofir hu mer decidéiert, dat ze maachen. Do kommen natierlech elo nach Beem an esou hin, fir dass dee ganze Chalet vun dem Stadion aus net esou direkt siichtbar ass. Elo gesäit een natierlech vum Stadion de Giewel vum Daach. Dat wäert dann, mat Planzen an esou, e bësse verstoppt ginn, dass deen an deem Déngen do wäert stoe bleiwen.

Dat gëtt och duerno ofgetrennt. Wa fussballistesch Evenementer sinn, kann een dat zesummen notzen. Mee am Prinzip ass et esou, dass dat soll à part genotzt ginn, an dass mer dat och wäerte mat enger Dier als Zougang ofspären. Fir dass d'Leit, déi duerno do feieren, dann net mat de Fläschen um Fussballterrain ronderëm lafen an esou weider.

Soudatt ech mengen, dass dat awer eng flott a relativ gënschteg Saach ass, wou mer un eppes kommen, wou mer scho laang driwwer schwätzen, dass mer dat am Fong missten hunn. Ech wär frou, wann Der eis dat do géift stëmmen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen? Den Här Meisch, wannechgelift.

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Effektiv, Dir sot et, esou eppes gëtt scho laang gebraucht fir d'Veräinswiesen. Mee och d'Privatleit sichen Dag fir Dag no Plazen, wou se Feieren ofhale kënnen, zemools op esou enger Plaz, wou s de dann och effektiv keen am Endeffekt stéiers.

E puer Froen, déi opstinn: Wat geschitt mat deem ale Chalet? Ech huelen un, dee wäert da liquidéiert ginn.

Wie mécht d'Gerance vun deem Neien? Bis elo war et jo esou, datt den Déifferdenger Veräin dat gemaach huet. Och zum Deel dann dovu profitéiert huet. Wie mécht dat an Zukunft? Zu wéi enge Konditioune kann een dat lounen? Muss een hei wunnen? D'Veräiner an esou weider an esou fort?

An nach eng Remark zu de WCen. An deem Kontext misst ee sech vläicht Gedanke maachen, well et ass definitiv net glécklech do uewen. Déi meescht Leit huelen dann déi puer Meter net op sech a maachen dat da vläicht op eng aner Aart a Weis.

(Gelaachs)

*vant accueillir environ 80 personnes assises.*
*Acheté pour 200 000 €, le chalet a dû être démonté, transporté et reconstruit. Avec l'accord verbal de l'INPA, il a été directement réinstallé à l'emplacement de l'ancien court de tennis pour éviter des frais de stockage supplémentaires d'environ 40 000 € et des risques de détérioration.*
*Des adaptations sont encore nécessaires pour obtenir l'autorisation d'exploitation de l'ITM, donc le chalet n'est pas immédiatement disponible. Des arbres seront plantés pour le dissimuler partiellement depuis le stade.*
*Tom Ulveling poursuit son explication en indiquant que le chalet sera séparé du terrain de football lors d'évènements footballistiques, tout en permettant une utilisation conjointe si nécessaire. Il précise que la structure sera normalement utilisée séparément et fermée par une porte pour empêcher les utilisateurs de circuler sur le terrain de football avec des bouteilles.*
*Il considère qu'il s'agit d'une solution intéressante et relativement bon marché pour répondre à un besoin évoqué depuis longtemps et demande aux conseillers de voter favorablement.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne la parole à monsieur Meisch.*

---

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *reconnait le besoin d'un tel lieu pour les associations et les particuliers, surtout dans un endroit, où personne n'est dérangé.*
*Il pose plusieurs questions : que deviendra l'ancien chalet, qui assumera la gérance du nouveau (jusqu'à présent assurée par l'association de Differdange qui en profitait), quelles seront les conditions de location, et qui pourra en bénéficier ?*
*Il soulève également le problème des toilettes, jugeant la situation actuelle inadaptée et suggérant que la plupart des gens ne se donnent pas la peine de parcourir les quelques mètres nécessaires, préférant d'autres solutions.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne ensuite la parole à monsieur Aguiar.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *rappelle que, lors de la séance du 10 juillet, son groupe avait déjà exprimé qu'il ne souhaitait pas ce type de chalet modulaire en bois pour le site Thillebierg, préférant des bâtiments en dur. Il explique que leur vision pour le site va au-delà, l'imaginant comme un centre de formation avec coaching et ateliers pour les quarante clubs de la ville.*
*Il reconnait néanmoins le besoin important d'un lieu pour évènements privés dans la commune, mais considère l'infrastructure comme un peu limitée, suggérant qu'elle pourrait aussi accueillir des évènements professionnels étant donné l'excellent emplacement.*
*Il pose les mêmes questions que monsieur Meisch concernant la gestion et s'interroge également sur la raison pour laquelle la commune doit payer le démontage.*

**TOM ULVELING (CSV)** *intervient brièvement.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *conclut en précisant que c'était juste une question que les écologistes se posaient.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne la parole à monsieur Diderich.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle que son groupe s'était déjà exprimé sur ce sujet et souligne que la question de la gestion du chalet reste sans réponse. Il insiste sur l'importance d'une gestion permettant à tous les associations et citoyens de Differdange de profiter de ce lieu, compte tenu du prix élevé de cette structure temporaire en bois. Il s'interroge également sur la durée de vie estimée et les besoins d'entretien pour éviter que l'investissement ne serve que quelques années.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *donne la parole à monsieur Muller.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *exprime son enthousiasme pour ce chalet qu'il a visité, estimant qu'une telle structure en bois peut durer des décen-*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Meisch. Den Här Aguiar.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Dans la séance du 10 juillet, nous avons déjà pris position sur ce dossier. Nous avons affirmé que le chalet modulaire en bois n'était pas adapté aux besoins du site Thillebierg. Un bâtiment dur serait beaucoup mieux.

En ce qui concerne le site par rapport au sport, notre vision va plus loin. Nous voyons le site Thillebierg aussi comme un centre de formation avec des coachings, avec des ateliers… Il aurait pu servir à la quarantaine de clubs de la ville pour différents évènements sportifs.

En outre, nous voyons le site comme un lieu potentiel pour les évènements privés. C'est un besoin important dans notre commune. C'est vrai, cette infrastructure, à notre sens, est un peu limitée. Pourquoi pas aussi pour des évènements professionnels ? Parce que le site est excellent.

Nous nous sommes posé les mêmes questions que monsieur Meisch en ce qui concerne la gestion de ce chalet. Qui va le faire ? Est-ce que vous avez déjà une idée ou pas ? Une autre question qu'on s'est posée : pourquoi doit-on payer le démontage ? Je ne sais pas… Moi, quand j'achète quelque chose, je paye le montage et pas le démontage. C'est juste une question qu'on s'est posée. Merci fir d'Wuert an d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mir hunn eis jo schonn dozou ausgedréckt. Déi Froen, déi sech nach ëmmer stellen a wou elo nach ëmmer keng Äntwerten dra sinn hei, dat ass, wéi d'Gestioun vun deem Chalet gemaach gëtt. Déi Fro wëll ech einfach nach eng Kéier opwerfen.

Ech mengen, et ass wichteg, dass een déi esou mécht, dass all d'Veräiner an all d'Bierger vun Déifferdeng vun där Plaz profitéiere kënnen. Well mer hei dach vun engem stolze Präis schwätze fir esou eng temporär hëlze Struktur. Wou d'Fro dann och ass: Vu wéi enger Liewensdauer gitt Der aus a vu wéi engem Ënnerhalt gitt Der aus, fir dass dat doten net just fir e puer Joer ass?

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Als LSAP begréisse mir dee Chalet ganz staark. Ech war mer en ukucken. Eng hëlze Struktur wéi déi doten, déi hält Joren, Joerzéngten – ech wëll jo bal soe Joerhonnerten. Ech gesinn et als eng Struktur vu Valeur. Et ass net einfach eppes Zesummegebasteltes, mee et ass effektiv en héichwäertegen hëlzene Bau, wéi mer e ganz oft an deene Länner fannen, wou vill mat Holz geschafft gëtt.

Ech froe mech, wat mer bezuelt hätten, wa mer dat doten hätte misste bauen. Dann hätte mer warscheinlech weesentlech méi bezuelt. An duerfir fannen ech awer och, dass mer elo kuerzfristeg hei eppes ganz Valabeles zur Verfügung hu fir eis Biergerinnen a Bierger, déi interesséiert sinn. A fir eis Veräiner, wéi och richteg schonn ervirkomm ass. Dass elo kann dovu profitéiert ginn.

Vum Stil hier fannen ech et net deplacéiert op där doter Plaz. Et passt wierklech dohin. No beim Bësch.

Dat wëllt awer nach net heeschen, dass wann de Projet Thillebierg weidergeet, dass een do net nach aner Méiglechkeete kann envisagéieren. Ech hunn elo fir d'nächst Joer beim Thillebierg näischt weider am Budget gesinn. Ech mengen, dat ass och nach eppes fir d'Zukunft. Ech weess, dass et virugeet.

**TOM ULVELING (CSV):**

Et steet och eppes do.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

D'Phas dräi ass am Budget. Ech weess awer elo de Montant net genau.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech mengen, zwou Milliounen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Wann déi elo dran ass, okay, dann hu mer jo elo e Fortgang. Mee ech kéint mer awer virstellen, dass den Thillebierg, dass dat och nach e bëssen Zäit brauch, ier mer dat richteg alles gemaach hunn. Well dat dauert nach e puer Joer. Wollt ech just soen.

Mee nach eng Kéier: Déi Saach vun der Gerance, dat wäert jo nach gekläert ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Wat de Rescht ubelaangt, fanne mir dat wierklech eng ganz gutt Saach. A mir sinn och frou, dass ganz schnell reagéiert ginn ass, an dass mer dat schonn esou schnell wéi méiglech am Laf vum nächste Joer zur Verfügung hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Den Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Ech wollt dem Här Diderich äntwerten op déi Geschicht mat der Gestioun. Effektiv ass dat nach an der Schwief. Virun allem, éier mer dat decidéieren, musse mer e Reglement opsetzen. Well an deem besteeënde Chalet ass kee Reglement gewiescht.wWou Leit aus der Rue de l'Hôpital sech awer des Ëftere bei eis gemellt hunn a reklaméiert hu wéinst dem Kaméidi.

Dowéinst wëlle mer e kloert Reglement opsetzen, dass d'Utilisateuren dee Moment vun där Party oder wéi een dat nenne wëll, och wëssen, wat Saach ass. Respektiv hu mer jo och de Chalet elo aneschters gedréit, mat der Entrée Richtung Bësch.aAlso net Richtung Déifferdeng. Soudass mer do eng Aart Schallschutz dee Moment hunn. Wéi gesot, d'Gestioun gëtt gekläert. Musse mer jo. Dat ass jo selbstverständlech. Mee fir d'éischt géife mer e Reglement opsetze fir d'Utilisatioun. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Ulveling nach eng Kéier.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ganz kloer gesot, jiddweree soll kënnen an de Genoss kommen, fir dat ze lounen.dDat ass ganz kloer, et ass net fir ee reservéiert.

Dat anert ass, mir wousste jo net, wat esou ee Chalet Wäert ass. Mir wousste wuel, wat en an der Zäit kascht huet. Mir hunn eis natierlech informéiert, och fir ze kucken, fir een neien ze kafen an där Gréisst. Dat hätt ëm déi 350.000 bis 400.000 Euro kascht. Dann hätte mer och missen eppes bezuele fir den Transport aus Éisträich an d'Opriichten an esou. Hei kréie mer ee Chalet, deen 2017 geliwwert ginn ass zu engem relativ gënschtege Präis. Ech mengen, dat muss ech soen. Et ass kloer, dee Chalet ass ee Provisorium, zumindest fir den INPA.

(Gelaachs)

D'Gestioun, dat huet den Här Wagner elo gesot, ass kloer, do musse mer eis Gedanke maachen, wéi dat geet a wien dat mécht. Et gëtt nëmmen zwou Méiglechkeeten: Entweeder d'Gemeng mécht et oder ee Veräin oder soss ee mécht et. Dat musse mer dann, wéi gesot, festhalen.

*nies, voire plus. Il considère qu'il s'agit d'une construction de valeur, pas simplement d'une structure assemblée à la hâte. Il fait remarquer que construire un bâtiment similaire aurait probablement couté bien plus cher et que cette solution offre rapidement un équipement valable pour les citoyens et associations.*
*Il trouve que le style s'intègre parfaitement à cet emplacement près de la forêt. Il mentionne que cela n'empêche pas d'envisager d'autres possibilités dans le cadre de l'évolution du projet Thillebierg, notant ne rien avoir vu au budget pour l'année prochaine à ce sujet.*
*(Interruption et discussions)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *précise que la phase 3 figure au budget, sans pouvoir indiquer le montant exact.*

**TOM ULVELING (CSV)** *estime le montant à deux-millions d'euros, sans être absolument certain.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *indique qu'avec ce budget, le projet avance, mais précise qu'il faudra encore du temps, probablement plusieurs années, pour finaliser entièrement le Thillebierg. Il note que la question de la gérance sera clarifiée ultérieurement. Il trouve cette acquisition très positive et se réjouit de la réaction rapide permettant de mettre le chalet à disposition dès l'année prochaine.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *répond à monsieur Diderich concernant la gestion encore en suspens. Il explique qu'un règlement doit d'abord être établi, car l'ancien chalet en était dépourvu, ce qui a provoqué des plaintes des habitants de la rue de l'Hôpital pour nuisances sonores. Le nouveau chalet a été orienté différemment, avec l'entrée vers la forêt et non vers Differdange, offrant ainsi une forme de protection sonore.*
*Il confirme que la question de la gestion sera réglée après l'établissement du règlement d'utilisation.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que le chalet sera accessible à tous pour la location et non réservé à certains.*

*Il explique qu'un chalet neuf de cette taille couterait entre 350 000 € et 400 000 €, sans compter le transport depuis l'Autriche et le montage. Le chalet actuel, livré en 2017, est obtenu à un prix relativement avantageux, bien qu'il ne soit qu'une solution provisoire selon l'INPA.*
*Concernant les toilettes, il indique que celles des anciens vestiaires de tennis seront utilisées. Des travaux sont nécessaires, car le canal s'est effondré, mais cela permettra d'avoir des installations sanitaires appropriées.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate qu'il y a une demande pour des espaces permettant d'organiser des évènements de taille modeste, dans un cadre familial, le Hall O étant trop grand pour ce genre de réunions. Il affirme avoir visité l'installation et l'apprécier, estimant qu'elle est bien placée à cet endroit.*

**TOM ULVELING (CSV)** *complète sa réponse à monsieur Aguiar concernant les tribunes, qui seront bientôt démolies. Il mentionne un différend avec l'INPA, qui ne considère pas ces travaux comme une rénovation, refusant ainsi de subventionner le remplacement des éléments détériorés (planches pourries, armature métallique rouillée).*
*Il annonce que le projet prévoit quatre vestiaires avec des salles pouvant accueillir des séances de coaching d'équipes, en complément de l'espace créé par le chalet.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *indique simplement que les écologistes attendront le projet définitif. (Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point suivant concernant une convention avec l'école de musique des communes voisines.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *souligne l'importance de l'enseignement musical pour les enfants et les adultes.*
*Il explique que les quatre communes du bassin de la Chiers collaborent étroitement pour offrir ce service. Pétange, Käerjeng et Differdange financent chacune leur école*

Wat och ugesprach ginn ass, d'WCen. Mir wäerten d'WCe benotzen, an Zukunft, wann et operationell ass, vum Tennis, fréier vum Tennisvestiär. Déi sinn nach deelweis do. Am Moment ass do de Kanal agefall. Mer musse mat den Aarbechten, déi gemaach ginn, fir d'Strooss propper ze maachen, fir den Traffo an esou weider, kucken, dass mer zesummen och de Kanal kucken, dass dat dann ugeschloss gëtt. Da wär dat déi zweet Struktur, wou een dann hätt, fir och eng seriö, eng propper Toilette ze kréien. Ech mengen, dat misst alles fonctionéieren.

Ech wär frou, wann Der eis dat géift stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Tempels.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen, et läit op der Hand, dass Nofro do ass fir e bësse méi kleng Feieren, loosse mer soen, am familiäre Krees. Fir méi grouss Saachen hu mer nach ëmmer den H2O oder aner Saachen. Dat ass e bësse grouss fir Familljefeieren oder esou. Soudass mer frou sinn iwwert déi heite Situatioun. Ech war mer et ukucken, eis gefält et gutt oder mir gefält et gutt. Ech géif mengen, dat wär hei op där richteger Plaz. Mir soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Tempels. Den Här Ulveling nach eng Kéier.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hu vergiess, dem Här Aguiar ze soen, dass mer beim Ausbau vun der Tribün – déi gëtt jo elo iergendwann ofgerappt –, do streide mer nach mam INPA, well déi gesinn dat net als Renovatioun un.

Dat heescht, wann eppes nei gebaut gëtt an et ass alles faul, déi Brieder si faul, déi Armature métallique ass rotzfaul, dat heescht, et muss alles nei awer d'selwecht erëm opgeriicht ginn, an do wëllt den INPA eis, ce moment-là, kee Subsid ginn. Do si mer nach amgaangen e bëssen ze kucken. Dir kritt de Projet eng Kéier virgestallt, mee hannendru komme jo esou véier Äerm mat véier Vestiären. Do sinn nach Säll, wou ee kann Ekippe coachen oder wat och ëmmer. Dat heescht, do ass awer nach Plaz niewent deem, wat dann elo hei geschaf gëtt.

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

On attendra le projet final.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, kënne mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui, 3 voix non et 1 abstention d'approuver le contrat de vente de Lent'z en Chalet portant sur l'acquisition d'un chalet modulaire en bois.*

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 6e, enger Konventioun iwwer eis Musekschoul mat den Nopeschgemengen. Den Här Hartung, wannechgelift.

**SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):**

Richteg. Den Enseignement musical ass eppes ganz Wichteges, fir d'Kanner wéi fir déi Erwuessen. Déi véier Kordall-Gemenge schaffen enk zesummen, fir hiren u Musek-interesséierten Awunner eng deementspriechend Offer unzebidden.

D'Gemenge Péiteng, Käerjeng an Déifferdeng hu jeeweils hir Musekschoul, déi si finanzéieren, wou hir Awunner sech iwwerall aschreiwe kënnen. Suessem huet sech dësen dräi Gemengen ugeschloss, ouni selwer eng Musekschoul ze hunn. Duerfir dës Konventioun, fir de finanziellen Opwand vun deenen anere Gemenge fir Suessem aus-

zegläichen. Dës Fraise sinn elo nei berechent ginn. Nodeems déi staatlech Subsiden ofgezu sinn, läit een an der Moyenne bei ronn 1.000 Euro pro Schüler. Dat heescht fir all Schüler vu Suessem bezilt hir Gemeng un déi Gemeng, wou dësen higeet, 1.000 Euro.

Wat bedeit dat fir Déifferdeng? Bei ons si fir dëst Joer 60 Schüler aus Suessem ageschriwwen. Soudatt d'Gemeng Suessem ons 60.000 Euro iwwerweise wäert.

Dës Konventioun zielt fir déi nächst fënnef Joer, mat natierlech enger méiglecher Verlängerung. Ech bieden Iech, dëst esou matzestëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Hartung. Eng Wuertmeldung dozou? Nee, mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention entre les communes de Differdange, Käerjeng et Sanem au sujet de l'enseignement musical.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 6f ass e Contrat de prestation de service mat engem Transport vun enger „Night Card". Dee Kontrakt ass soss gemaach gi vum Pro-Sud. Vu dass mir jo Member sinn am Pro-Sud, ware mer mat deem Kontrakt ofgeséchert, fir freides a samschdes, wann déi Jugendlech wollte mat engem Bus gefouert ginn, ouni sech selwer dann a Gefor ze bréngen, wéi wa se selwer mam Auto enzwousch higefuer wären.

Dee Kontrakt géife mir esou 1:1 iwwerhuelen als Gemeng, well de Pro-Sud en net méi däerf opstelle fir dee ganze Süden. Da géife mir dat garantéieren als Gemeng, wat déi aner Nopeschgemenge warscheinlech och maachen. Mee dat muss kommunal ofgestëmmt ginn, fir dem Legislateur do gerecht ze ginn.

Froen oder Wuertmeldungen? Den Här Diderich, wannechgelift.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et ass schued, dass dat net méi iwwer de Pro-Sud ka lafen. Awer gutt, dass een dat trotzdeem esou ka weiderféiere fir déi jeeweileg Gemengen.

Ech wollt emol froen, wéi vill Déifferdenger dovunner profitéieren an ob mer virgesinn hunn, jiddereen doriwwer méi ze informéieren, iwwer dee Moyen, dee se awer do hunn, fir Jonker fir 25 Euro pro Joer, fir Erwuessener fir 100 Euro pro Joer d'Weekender sécher kënnen ënnerwee ze sinn a quasi chaufféiert ze ginn.

Ech mengen, fir déi, déi dës Ëfteren erausginn, ass dat dote keng schlecht Méiglechkeet. An dat sollen d'Leit och wëssen zu Déifferdeng. Also ech hat e puer Leit gefrot, déi ware sech deem net bewosst an hunn awer gesot, dat ass jo awer eng flott Saach. Ech weess, wat mer am Budget elo stoen hunn u Recettë fir déi Saach, mee am Rectifié ass nach ëmmer deen nämmlechte Montant. Dofir weess ech net, ob dat déi realistesch Zuel ass an da weess ech jo net, wéi vill Jonker, wéi vill Erwuessener sech ageschriwwen hunn. Dofir nach eng Kéier d'Nofro: Wou si mer do am Moment grad drun? A misst een dat net nach méi bekannt maachen?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Momentan leien eis keng Zuele vir, well dat ëmmer vu Pro-Sud geréiert ginn ass. Ech kann déi Chifferen awer ganz gäre beim Pro-Sud nofroen.

Déi aner Saach, sinn ech ganz Ärer Meenung, dass ee roueg kann am Diffmag eng nei Informatioun maachen oder ee Refresh maache vun där Offer fir déi Jugendlech, a wéi ee sech do ka mellen, fir vun där Offer profitéieren ze kënnen. Dat ass eng ganz gutt Iddi.

Mir wäerten dat an deem nächste Grupp, deen den Diffmag opsetzt, materanhuelen. Da kënne mer déi Chifferen, vu wou se profitéiert ginn a wien dovu profitéiert, anengems do public maachen, fir d'Saach méi informativ nach ze halen.

*de musique, accessibles aux habitants de toutes ces communes. Sanem s'est associée sans avoir sa propre école.*
*La convention présentée vise à équilibrer les couts, calculés à environ mille euros par élève après déduction des subsides étatiques. Pour Differdange, cela représente 60 000 € versés par la commune de Sanem pour ses soixante élèves inscrits. La convention est prévue pour cinq ans, avec possibilité de prolongation.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *explique que le point 6f) concerne un contrat de prestation de service pour le transport Night Rider. Il précise que ce contrat était auparavant géré par Pro-Sud, dont la commune est membre, mais que désormais la commune doit le reprendre à l'identique, car Pro-Sud n'est plus autorisé à l'établir pour l'ensemble du sud du pays.*
*Ce service permet aux jeunes de se déplacer en bus les vendredis et samedis sans se mettre en danger, comme ce serait éventuellement le cas s'ils utilisaient leurs propres voitures.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *trouve regrettable que ce service ne puisse plus être géré par Pro-Sud, mais se réjouit que chaque commune puisse le maintenir.*
*Il s'interroge sur le nombre d'habitants de Differdange qui en profitent et suggère d'améliorer l'information du public concernant cette possibilité qui coute 25 € par an pour les jeunes et 100 € pour les adultes. Il note que plusieurs personnes à qui il en a parlé ignoraient l'existence de cette offre, mais étaient intéressées.*
*Il demande également si les montants prévus au budget sont réalistes et souhaite connaitre le nombre actuel d'utilisateurs.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *répond que le collège échevinal ne disposait pas actuellement de chiffres précis puisque le service était géré par Pro-Sud, mais qu'il va les demander.*
*Il approuve l'idée de mieux informer les citoyens et propose de pu-*

*blier ces informations dans le prochain numéro du « Diffmag », en incluant les statistiques d'utilisation.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe au point 6g).*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *précise qu'il s'agit de la convention relative au foyer du jour Kornascht et à la Bëschcrèche. Il explique qu'un avenant a été établi sur la base du décompte semestriel. Il indique que le ministère de l'Éducation estime les couts pour la seconde moitié de l'année pour ces deux établissements. La commune recevra probablement environ 2,9 millions d'euros au lieu des 2,5 millions initialement prévus, le montant définitif n'étant connu qu'en 2026.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue cette convention avec l'État et le fait que la commune assume une part de sa responsabilité en matière de garde d'enfants. Il souligne la valeur de la Bëschcrèche, plus récente que le foyer Kornascht, et demande quand la prochaine crèche communale pourra ouvrir.*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *répond qu'aucune nouvelle crèche n'est encore planifiée. Il explique qu'il aurait été préférable d'agrandir la crèche forestière existante, mais que les contraintes environnementales l'ont empêché. Il indique qu'une deuxième ou troisième crèche pourrait être intégrée dans le futur complexe prévu sur le site de l'ancien hôpital.*
*(Vote)*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que madame Pregno a été oubliée.*
*(Rires et discussions)*

Weider Froen oder Wuertmeldungen zu deem Punkt? Mir kommen zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de prestation de service de transport de nuit Night Card.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 6g, eng Konventioun betreffend de Foyer du jour Kornascht an eis Bëschcrèche. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert, fir eis den Detail dovun ze ginn, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Hei gouf en Avenant op Basis vum Décompte semestriel gemaach. Iwwer dësen Dekont schätzt de Schoulministère d'Käschte fir déi zweet Hallschent vum Joer an, dëst fir eis Crèchen, Kornascht a Bësch. Esoudass mir viraussiichtlech elo ronn 2,9 Milliounen Euro anstatt déi ursprénglech 2,5 Milliounen Euro kréien.

Wéi vill mer elo tatsächlech kréien, wësse mer eréischt 2026, wann den Dekont nees gemaach ass. Merci, fir dësen Avenant matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Den Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt soen, dass ech dat absolutt begréissen, dass mir déi Konventioun do hunn, och mam Staat, mee virun allem, dass mir als Gemeng, op d'mannst een Deel, wann och ee klengen Deel, vun eiser Responsabilitéit iwwerhuelen, wat d'Garde vun de Kanner ugeet. Mam Foyer Kornascht hu mer dat scho ganz laang, mat der Bëschcrèche nach net esou laang. Et ass awer eng ganz wäertvoll Offer, déi mer hu mat der Bëschcrèche.

Ech wollt froen, wéini mer déi nächst vun der Gemeng gefouert Crèche da kënnen opmaachen, Här Wagner.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Här Wagner.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Dat ass eng Fro, déi schonn e puermol hei am Raum stoung, wat scho gefrot ginn ass. Ech wëll drop äntwerten, dass mer bis elo nach keng weider Crèche geplangt hunn. Et wär vläicht besser gewiescht, déi eng Crèche am Bësch auszebauen. Dat ass awer limitéiert gi vum Environnement, dass mer do net weider ausbaue kënnen. Dat ass deen ee Punkt.

Deen anere Punkt, ass sécherlech net falsch, vläicht nach eng zweet oder eng drëtt Crèche ze kréien. An do si mer jo och amgaangen, um ale Spidol ze schaffen, wat jo ee ganze Komplex wäert ginn, ee gréissere Campus, wou dat da vläicht héchstwarscheinlech matageplangt gëtt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. Eng weider Wuertmeldung? Nee. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention bipartite 2024 du service d'éducation et d'accueil signé avec l'État du grand-duché de Luxembourg pour le foyer de jour Kornascht et la Bëschcrèche.*

Ech soen Iech Merci. De Punkt 6h …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

D'Madamm Pregno ass vergiess ginn, anscheinend, Här Krecké.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt mech net gefrot.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Dach, elo zum Schluss, et war ënnergaangen.

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass dann an der Rei.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An der Hilarité générale ass et ënnergaangen. Dir sidd net konzentréiert, Här Krecké.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nee. Ech mengen, mir mussen eise Sekretär auswiessele fir déi zweet Hallschent. Mee probéiere mer elo, ob et nach geet mat him.

(Gelaachs)

Komme mer zum Punkt 6h, een zweeten Avenant zu engem Contrat de location. Do géif ech dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Ech ginn dann alles hei. Et geet ëm ee Kontrakt, wou mer schonn haten an deen an engem oder zwee Joer ofgelaf wier, am Woiwer, do wou elo dee Parking entstanen ass. Dee Parking wëlle mer ëm 20 Joer verlängeren, well mer en Investisseur hunn, deen do wëll eng Ombrière respektiv Photovoltaikanlagen drop opriichten. An dee kann dat natierlech nëmme maachen, wann e säin Invest op 20 Joer amortiséiere kann.

Dofir wäerte mer dann elo mam Här Braun, fir en net ze nennen, de Kontrakt ëm zwanzeg Joer verlängeren. Mir hu sämtlech Rechter, fir op deem Terrain am Fong ze maachen, vu Spillplaz bis Aire de verdure, bis eeben och dann déi Photovoltaikanlag. Dat wäert warscheinlech eng Ombrière ginn, déi dann do wäert entstoen. Wou mer een Deel dervun iwwer Locatioun dann erëmkréien. Mee et ass awer net esou, dass et elo opgeet.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen? Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Pardon, ech hunn zwar elo e bësse verpasst, wat Dir gesot hutt, Här Ulveling. Vläicht sinn ech elo laanscht déi lescht Informatiounen, mee, …

(Diskussiounen)

Op d'mannst sinn ech éierlech!

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nach een Austausch.

(Gelaachs)

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Jo. Mee generell wollt ech zu deem Punkt soen, dass mir nach ëmmer ganz kritesch dozou stinn, fir landwirtschaftlechen Terrain fir Parking ze benotzen. D'autant plus, dass – gelift?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass kee landwirtschaftlechen Terrain. Et ass een Terrain, dee schonn am Parking …

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Oder ee Bauterrain, jo.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Bauterrain, jo.

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *plaisante sur la nécessité de remplacer le secrétaire communal pour la seconde moitié de la réunion. Il aborde ensuite le point 6h), qui concerne un second avenant à un contrat de location, et laisse la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit d'un contrat pour un terrain au Woiwer, où un parking a été aménagé. Ce contrat, qui devait expirer dans un ou deux ans, sera prolongé de vingt ans, car un investisseur souhaite y installer une ombrière photovoltaïque. Cette prolongation est nécessaire pour permettre à l'investisseur d'amortir son installation sur cette période.*
*La commune conclura donc ce nouvel accord avec monsieur Braun tout en conservant l'ensemble de ses droits d'utilisation du terrain, que ce soit pour une aire de jeux, un espace vert ou l'installation photovoltaïque.*
*L'ombrière prévue génèrera des revenus dont une partie reviendra à la commune à travers un système de location.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie monsieur Ulveling et ouvre les débats en donnant la parole à monsieur Diderich.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *avoue avoir manqué une partie des explications et reste très critique quant à l'utilisation de ce terrain pour un parking. Il exprime ses réserves concernant l'aspect financier du projet, la commune payant 20 000 € par an pour cette location, ce qui deviendra couteux sur le long terme.*
*Il suggère qu'une construction en hauteur serait préférable pour optimiser l'espace de stationnement tout en réduisant l'emprise au sol.*
*Gary Diderich recommande vivement l'acquisition définitive d'un terrain plutôt que de continuer indéfiniment en tant que locataire. Il déconseille de poursuivre cette solution sur le long terme.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que la commune aurait préféré acheter le terrain, mais que celui-ci n'est pas à vendre. Il souligne l'excellent emplacement pour des installations photovoltaïques et précise que l'investisseur reversera une partie de ses revenus à la commune. En tenant compte de ces revenus et des frais de stationnement perçus, le cout annuel net pour la commune sera réduit à quelques milliers d'euros.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *intervient en saluant le fait que la commune puisse continuer à disposer de ce terrain. Il rappelle que le propriétaire a déjà mis d'autres terrains à disposition de la commune, ce qui témoigne d'une volonté de partenariat.*
*Il comprend que le propriétaire souhaite en tirer un bénéfice et rappelle que, lors de la première location de ce terrain, la commune était déjà satisfaite de cette opportunité.*
*Il souligne que l'emplacement est idéal pour le projet et que le parking est très utilisé.*
*Il félicite le collège échevinal pour cette prolongation et évoque le futur développement du quartier Woiwerwisen, tout en reconnaissant que son développement a été modéré pour préserver les espaces verts.*
*Il conclut que cette solution est bénéfique pour les vingt prochaines années et remercie le propriétaire qui met ce terrain à disposition.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mee deen Terrain hei eebe fir Parking ze benotzen. D'autant plus, dass mer dat an enger renger Locatioun hei maachen a Joer fir Joer 20.000 Euro dofir bezuelen. Ech weess net wéi laang mer dat nach wëlles hunn. Mee wa mer dat nach ganz laang wëlles hunn, da gëtt dat eng deier Affär à la longue.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Mir kréien en net ze kafen.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

A wann ee scho fir de Quartier punkto Parking eppes wëll maachen, denken ech, dass een eppes soll an der Héicht maachen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Richteg!

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

An eppes Laangfristeges eeben hunn, wat mer ee fir allemol kafen an net éiweg Locataire sinn. An da kréie mer op manner Fläch méi Autoen. An da soll dat awer och, am Géigenzuch, heeschen, dass an der Strooss och Raum fräi gemaach gëtt. Dat soll, mengen ech, do wierklech dann …

Ech war deemools net frou mat dëser Iddi. An ech sinn och elo nach ëmmer ganz kritesch. Ech géif wierklech dovunner ofroden, dat heiten ad eternum esou weiderzemaachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Diderich.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll dem Här Diderich soen, natierlech wollte mer e kafen, mee en ass net ze verkafen. Et ass eng super Plaz, fir Photovoltaikanlagen opzeriichten. Dofir hu mer eis decidéiert, vu dass mer en Investisseur hunn, deen eis jo dann och eng Aart vu sengem Ertrag – et ass zwar net vill, mee gëtt en eis e gewëssene Pourcentage erëm of.

An en plus kréie mer jo och Suen era fir d'Parkgebühren. Soudass dat eis u sech elo net ganz vill kascht pro Joer, e puer dausend Euro, wann een dat esou kuckt.

Wéi gesot, Dir hutt Recht, mee mir kréien et net ze kafen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Den Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wollt vun eiser Säit aus soen, dass mir dat begréissen, dass mir den Terrain iwwerhaapt nach kréien a behalen. Well deen Här oder dee Betrib, deen huet eis jo op méi Plaze schonn Terrain zur Verfügung gestallt. Ech mengen, dat ass och eng partizipativ Aktioun vis-à-vis vun der Gemeng.

Dass hie wëllt natierlech och e bëssen dorop verdéngen, versteet ee gutt. Ech mengen, sengerzäit, wéi mer schonn déi éischte Kéier deen Terrain do gelount hunn, ware mer och ganz frou, en ze kréien. An direkt do, op dëser Plaz, ass et optimal fir eis, och fir déi Aktioun, déi mer wëlle maachen als Partner.

Dee Parking gëtt haut ganz vill genotzt. Ech kann nëmme soen, dass de Schäfferot gutt gemaach huet, fir dat ze verlängeren. Duerno gesäit een dann, Här Diderich, wat am Quartier Woiwerwisen nach weider kënnt. Wou mer jo alleguer warscheinlech näischt dergéint hunn, dass d'Entwécklung do e bësse méi gebremst ginn ass. Dass d'Woiwerwisen momentan emol an deem gréngen Zoustand bleiwen, wéi se sinn.

Mee do ware jo och emol nach Saache geplangt. Dat wäerte mer dann an 20 Joer gesinn, wou et higeet. Mee déi 20 Joer si mer jo mol hei gutt bedéngt. Also nach eng Kéier där Persoun Merci, déi eis deen Terrain zur Verfügung stellt.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Muller. Et gëtt keng weider Wuertmeldung. Mir stëmmen driwwer of.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver le deuxième avenant au contrat de location avec monsieur Pierre Braun portant sur un terrain de 46,30 a aux abords de la rue Woiwer à Oberkorn.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 6i, ee Contrat de bail vun engem Atelier d'artiste 58, Grand-Rue. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass dee selwechte Kontrakt, dee mer ëmmer elo hei haten. Et ass just eeben elo am Atelier Nummer 4, wou en Neie wäert anzéien. Den Här Beni lount dat elo vu Joer zu Joer ab 1. November 2024 fir 200 Euro de Mount. All déi aner Stipulatiounen am Kontrakt sinn déi selwecht, wéi mer ëmmer haten. Soudass ech Iech biede géif, dat dote matzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Erklärungen. Wuertmeldungen oder Froen? Nee. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail d'un atelier communal d'artiste au n° 58 de la Grand-rue à Differdange.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 7 vum Ordre du jour, d'Gemengereglementer. Punkt 7a, e Relevé des nuits blanches officielles fir d'Joer 2025. D'Lëscht ass op der Diffcloud an Dir hutt se och an Ärem Dossier. Do ass näischt Weideres vu menger Säit aus dozou ze soen. Et ass identesch wéi déi Jore virdrun.

Ech wéilt just nach eng Kéier erwänen: Wa mer Adressen hunn oder speziell Adressen, déi opfale wéinst Spektakel nuets oder déi onangeneem opfalen an der Noperschaft, a si kommen dann eng fräi Nuecht ausser der Rei ufroen, dass mer eis do awer un eist Gemengereglement halen, dass mer déi dann awer eng gewëssen Zäit zréckbehale mat der fräier Nuecht. A wa se en Effort maachen, erëm eng fräi Nuecht kréien. Am Respekt zu der Noperschaft an am Respekt zum Kaméidi, deen an deene verschiddene Quartieren entsteet.

Gëtt et eng Wuertmeldung zu där Lëscht? Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2025.*

Komme mer zum Punkt 7b, eng Introduktioun vun engem Tarif vun engem Sport loisir. Do géif den Här Wagner eis déi éischt Hallschent maachen. An déi zweet Hallschent, wa mer iwwert d'Holz schwätzen, géif d'Madamm Charlé eis déi Erklärunge ginn. Här Wagner, wannechgelift.

**SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. An eisem Depliant Sport pour tous, also eise Loisirscoursen, sinn zwee nei spezifesch Course bäikomm, ee fir Kanner an ee fir Persoune mat spezifesche Besoinen. Dat ass eng gutt an interessant Initiativ, virun allem, fir den Inklusiounsgedanken ze promouvéieren.

D'Course fir d'Adultë kaschte 60 Euro d'Semester. Par analogie zum Seniorentarif géife mer dës spezifesch Course fir 35 Euro ubidden. Ech bieden Iech, dat matzestëmmen. Merci.

*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *présente ensuite le point 6i) concernant un contrat de bail pour un atelier d'artiste au 58, Grand-rue.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit du même type de contrat habituel, mais pour l'atelier numéro 4, où un nouveau locataire, monsieur Beni, s'installera.*
*La location commencera le 1er novembre 2024 pour 200 € par mois, renouvelable annuellement. Toutes les autres stipulations du contrat sont identiques aux précédentes.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe au point 7a) de l'ordre du jour concernant la liste des nuits blanches officielles pour 2025. Il précise que cette liste est identique aux années précédentes et rappelle l'importance de respecter le règlement communal pour les établissements qui demandent des dérogations exceptionnelles, particulièrement ceux qui génèrent des nuisances sonores dans leur voisinage.*
*(Vote)*

**THIERRY WAGNER (LSAP)** *présente deux nouveaux cours spécifiques dans le cadre du programme Sport pour tous : un pour enfants et un pour personnes ayant des besoins spécifiques. Il souligne que cette initiative est intéressante pour promouvoir l'inclusion.*
*Les cours pour adultes coutent 60 € par semestre, mais ces cours spécifiques seraient proposés à 35 €, par analogie avec le tarif sénior.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *explique un changement concernant la distribution de bois de chauffage. Jusqu'à présent, quarante cordes de bois étaient disponibles avec des prix séparés pour le bois, le transport et la coupe. La livraison est devenue extrêmement couteuse et la commune n'est plus disposée à supporter cette charge. Le service de livraison ne sera donc plus proposé, mais il reste possible de commander du bois et de demander sa coupe, à condition que les citoyens s'occupent eux-mêmes du transport.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *joute que les citoyens qui ne peuvent pas chercher le bois eux-mêmes peuvent contacter un particulier pour la livraison.*
*Il raconte qu'un incident est survenu l'année dernière lorsqu'un tuyau hydraulique s'est rompu pendant une livraison, causant 20 000 € de dégâts à une façade.*
*Il précise que le bois sera déposé à un endroit accessible avec une remorque ordinaire.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *souligne le cout excessif de la livraison de bois (10 000 € pour quarante cordes), presque équivalent au cout du bois lui-même. Il suggère que les citoyens s'organisent eux-mêmes ou trouvent quelqu'un qui pourra livrer à un prix raisonnable, notant les difficultés d'accès dans certains lieux.*
*(Vote)*

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Wagner. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Déi lescht Jore war et esou, dass mer eng 40 Holzkouerten haten, déi konnte verdeelt ginn. Wat vum Fierschter gemaach ginn ass. D'Holz, den Transport an de Schnatt hate separat Präisser. Säit dësem Joer hu mer gemierkt, dass d'Livraisoun extreem deier gëtt, an d'Gemeng net méi gewëllt ass, dës Part ze droen, well ee relativ vill dropleet.

Den Transport ass quasi méi deier wéi d'Holz u sech. Dat heescht, do hu mer geduecht, dat wär net méi ze droen. Vu dass mer dat och vun engem Externe maache gelooss hunn, well dat net méi méiglech war, vum Fierschter gemaach ze ginn.

Deemno wäert dëse Service net méi proposéiert gi fir d'Livraisoun. Et ass nach ëmmer méiglech, sech d'Holz ze bestellen an och de Schnatt. Et bezilt een eeben extra op en hallwe Meter, 30 Zentimeter, do gëtt et verschidden Zorten u Schnatt. Mee dass de Bierger fir den Transport selwer opkënnt respektiv et siche komme kann. Fir dass mer net méi sou grouss Zomme mussen dropleeën, fir just déi 40 Kouerten. Et ass einfach en ze grousse Präis, fir just deene puer Bierger dann do entgéintzekommen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Ech wollt dozou nach soen, dass, wann ee keng Méiglechkeet huet, d'Holz selwer sichen ze kommen, kann een awer un e Privatmann eruntrieden, fir déi Livraisoun ze maachen.

Mee et war esou, de Fierschter huet mat de Leit aus dem CID déi Liwwerung gemaach an d'lescht Joer, wéi mer dat haten, do ass dann och nach, par malheur, den Hydraulikschlauch futti gefuer. Do hat deen, wou se et geliwwert hunn, d'Fassad voller Hydraulik-Ueleg. Et war e Schued vun 20.000 Euro. Et war eng Diskussioun mat Assurance, hin an hier.

Dat ass einfach net méi zäitgeméiss, déi Ausliwwerung, well mer dofir net adequat ausgerüst sinn am CID. An eis Leit, déi mir hunn, mat aneren Aarbechte betraff sinn. Soudass mer decidéiert hunn, am Schäfferot, engem Privaten dat ze iwwerloossen. Respektiv wëll ech awer och nach soen, dass d'Holz, wat de Leit zur Verfügung gestallt gëtt, op eng Plaz leie kënnt, wou se net mussen en Trakter kafen, fir et ofzehuelen, mee dass et accessibel ass mat enger normaler Remork.

Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Mir haten ee Präis fir d'Holzliwwerung, dat war jo terribel. Ech mengen, et waren 10.000 Euro, fir 40 Kouerten ze liwweren. Dat heescht d'Liwwerung huet praktesch esou vill kascht wéi d'Kouert selwer. Dat ka jo net sinn. Et wär scho gutt, wann d'Leit sech selwer organiséiere kéinten. Oder et fënnt sech vläicht ee Mann, deen zu räsonabele Präisser liwwere kann. De Fierschter kritt et net hin.

Et ass och schwéier, mat Traktere bei d'Leit, déi haut net méi esou vill Plaz hunn, oder et an eng Garagenafaart ze tippen, dat ass praktesch onméiglech. Dat heescht mat enger Camionnettchen oder engem klengen Autosunhänger, dee kippt, ass dat machbar. Mee, wéi gesot, 125 Euro d'Kouert, e stramme Präis. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Nach eng Wuertmeldung dozou? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation des tarifs au chapitre « E-5 — Vente de bois » du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'introduction de tarifs des cours de sport-loisirs pour enfants et personnes à besoins spécifiques au chapitre « F-1 — Piscines et sports pour tous » du Règlement des taxes, tarifs et prix.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 7c, eng Modifikatioun vum Verkéiersreglement. Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. An der Modifikatioun vum Reglement geet et gréisstendeels drëms, dass de Parking résidentiel soll ausgebaut ginn, uewen am Quartier vum ale Spidol. Vu dass d'Gemeng d'nächst Joer an dat aalt Spidol plënnert fir den Ëmbau hei. Fir deene Leit, déi do am Quartier wunnen, e bësse Misär ze erspueren, well mer wëssen, datt vill Leit sech mam Auto op d'Aarbecht deplacéieren, respektiv d'aalt Spidol wäerten usichen, fir eeben an déi verschidde Servicer ze goen, hu mer decidéiert, e Quartier résidentiel ze maachen.

Déi meescht Stroossen, déi hei notéiert sinn, sinn effektiv an deem ganze Quartier. An do kommen nach eng zwou Stroossen dobäi, déi e bëssen dotëschent leien, déi och elo mat erageholl gi sinn, well déi vergiess goufe virdrun.

Soss kënnt nach eng PMR-Plaz dobäi an nach een Zebrasträifen. Fir de Rescht ass et näischt Weltbeweegendes.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Wuertmeldungen, Froen dozou? Nee. Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du Règlement de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 7d, d'Drénglechkeetsreglementer. D'Madamm Charlé, wannechgelift.

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Hei geet et gréisstendeels ëm verschidden Demanden opgrond vu Chantieren, déi Privatleit oder Firmen ufroen, fir mat hirem Chantier kënne virunzefueren.

Ënner anerem gëtt et eng Verlängerung vun enger Liwwerplaz am Zentrum, fir de Restaurateuren do entgéintzekommen, fir zu den Haaptauerzäiten hiert Iessen auszeliwweren, ouni grouss Probleemer. Dat ass alles, wat dozou ze soen ass.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Charlé. Wuertmeldungen? Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech Merci. Punkt 8, Changementer an eise Commissions consultatives. Do hu mer ee Schreiwes kritt vun der LSAP Déifferdeng. An zwar géif d'Madamm Caroline Huberty den Här Joé Dahm an der Commission des enfants ersetzen. An den Här Joé Dahm géif d'Madamm Caroline Huberty an der Commission scolaire ersetzen.

Ass dat okay esou? Ech wollt Iech dat just matdeelen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.*

Domat wäre mer bei de Froen. Deen Éischte wär den Här Diderich, wannechgelift.

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *présente une modification du Règlement de circulation visant à étendre la zone de stationnement résidentiel dans le quartier de l'ancien hôpital, qui accueillera l'hôtel de ville l'année prochaine durant des travaux de rénovation. Cette mesure vise à éviter des désagréments aux résidents du quartier.*
*Elle mentionne également l'ajout d'une place pour personnes à mobilité réduite et d'un passage piéton.*
*(Vote)*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *passe ensuite au point 7d) concernant les règlements d'urgence et donne la parole à madame Charlé.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *explique que ce point concerne principalement diverses demandes liées à des chantiers sollicités par des particuliers ou des entreprises. Elle mentionne notamment la prolongation d'une zone de livraison dans le centre-ville pour accommoder les restaurateurs pendant les heures de pointe, leur permettant de livrer leurs repas sans problème majeur.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie madame Charlé et, en l'absence de questions, procède au vote.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch passe ensuite au point 8 concernant les changements dans les commissions consultatives. Il informe que le LSAP Differdange propose que madame Caroline Huberty remplace monsieur Joé Dahm dans la Commission des enfants, tandis que monsieur Joé Dahm remplacerait madame Caroline Huberty dans la Commission scolaire.*
*(Vote)*
*Guy Altmeisch donne ensuite la parole à monsieur Diderich pour les questions.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'interroge sur le terrain acheté par la commune à Saulnes, en France. Il rappelle que d'après l'intervention budgétaire de madame Charlé, le Territoire naturel transfrontalier ne semble pas impliqué dans les projets pour ce terrain. Il exprime son inquiétude quant à l'absence de développement depuis des années.*
*Il demande des précisions sur le bail agricole conclu par le vendeur au dernier moment ainsi que sur sa durée, et s'interroge sur les droits prioritaires des agriculteurs selon le droit français.*
*Il souhaite connaitre les plans de la commune pour ce terrain et quand elle pourra l'utiliser.*

**ZENIA CHARLÉ (LSAP)** *répond que l'objectif est de démolir les bâtiments existants en raison de problèmes de sécurité, leur conservation étant impossible. Elle précise que des études doivent encore être réalisées pour évaluer l'état du sous-sol. Pour la question du bail, elle cède la parole à monsieur Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *indique que le bail expire dans un ou deux ans maximum et pourrait être résilié dans un avenir proche. Il mentionne qu'un investisseur s'est récemment manifesté pour installer potentiellement un système agro-photovoltaïque, mais précise que la faisabilité légale et technique, notamment concernant le raccordement à un transformateur, doit encore être étudiée.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *ajoute qu'il a visité les lieux avec le bourgmestre de Saulnes et qu'ils ont constaté ensemble l'état délabré et dangereux des bâtiments. Il mentionne avoir rencontré deux jeunes de Differdange, qui s'y étaient installés.*
*Un budget a été voté pour la démolition et un désamiantage a été effectué. Des études supplémentaires sont nécessaires pour éviter l'effondrement d'éventuelles galeries souterraines lors des travaux avec des machines lourdes.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

D'Fro war schonn e bëssen ugeschwat ginn an der Budgetsried vun der Madamm Charlé. Dat ass deen Terrain, dee mer kaf hunn op franséischer Säit, zu Saulnes. Wou mer do dru sinn. Souwäit ech elo héieren hunn aus der Ried, geet den TNT net mat, nécessairement, fir do eppes ze maachen. A mir stinn do viru grousse Fragezeichen, jorelaang, nodeems mer deen Terrain kaf hunn. Ech wollt nofroen, wou mer do dru sinn.

Deen, deen eis dat verkaf huet, deen huet am leschte Moment och nach ee Pachtvertrag gemaach. Ech wollt froen, wéi laang deen nach leeft. Ob mer sécher si kënnen, dass deen ausleeft.w-Well dat franséischt Pachtrecht, dat ass e ganz speziellt. D'Baueren hunn do oft e ganz staarke Virrang op Terrain. Wat sinn do d'Pläng? Hu mir no Joren, nodeems mir dat kaf hunn, och Urecht op deen Terrain? Wéini kënne mer dee benotzen? Zu wéi engem Zweck soll dee benotzt ginn?

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Madamm Charlé, kënnt Dir dorop äntwerten?

**SCHÄFFEN ZENIA CHARLÉ (LSAP):**

Jo. D'Zil ass, dass déi Halen, déi do stinn, fort mussen, opgrond vum aktuelle Sécherheetsprobleem. Do ass wierklech näischt méi ze maachen, fir déi iergendwéi ze erhalen. Déi wäerten ofgerappt ginn. Et mussen awer nach Etüde gemaach ginn, well net ganz kloer ass, a wéi engem Zoustand sech den Ënnergrond an esou weider befënnt. Dofir wäert dat geschéien.

Wat de Pachtvertrag ugeet, géif ech vläicht eriwwerginn un den Här Ulveling. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci. Souwäit ech informéiert sinn, ass dat nach een oder zwee Joer maximum, wou dee Pachtvertrag steet. Dat heescht, dee kéint, reng theoreetesch, an noer Zukunft gekënnegt ginn. Mir kruten eng Ufro, virun e puer Wochen, vun engem Investisseur, deen eventuell bereet wär, eng Agrophotovoltaik do ze installéieren. Mir hunn awer elo nach net gepréift, ob dat iwwerhaapt méiglech ass.

Dat wär eng vun de Méiglechkeeten, déi een hätt, wann et da gesetzlech iwwerhaapt méiglech wär, dat ze maachen. Et muss ee kucken. De Probleem ass jo net nëmmen, ee gudden Terrain ze fannen, mee dass een en Traffo an der Géigend fënnt, wou een déi ganz Saach kann aspeisen.dDat muss alles nach gepréift ginn. Mee dat si mer amgaangen ze kucken.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Här Ulveling. Ech war déi Hal an dat Haus do kucken, mam Buergermeeschter vun Zounen, an do ware mer allen zwee der Meenung, dass dat baufälleg an immens geféierlech wier.

D'autant plus hu mer zwee Jugendlecher do ugetraff gehat vun Déifferdeng, déi hir Weltrees do gestart haten. Déi waren een Dag ënnerwee. Et ass wierklech baufälleg. Aus Sécherheetsgrënn ass et einfach net méi ze halen, mat deem Haus an där Scheier. Mir sinn och der Meenung, dass dat misst ofgerappt ginn. Mir hunn ee Budget gestëmmt, deen adequat ass fir dat ofzerappen.

Wat elo nach dobäi komm ass, et ass asbestsanéiert ginn, fir dass do keng Asbestréckstänn si beim Ofrappen. An et muss elo nach eng Etüd gemaach ginn, wat ënnendrënner ass. Net dass mer do eng Galerie nach zum Afale bréngе géifen, wa mer dat do ofrappe mat enger Maschinn, déi iwwer 50 Tonne schwéier ass an esou virun.

Mee et ass awer drop an drun, dass et ofgerappt gëtt, dass dat dem Buedem gläichgemaach gëtt, dass mer do mol kenger Gefor méi ausgesat ginn.

Déi aner Saach mam Terrain, dat ass net esou einfach. Ech weess elo net genau, wéi de leschte Stand ass, mee ech mengen, dass dat net esou einfach wäert ginn. Mee wa mer do een neie Moment hunn, wäerte mer Iech driwwer informéieren.

Här Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Et ass wierklech ganz vag, wat ech hei als Äntwerte kréien. Wann Der erlaabt, da géif ech nach e bëssen nohaken an nach e puer Informatiounen abréngen, fir dass Der Iech vläicht fir eng nächst Sëtzung méi mat deem Dossier kënnt beschäftegen. Well mir hunn awer hei Suen ausgi fir en Terrain, op deem mer, de facto, net wëssen, wat domadder leeft.

Den Här Schwachtgen hat an der Sëtzung 2020, wou ech schonn änlech Froe gestallt hunn, gesot, dass et eng mëndlech Confirmatioun gëtt vum virege Besëtzer, dass hien no dräi Joer den Terrain géif opginn. Dat wär d'lescht Joer gewiescht. Dat ass net geschitt.

Et hu souguer Entrevuë stattfonnt mat Leit vum TNT, mat der Buergermeeschtesch a mat him. Wou 40 Uebstbeem geplanzt gi sinn, an da sinn déi erëm ofgeseet, erausgerappt gi vun där Persoun, déi dann do present war. Dat heescht, do geet dee Mann aktiv géint alles, wat iergendwéi ofgeschwat gëtt.

Laut dem franséische Pachtrecht, huet esou ee Pachtvertrag eng Mindestdauer vun néng Joer. Hei schéngt keen dat esou richteg ze wëssen oder ze gesinn, wou mer do dru sinn. An dass mer hei am Fong ganz aktiv sabotéiert gi vun enger Persoun, déi do all Joer och Fudder aséit an dat ginn da vu Sub-Unternehmen recoltéiert.

An nom franséische Pachtrecht ass et esou, dass wann eng Untervermietung stattfënnt – an dat misste mer menger Meenung no iwwerpréiwen. An dat ass ganz kloer meng Fro un Iech: Kënnt Der dat iwwerpréiwen, bis eng nächst Sëtzung. Geschitt hei eng Sous-location? Wann dat de Fall ass, an et ass, nom Artikel L411-35 vum Gesetz a Frankräich, eng Sous-Locatioun, da kann de Pachtvertrag opgeléist ginn.

An amplaz, dass mir eis un der Nues ronderëm féiere loossen, wär et vläicht un der Zäit, dass mir do géifen intervenéieren. Well mir hunn deen Terrain do kaf, a mir hunn deen Terrain kaf mat enger gewësser Perspektiv. Och wann elo den TNT, anescht wéi an engem Artikel am Tageblatt am September, kee Plang huet, an iergendeng Richtung ze goen. Et wär jo am Fong flott gewiescht, wann een do d'Grenzen hätt kënnen ophiewen a wierklech eng Kollaboratioun hunn.

Mee et wär awer wichteg, wa mer elo do géife weiderkommen an eppes mat deem Terrain maachen. An net just Sue mussen investéieren, fir d'Altlasten opzeschaffen a fir de Rescht un der Nues erëmgefouert ze ginn.

Ech géif elo net nach méi an den Detail goen, ech hätt nach eng Rei Froen dozou. Mee ech géif Iech einfach emol froen, Iech vläicht méi nach mam Dossier ze beschäftegen, dass een dat an enger nächster Sëtzung kéint méi zum Theema maachen. Well ech mengen, dass dat doten net à la légère ze huelen ass, wat do am Moment ‚net' geschitt, souzesoen, a wat de virege Besëtzer sech vu Rechter hëlt op deem Terrain. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Mir wäerten op jidde Fall vun der Geleeënheet profitéieren, eis do genau schlau ze maachen. Ech kennen déi franséisch Gesetzgeebung a Relatioun mat engem Contrat de bail mat engem Agronom och net. Mee mir wäerten eis deementspriechend doriwwer informéieren. An da kucke mer, wéi den Ist-Zoustand ass. D'nächst Sitzung wäerte mer Iech, wa mer och vläicht keng Äntwert hunn, fir den 18. Dezember, dann hale mer et awer lieweg a mer sichen no enger Äntwert, fir Iech do eng Äntwert drop ze fannen. Nee, et ass net esou einfach.

Den Här Cillien hat eng Fro ugemellt. Här Cillien, wannechgelift.

**ERIC CILLIEN (DP):**

D'Fro ass par rapport zu der Fermeture zu Nidderkuer vun deem Carrefour. Do si jo och d'Post-Servicer gewiescht. Wéi deemools d'Post zu Nidderkuer zougemaach ginn ass, war mer verséchert ginn, datt do eppes anescht géif geschafe ginn. Dofir war dee Postpoint jo och dohikomm. An et gouf och deen op der

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *trouve les réponses trop vagues et apporte des informations supplémentaires.*
*Il rappelle qu'en 2020, monsieur Schwachtgen avait mentionné une confirmation verbale du précédent propriétaire de libérer le terrain après trois ans, ce qui n'a pas été respecté.*
*Il évoque également des rencontres entre le TNT, la bourgmestre et le propriétaire, où quarante arbres fruitiers plantés ont ensuite été arrachés par l'occupant du terrain. Gary Diderich affirme qu'une personne agit activement contre tout ce qui a été convenu concernant le terrain à Saulnes.*
*Il souligne que, selon le droit français du bail rural, un contrat de location a une durée minimale de neuf ans, information qui semble méconnue des responsables communaux.*
*Il dénonce une situation où la commune est activement sabotée par une personne qui sème du fourrage chaque année, récolté ensuite par des sous-traitants. Gary Diderich demande explicitement à la commune de vérifier s'il existe une sous-location, car, selon l'article L411-35 de la loi française, une telle pratique permettrait de résilier le bail. Il estime qu'il est temps d'intervenir plutôt que de se laisser mener par le bout du nez.*
*Il rappelle que ce terrain a été acheté dans une perspective précise et que, même si le TNT n'a pas de projet défini contrairement à ce qu'indiquait un article du « Tageblatt », il serait important d'avancer et de faire quelque chose avec ce terrain plutôt que d'investir uniquement dans l'assainissement.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *remercie pour ces informations et assure que le collège échevinal profitera de l'occasion pour se renseigner précisément sur la situation. Il reconnait ne pas connaitre la législation française en matière de baux agricoles, mais promet d'examiner l'état actuel de la situation. Il s'engage, même sans réponse définitive pour la séance du 18 décembre, à garder le dossier actif et à chercher une solution.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *pose ensuite une question concernant la fermeture de « Carrefour » à Niederkorn, où se trouvaient également des services postaux. Il rappelle que, lors de la fermeture de la poste de Niederkorn, on avait promis une solution alternative, d'où l'installation du point postal chez « Carrefour » et à la station-service « Shell », tous deux désormais fermés.*
*Il demande si la commune prévoit de contacter la Poste pour rétablir un service à Niederkorn, car se rendre à Differdange pose des problèmes de stationnement et les horaires d'ouverture y sont inadaptés pour les personnes qui travaillent.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *confirme avoir remarqué la présence antérieure d'un point postal lors d'une visite dominicale pour prendre des photos. Il assure que la commune est en négociation avec le nouvel exploitant et que le collège échevinal n'oubliera pas le point postal, considéré comme une plus-value pour les habitants du quartier, d'autant que l'ancien commerce était ouvert sept jours sur sept jusqu'à 20 h ou 21 h. Il promet d'inclure cette question dans les discussions contractuelles.*

**CLAUDE OLTEN (CSV)** *informe monsieur Cillien qu'il est actuellement possible de déposer des colis à l'épicerie de la rue de Longwy.*

**ERIC CILLIEN (DP)** *remercie monsieur Olten pour cette information.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *propose, en l'absence d'autres questions, de passer à la séance non publique.*

Shell-Tankstell zu Nidderkuer, deen et och net méi gëtt.

Do wollt ech nofroen ob à moyen terme virgesinn ass, datt do erëm eppes kënnt. Oder ob Der kënnt mat der Post e Pourparler ophuelen, fir ze kucken, datt do erëm eppes hikënnt op Nidderkuer.

Well fir bis op Déifferdeng ze kommen – éischtens ass keng Parkplaz bei der Déifferdenger Post, zweetens huet déi Déifferdenger Post Ouvertureszäiten, déi absolutt kengem normal schaffende Bierger entgéintkommen. Dat heescht: Et wier flott, wann erëm ee Postservice zu Nidderkuer géif ugebuede ginn. Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Et ass eis och opgefall. Ech sinn net esou kënneg do an deem Eck, mee wéi ech sonndes do war, fir eng Foto ze maache fir an eng Broschür, ass mer och opgefall, du war awer nach op, dass do e Point POST war. Mir sinn a Verhandlunge mat deem neien Exploitant. A mir wäerten un dee Point POST och denken, well et awer eng Plus-value ass fir d'Leit, déi an deem Eck do wunnen. D'autant plus de Virgänger siwen op siwen Deeg op war, alt bis owes aacht, néng Auer, hunn ech emol gelies op der Dier, wéi ech kucke gaange sinn. Mir wäerten dat an d'Gespréich bréngen. Och kucken, dass mer dat mat an de Kontrakt kréien, dass d'Leit dee Point POST op där Plaz kënne behalen. Ech soen Iech Merci fir déi Fro.

Dann hu mer nach den Här Olten.

**CLAUDE OLTEN (CSV):**

Ech wollt dem Här Cillien dorobber äntwerten. An der Rue de Longwy, wou déi Epicerie ass, do kann een am Moment awer Päck ofginn. Just als Informatioun. Do kann ee Päck ofginn. Dass eppes aneschters en place ass. Dat weess ech emol.

**ERIC CILLIEN (DP):**

Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Wann et keng Froe méi dozou gëtt, géife mer an d'Séance non-publique iwwergoen. Wann eisen Techniker eis dat erlaabt.



# MÉRITE SCOLAIRE

La Ville de Differdange accorde une prime de réussite (subside) aux élèves de l'enseignement secondaire ainsi qu'une prime semestrielle et, le cas échéant, une prime de mérite aux étudiants de l'enseignement supérieur. Les règlements communaux ainsi que les formulaires de demande se trouvent sur differdange.lu.

Seuls les dossiers complets et présentés dans le délai prescrit seront pris en compte.

Délai pour l'enseignement secondaire : 1er novembre 2025.

Délai pour l'enseignement supérieur : 31 décembre 2025.

# SMARTCAFÉ

**Aide individuelle personnalisée pour les smartphones, téléphones mobiles ou tablettes dans une atmosphère détendue.**

Tous les lundis de 14 h à 16 h au département du vivre-ensemble | 16-18, avenue de la Liberté à Differdange.

Vous avez des questions sur vos appareils numériques ou vous souhaitez simplement en savoir plus sur votre smartphone ou votre tablette ? Nous vous invitons à participer au SmartCafé.

Lors du SmartCafé, vous pouvez poser vos questions dans une atmosphère détendue et recevoir un soutien individuel de la part des conseillers numériques de la Ville de Differdange et de GoldenMe. Vous bénéficierez d'un accompagnement individuel de 45 minutes, pendant lesquelles les conseillers se concentreront entièrement sur vos préoccupations.


**Inscription gratuite et obligatoire :**

Christina Ribeiro
Tél. : 58 77 1-1578
cristina.ribeiro@differdange.lu

Anabel Machado
Tél. : 58 77 1-1572
anabel.machado@differdange.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil




# Vous accueillez du public ?

# Rendez vos lieux plus accessibles avec le soutien financier de l'État.

L'accessibilité est une **obligation légale**. En rendant vos locaux accessibles, vous améliorez l'accueil de tous vos visiteurs — tout en bénéficiant d'une **aide financière de l'État**.

Jusqu'à **24.000 € d'aides** pour financer 50 % des coûts :
Travaux, conseils, expertises

**Bâtiment existant ?** Votre dossier doit être déposé au plus tard le **1er juillet 2028** sur **MyGuichet.lu**. Les travaux doivent être terminés avant le **1er janvier 2031**.

---

Accessibilité
Infrastructure

**Plus d'informations:**
**accessibilite.lu**

SAVE THE DATE

3e ÉDITION

# iRun

**Quand ?**
14 septembre 2025
Début : 14 heures

**Où ?**
Hall O
Rue Camille Gira
L-4624 Oberkorn

**i = Inclusion**

**La course pour tous.**
**A allure libre.**
**Pour les personnes avec des besoins spécifiques**
**Tous les moyens de transport ou d'aide sont autorisés.**

steelrun.lu/irun

**Comment puis-je m'inscrire ?**
J'envoie un e-mail à irun@differdange.lu

Inscription jusqu'au 7 septembre 2025.
L'inscription est gratuite.

Inscription en équipe ou inscription individuelle
Équipe = 1 à 5 personnes :
(au moins 1 personne ayant des besoins spécifiques).

Chaque participant reçoit un cadeau.

Ville de Differdange

**Plus d'informations**
Tél. 58 77 1-1558 ou 58 77 1-1560
steelrun.lu/irun